

Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Patrick Santer), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber

(par M. Théo Stendebach), Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Haupt), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jeannot Belling), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes) et John Schummer.

Déi Affär ass gekläert. Da stëmme mer elo of iwwert de Gesetzesprojet 5205 wéi e virläit a wéi en duerch de Berichterstatter virgestallt ginn ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-, 18 Neen-Stëmmen a 6 Abstentounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Nicolas Strotz), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Théo Stendebach), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nico Loes), Lucien Weiler (par M. Norbert Haupt) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jeannot Belling), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch) et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Aly Jaerling (par M. Fer-

nand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Kolleginnen a Kollegen, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.45 heures)

Ordre du jour

5250 - Débat d'orientation sur l'égalité des chances entre femmes et hommes: suivi des initiatives parlementaires

(Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine - Débat - Motions et résolution - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs et Anne Brasseur, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendeng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer eng Debatt iwwert d'Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwé bis elo déi Dammen Arendt, Err, Nagel, den Här Colombero, déi Damme Reuter, Frank, Mutsch an den Här Jaerling. D'Wuert elo de Rapporteur vun der Debatt, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

5250 - Débat d'orientation sur l'égalité des chances entre femmes et hommes: suivi des initiatives parlementaires

Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut, dräi Méint virum Enn vun deser Legislaturperiod, ass de Moment komm fir Bilan ze zéien, an zwar iwwert d'Aarbecht, déi an de leschte Joren zu Gonschte vun de Fraen an der Chancëgläichheet gelescht gouf.

Vill wichteg Theme sinn hei an de vergaangene Joren diskutéiert ginn, sief dat iwwert d'Fraebedelegung bei de leschte Wahlen, d'Violence domestique, de Gender oder d'wirtschaftlech an d'sozial Situatioun vun der Fra. All dës Debat-

ten hunn intensiv dozou bäigedroen, fir d'Situatioun vun de Fraen an der Gesellschaft ze verbesseren.

Tëschent 1996 an dem leschte Joer sinn der Regierung iwwert de Wee vu Motioune méi wéi 80 Recommandatioune gemaach ginn. Wa se och net all emgesat gi sinn, sou kann een awer feststellen, dass d'Impulser zur Gläichheitspolitik vun der Chamber an der Regierung gréisstendeels hiren Nidderschlag fannen.

Ech wéilt nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass d'Gesetzer, déi vun der Chamber gestëmmt ginn, de Fundament vun der Gläichheet duerstellen, ouni déi d'Gläichheet sech net verwierleche kann. Ouni de legislative Wee si keng Verbesserung fir Chancëgläichheet fir ons Frae méiglech. Ouni Gesetzer kënn kee Changement.

Wéi mir mat der Preparatioun vun dësem Débat an der Kommissioun ugefaangen hunn, hu mer eis d'Fro gestallt, wéi ee Schwiéerpunkt a puncto Fraepolitik een dëst Joer belichte kéint. Well mir ons wéi scho gesot um Enn vun enger Legislaturperiod befannen, si mer zur Konklusioun komm, déi vill Aarbecht, déi an dësem Domän gelescht ginn ass, nach eng Kéier ënnert d'Lupp ze huelen. Et huet eis deemno an der Kommissioun wichteg geschéngt, dëst Joer e Suivi iwwert d'Motiounen ze maachen, déi am Kader vun de fréieren Debatten an der Chamber gestëmmt goufen. Wa mer all eenzel Motioun wëllen durchhuelen, da geet d'Zäit vun dësem Mëtteg bäi wäitem net duer. Ech wäert mech also op dat eent oder dat anert Thema focaliséieren, dat mir als besonnesch wichteg erschéngt.

Am Kader vun den Orientéierungsdebatten aus dem Joer 1997 ass et

ëm d'Fraen an der Aarbechtswelt gaangen. Haut, am 21. Jorhonnert, gëtt et um Aarbechtsmaart nach ëmmer Diskrepanzen tëschent de Geschlechter. Ee Moyen, fir d'Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer an der Aarbechtswelt ze promouvieren, sinn d'Mesures positives, déi duerch d'PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999 hire legale Kader kruten. Dës Moossnamen adresséiere sech un de private Sektour a gi finanziell vum Fraeministère ënnerstëtzt, wann d'Entrepreneuren an d'Promotioun vun der Gläichheet innerhalb vun hire Betriber wëllen investéieren, zum Beispill um Niveau vum Recrutement oder der Vereenbarkeet vu Familljen a Beruff.

E gutt Beispill heifir sinn Dexia-Bil an d'Firma Siemens, déi dëst Joer mam Fraeförderungspräis vum Ministère de la Promotion féminine ausgezechent ginn, well si sech konsequent beméien, Fraen a Féierungspositiounen ze stellen. Dës Moossname si berechtigt, well d'Fraen op dem Aarbechtsmaart generell ënnerrepräsentéiert sinn, hir Carrièresperspektive bäi wäitem net esou gutt sinn, a si am Duerchschnëtt nach 12% manner verdénge wéi hir männlech Kollegen.

En anere wichteg Moyen, fir Chancëgläichheet ze promouvieren an d'Ongerechtegkeeten um Aarbechtsmaart ze eliminéieren, sinn déi vill Informatiounscampagnen, déi organiséiert ginn. De Fraeministère schafft enk mat deene verschiddenen anere Ministären zesummen, mat de Beruffschamberen, der ADEM an anere wichtege Acteuren an dësem Beräich. De Ministère de l'Éducation nationale organiséiert säit e puer Joer mat der Hëllef vu verschiddene Fraenorganisatiounen wéi zum Beispill „Femmes en détresse“, oder „Initiativ erëm schaffen“ speziell Formatiounen fir Fraen, déi op der Sich sinn no enger neier Aarbechtsplaz, a besonnesch fir déi, déi no enger längerer Ennerbriechung erëm op den Aarbechtsmaart zrëckkomme wëllen. Dës Moossnamen hunn als Zil, Fraen op der Sich no enger neier Aarbecht ze encadréieren an ze beroden.

D'Wiel vum spéidere Beruff ass ganz enk un déi schoulesch Educatioun gebonnen. De schoulesche Wee vu ville Meedercher

ass nach ëmmer op déi sou genannten typesch Fraeberuffer axiéiert. An de leschte Méint sinn eng Rei vun Informatiounscampagnë lancéiert ginn, fir de Meedercher respektiv de Fraen déi nei technologesch Kommunikatiounsmëttelen méi no ze bréngen, respektiv fir si ze encouragéieren, och a sou genannte Männerberuffer eranzegoen.

De Choix scolaire vun de Meedercher ass zu engem groussen Deel nach ëmmer klassesch an traditionell. Natierlech wierkt sech dee Choix scolaire op hir Berufscarrière a selbstverständlech dann och op hire spéidere Salaire aus. D'Kommissioun ass deemno der Meenung, dass d'Regierung sech nach méi wéi bis elo am Kader vun der professioneller Ausbildung vun de Frae misst asetzen, fir hinnen e gréissere Choix u Formatiounen unzëibidden, an zwar ausserhalb vun deenen traditionelle weibliche Beruffer.

Niewent enger zolider Grondausbildung ass natierlech d'Weiderbildung och e Piller, fir am Beruff virunzekommen. Hei muss de Fraen awer och d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir un esou Weiderbildungs-moossnamen deelzehuelen, an zwar zu Zäiten, déi och mam Familljeliewe kompatibel sinn.

Am Joer 1999 hu mer iwwert d'Fraen an de Féierungspositiounen diskutéiert. Ech wëll hei ervirhiewen, dass am öffentlechen Dëngscht ganz vill Effortë gemaach goufen, fir ëmmer méi Fraen op héich verantwortungsvoll Féierungspositiounen ze setzen, an zwar haaptsächlech an der Kultur an am Enseignement. Wa mir eis awer elo d'Situatioun am Privatséktour ukucken, da kënnen mir feststellen, dass Fraen, obwuel se en Taux d'activité vun iwwer 50% duerstellen, a Féierungspositiounen nach ëmmer eng Ausnahm sinn. Dës Situatioun wäert sech an Zukunft lues a lues änneren, well et sinn ëmmer méi Responsabel bereet, de Fraen hir Avantagen, wéi zum Beispill hir sozial Kompetenzen, am Hibleck op Décisiounsposten unzëerkennen.

Vill Meedercher hu besser Resultater op den Universiteiten, an dach gesäit een der spéider wéineg op Décisiounsposten erëm. Et gëtt och nach ëmmer wéineg Fraen, déi hir eegen Entreprise créieren. Trotzdem ass d'Tendenz steigend. Och géllt et Iwwerzeegungs-aarbecht ze leeschten an d'Fraen ze motivéieren, sech selbstänneg ze maachen. Ech géing dofir an deem Sënn eng Motioun ofginn.

(La motion 1 sera déposée ultérieurement par Mme Nancy Arendt.)

Wa mir vu Fraen op Décisiounspostë schwätzen, komme mir natierlech net dolaanscht, och e Blook op d'Politik ze werfen. D'Tat-saach, dass d'Zuel vun de Fraen an der Chamber säit 1965 vun enger Deputéiert op zwielef eropgaangen ass, oder dass d'Frae säit 1989 ouni Ennerbriechung an der Regierung vertruede sinn, soll awer net vergiesse loosse, dass d'Politik zu engem groussen Deel nach ëmmer vu Männer dominiéiert gëtt.

Ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Kommissioun eng Rei vu Recommandatioune gemaach huet, wéi ee Fraen um politeschen Niveau fördere kéint. Bei verschiddenen Debatte goufen dofir Motiounen gestëmmt. Wéi et dunn zur Reform vum Wahlgesez komm ass, war den ideale Kader gestallt ginn, fir dës Motiounen a Suggestiounen ëmzesetzen. Leider ass awer konkret näischt fir d'Fraen erauskomm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eng besser Bedeelegung vun de Fraen um Décisiounsprozess ze erreechen, gëtt et zwee wichteg Mëttelen: d'Éducatioun an d'Formatioun. D'Erzéiung ass een éischte Schrëtt an d'Richtung vu Gläichheet tëschent Mann a Fra. Si muss vu klengem un eis Kanner op eng Gesellschaft virbereeden an där Gläichheet tëschent Mann a Fra keng Theorie, mä Praxis ass. D'Jongen an d'Meedercher musse vun der Primärschoul u geléiert ginn, dass jiddfer Mënsch datselwecht wäert ass, datselwecht leeschte kann, an dass keng Aarbecht nëmme fir ee Geschlecht ass.

Op dësem Niveau ass an de leschte Jore vill geschitt. An der Stad Lëtzebuerg zum Beispill huet all Enseignant eng Formatioun vun annerhallwem Dag zu dësem Thema suivéiert. Ausserdeem ass op der Uni Lëtzebuerg zënter engem Joer e Module iwwer Pédagogie du genre an d'Formatioun vun zukünfte Léierpersonal integréiert ginn, grad wéi och d'Formation continue. D'Coursë fir dës Formation continue sinn awer leider net obligatoresch. Well déi Formatiounen, déi am Moment op der Uni Lëtzebuerg ugebuede ginn, awer hir Friichten eréischt an Zukunft wäerten droen, ass d'Kommissioun der Meenung, dass weider Effortë mussen ënnerholl gi fir d'Situatioun an de Wëssensstand vum aktuelle Léierpersonal an deser Problematik ze verbesseren.

Net nëmmen am Primär, mä och am Postprimär gouf versicht déi Jugendlech fir déi verschidden Inegalitéiten tëschent de Geschlechter, déi an der Gesellschaft bestinn, ze sensibiliséieren. 10.000 Exemplaire vun der Broschür „Droits égaux pour filles et garçons, femmes et hommes“ goufen an deene verschiddene Lycéee verdeelt. Si soll als Basisreferenz fir de Cours d'instruction civique geholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll an deem Kontext drop opmierksam maachen, dass d'Egalitéit tëschent Mann a Fra nach ëmmer net an eiser Constitution verankert ass. Eis Kommissioun hat eng Propos gemaach, déi och de Conseil national des femmes iwwerholl huet, grad wéi d'Commission des institutions, déi dës Versioun - wann och a liicht ëmgeännerter Form - ugehall huet. Den Text läit zënter dem Mee d'lescht Joer beim Statsrot, an ech huelen un, dass en deemnächst wäert aviséiert ginn. Et ka jo schliesslech net esou sinn, dass mer elo aner Prioritéite bei den Aschreiwungen an eis Constitution setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Jore gesinn hu mer oft driwwer diskutéiert wat ee maache ka fir eng besser Conciliation tëschent Familljen- a Berufsliewen ze erreechen. De Congé parental ass zum Beispill esou eng positiv Mesure, déi et erlaabt d'Familljen- an d'Berufsliewen ënnert een Hutt ze kréien. Ech wëll net weider an den Detail vun deem Punkt agoen, dat mécht duerno meng Parteikollegin Nancy Arendt.

An deemselwechte Kontext wëll ech nach eng Kéier déi excellent Aarbecht vum Éducationnsministère am Beräich vun der Éducation précoce ervirhiewen, déi an der Populatioun ëmmer méi an Usproch geholl gëtt. Och wëll ech net vergiessen, dass et de Stat ass, deen déi verschidde Gemenge finanziell ënnerstëtzt wann et drëms geet, d'Éducation précoce an hire Gemengen ze instauréieren. Leider hu verschidde Gemenge Problemer de Précoce bei sech an der Gemeng unzebidden. Hei besteet also nach e gewëssenen Handlungsbedarf.

Ech wollt dann zu engem Punkt kommen, deen öfters a verschiddenen Debatten ugeschwat gouf an iwwert dee mer am Joer 2001 eng Orientéierungsdebat gefouert hunn: d'Violence domestique. Am Laf vun de leschte Joren huet de Fraeministère an Zesummenaarbecht mat verschiddenen Organisationseng Informationscampagne zum Thema Violence domestique gemaach. Déi verschidde Medie goufe genotzt fir de grouse Public op dës Problematik opmierksam ze maachen. Esou ass nach kierzlech eng Campagne d'affichage an alle städtesche Bussen an um Réseau vun der CFL gelaf. D'Kommissioun ass awer der Meenung, dass dës Informationscampagnen nach méi percutant misse gi fir all Awunner hei am Land iwwert dat Gesetz ze informéieren a kloerzestellen, dass och Leit aus anere Kulture sech hei zu Lëtzebuerg un dat Gesetz ze halen hunn.

D'Orientéierungsdebat aus dem Joer 2001 huet sécherlech derzou bäigedroen, dass d'lescht Joer de Gesetzesprojet ausgeschafft gouf. Bemierkenswäert ass och, dass d'Gesetz iwwert d'Violence domestique de 15. Juli 2003 gestëmmt ginn ass mat enger Majoritéit vun 59 Stëmmen an enger Abstentlioun. D'Gesetz betrëfft generell Gewalt an der Famill, dat heescht Gewalt vun engem op deen anere Partner oder Partnerin, ob bestuet oder net, vun den Elteren op d'Kanner a vu Kanner op Elteren an esou weider. Och Männer kënnen Gewalt erliewen a fale selbstverständlech ënnert dat Gesetz. E wichtige Message vun deem Gesetz ass ouni Zweifel, dass d'Gewalt an der

Famill keen Tabuthema méi ass, dass d'Gesellschaft déi Gewalt net méi akzeptéiert. D'Affer vun häuslecher Gewalt - meeschtens Fraen a Kanner - kënnen elo geschützt ginn.

Et sinn elo véier Méint hier, dass dëst Gesetz a Kraaft getrueden ass. 64 Männer goufen an dëser kuerzer Zäit scho vun doheem ausgewisen. Dat ass eng erschreckend héich Zuel an iwwertreëft all Estimatiounen, déi am Virfeld vun deem Gesetz opgestallt goufen. Et werft awer och en alarméierend Liicht op ons Gesellschaft an op ons Familljen. Dir gesitt, et war also net vu Muttwëll, dass mer dat Gesetz an der Chamber gestëmmt hunn, wou dach esou vill Stëmmen der Meenung waren, dass dës Problem an der Gesellschaft net esou present ass wéi ëmmer behaupt gëtt an dass esou e Gesetz iwwert d'Violence domestique net noutwendeg gewiescht wär.

De positiven Echo iwwert dëst Gesetz, dee mer vun de verschiddenen Associatiounen kritt hunn, déi um Terrain aktiv sinn, bestätegt mech an och vill aner Leit heibanen, dass mer d'lescht Joer an déi richteg Richtung gaange si fir de Schutz vun de Fraen, mä och vun de Kanner am Fall vun häuslecher Gewalt ze verbesseren. Dës Wegweisungen, déi mir bis haut ze verzechnen hunn, stellen awer och 64 Familljeschicksaler duer. De Service d'assistance aux victimes de violence, deen am Kader vum Gesetz vum 15. Juli 2003 geschafe gouf, këmmert sech ëm déi Fraen an hir Familljen, déi Affer vun häuslecher Gewalt goufen. Si ënnerstëtzen d'Affer souwuel um psychologesche wéi och um juristeschen Niveau. Si maachen ausserdeem vill Déplacementer um Terrain an assuréieren e gewëssene Suivi vun de betraffene Fraen. Dës Service d'assistance aux victimes bréngt e groussen Zäitopwand mat sech an ass un de Limité vu senge Capacitéiten ukomm.

Datselwecht gëllt fir d'Foyers d'accueil pour femmes battues. Och hei sinn d'Kapassitéiten iwwerschratt, an anscheinend stinn esouguer Frae mat Kanner op enger Waardelescht. Dës Zuele beleeën, dass häuslech Gewalt laang en Tabuthema war, dat vun der Gesellschaft ignoréiert gouf. Eréischt dëst Gesetz huet ville Frae Mutt gemaach, fir aus dem Däiwelskrees vun der Gewalt ze flüchten. Och waren et dacks Noperen, déi Kenntnis vun deem Gesetz hatten an d'Police kontaktéiert hunn, fir Fraen aus hirer schlimmer Situation ze befreien. Ech wollt nach eng Kéier rappeléieren, dass d'Leit vun der Police an de Parquet ganz speziell Formatiounen duerchlafen, wou se geléiert gi wéi ee sech bei dësen heiklen an heiansdo och geféierlechen Asätz ze verhalten huet. Fir dass mer och weider dës Fraen hëllef kënnen, musse mer déi bestehend Strukture verstärken oder ausbauen, well en d'Impressioun huet, dass dës 64 Fäll nëmmen d'Spëtzt vum Äisberg sinn an nach vill Frae wäerten an Zukunft nokommen.

Ech wëll och drop opmierksam maachen, dass d'Associatioun Femmes en détresse net genuch Moyenen a Personal huet fir sech méi speziell ëm d'Kanner ze këmmern, déi jo bekanntlech am meeschten ënnert dëser Situation ze leiden hunn. Ech wäert dofir an deem Sënn eng Motioun iwwerreechen.

(La motion 2 sera déposée ultérieurement par Mme Nancy Arendt.)

Och muss ee bedauern, dass no eisen Informatiounen keng speziell Formatioun, wéi mir se gefrot hatten, fir Generalisten a Pédiateren offréiert gëtt, déi et hinnen erlabe géif, am Fall vun der Feststellung vun häuslecher Gewalt besser kënnen ze reagéieren.

Bei all deene Mesuren därfer een net vergiessen, dass och d'Täter eng adequat Betreung brauchen,

fir dass net bei där nächster Fra oder Frëndin deeselwechten Drama erëm vu vir ufänkt a mer dann net vill mat dem Gesetz erreecht hunn.

Dofir gouf den 1. Dezember 2003 eng Täterhotline agericht, un déi sech gewalttätig Männer riichte kënnen, déi aus dem Däiwelskrees vun der Gewalt erauskomme wëlen. Dës Projet leeft am Kader vum europäesche Programm Daphne, an och parallel an Ueweréisträich an an der Émgéigend vun Hamburg. Männer ginn hei an der gréisster Confidentialitéit vu speziell ausgebildete Persounen betreit. An dësen dräi Länner goufe bis den 31. Dezember 2003 18 Uruff entgéintgehall, dovun zwee vun Agresseuren aus Lëtzebuerg. Ech wëll hei drop hiweisen, dass Lëtzebuerg, grad wéi Éisträich, an deem Beräich absolut Pionéieraarbecht a ganz Europa geleescht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zum Schluss vu menger Interventioun nach e puer perséinlech Iwwerleeunge maachen. Dir gesitt, et ass vill fir d'Fraen an de verschiddenen Domänen ënnerholl ginn, fir hinnen déiselwecht Chancen an eiser Gesellschaft ze bidde wéi de Männer. Dobäi dierfe mer awer net déi Schwächst vergiessen, nämlech eis Kanner an eis al Leit.

Et ass un der Zäit, fir och emol Iwwerleeungen unzestellen awéiwäit dem Wuel vum Kand an all deem Rechnung gedroe gëtt. Ass et gutt fir e Kand, dass et moies fréi aus dem Schlof gerappt gëtt, fir sech esou den Horaire vum Berufsliewen unzepassen? E Kand ass kee klengen Erwuessenen, an huet natierlech och ganz aner Bedürfnisser. Ass et gutt fir e Kand, wann et als Bébee fréizäiteg dee ganzen Dag iwwer vun der Mamm getrennt ass, ouni deen dach esou wichtige Kierperkontakt? Sinn do net emotional Defiziter virprogramméiert? Och net fir all Schoulkand ass eng ganz Dagesbetreung oder ëmmer an engem Grupp ze si vu Virdeel. Et muss der Perséinlechkeet vun all Kand Rechnung gedroe ginn. Et därfer keen an e bestëmmte System eraforcéiert ginn. Och musse mer eis Gedanke maachen iwwer all déi verhaltensgestéiert Kanner, wou net nëmmen d'Zuel, mä och d'Gravitéit vun de Fäll zouhëlt.

Zu den eelere Leit erlaabt mer nach e Wuert. D'Europäesch Kommissioun huet an hirem Rapport 2004 festgehalen: « Eu égard au vieillissement de la population, il faut faire des possibilités de garde d'autres personnes dépendantes une priorité nationale ». Déi national Prioritéit dierf net an den Hannergrond gedrängt ginn. Ons al Leit hunn e Recht op Zouwendung a Respekt, well eist Land hinne vill ze verdanken huet. De Professor Robert Theis vun der Uni Lëtzebuerg huet bei Geleeënheet vun engem Seminaire gewarnt virun engem Wiessel vum Paradigma vun der Nächstelëit, zum Paradigma vun der Professionaliséierung an zwar duerch eng ëmmer méi grouss Individualiséierung vun eiser Gesellschaft. Aus iwwerdrifwenem Individualismus gëtt ganz schnell Egoismus, well kee sech méi fir deen anere verantwortlech fillt, an domat ëmmer méi Gläichgültigkeet an och Gewalt ervirbruecht gëtt, sief dat an der Famill, an der Schoul, op der Strooss, am Émgank mateneen.

Eng Remarque zum Schluss zu de Fraen an der Politik. Um politesche Plang sinn d'Frae lues mä sécher am Virmarsch. Mä och do musse mer eis bewusst sinn, dass nëmmen e konsequente Asaz, vill Aarbecht, vill Zäit, Ausdauer a perséinlechen Engagement kënnen zum Zil féieren. D'Konditiounen vun

der politescher Stee sinn nämlech déiselwecht fir d'Frae wéi fir d'Männer. Mir kréie keng Cadeauë gemaach, well mir Frae sinn. Lamentéiere bréngt et net, mä jiddereen ass perséinlech gefuerdert. Mir hunn eis Chancen, also gëllt et se ze notzen.

Merci.

M. le Président.- Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëll am Numm vu menger Fraktioun protestéieren dergéint, dass d'Madame Rapportrice, déi jo eigentlech d'Stellungnahm muss hei ofgi vun der Kommissioun, dat heescht d'Debatten erëmspigele vun der Kommissioun, Motiounen während hirem Rapport déposéiert am Numm vun der Majoritéit.

D'Madame Arendt hätt dat jo kënnen maachen, selbstverständlech am Numm vun der Majoritéit, mä ech mengen, et ass net Usus, laut eise Reglement, dass e Rapporteur eng Motioun déposéiert am Numm vun der Majoritéit, währenddeem wou en de Rapport virdréit.

Dofir fannen ech dat keng glécklech Aart a Weis wéi d'Madame Nicklaus hei virgaangen ass.

M. le Président.- Déi éischt Diskussiounsriednerin ass d'Mme Nancy Arendt. D'Mme Arendt huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Nancy Arendt (CSV).- Här President, ech géif déi zwou Motiounen da wëllen a mengem Numm déposéieren, wann déi gréng Fraktioun dat géif erlaben.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la facilitation de l'accès au financement peut contribuer à une implication plus importante des femmes dans la création et la gestion d'entreprises;

- constatant que le Comité de coordination tripartite a mis en place un groupe de travail sur le sujet des femmes créatrices d'entreprises dont les premières réunions de concertation ont déjà eu lieu au courant de l'année 2002;

invite le Gouvernement

- à informer la Chambre des Députés des résultats éventuels retenus par le groupe de travail mis en place par le Comité de coordination tripartite;

- de lancer une campagne de sensibilisation concernant la création d'entreprise par des femmes.

(s.) Nancy Arendt, Jeannot Belling, Marie-Josée Frank, Maggy Nagel, Ferny Nicklaus-Faber.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- constatant que la loi du 8 septembre 2003 sur la violence domestique constitue un instrument efficace en matière de protection des victimes de violence domestique;

- constatant que depuis l'entrée en vigueur de ladite loi, le nombre de personnes expulsées de leur domicile ne cesse d'augmenter;

- constatant que les capacités de logement dans les services d'hébergement pour femmes et enfants en situation de détresse sont épuisées;

- constatant que, dans la majorité des cas, des enfants sont les victimes directes ou indirectes de la violence domestique;

- considérant que ces enfants ont également besoin d'un encadrement spécifique;

invite le Gouvernement

- à donner aux associations dirigeant les différents services d'assistance aux victimes de violence domestique les moyens nécessaires afin qu'ils puissent, d'une

part, augmenter leurs capacités d'accueil pour les victimes de violence domestique, et, d'autre part, mieux intégrer les enfants dans le cadre d'une prise en charge adaptée.

(s.) Nancy Arendt, Marie-Josée Frank, Maggy Nagel, Ferny Nicklaus-Faber, Marco Schank.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter 1996 organiséiere mer all Joer en Débat zur Fraenthe-matik, deen dozou bäidroe soll e méi spezifesch Sujet vun de Fraen ze bellichten.

Haut maache mer Réckbléck op déi vergaange Legislaturperiod, fir ze analyséiere wat alles geschafft ginn ass, mä awer och fir kritesch ze kucken, wat nach alles verbessert muss ginn, fir datt mer méi Gläichberechtigung tëschent de Fraen an de Männer op alle Gebidder hei zu Lëtzebuerg kënnen realiséieren.

Am Rapport goufen iwwer 80 Punkten ugeschnidden aus deene verschiddenste Beräicher, op déi ech leider net kann allegueren agoen. D'Rapportrice, d'Madame Ferny Nicklaus-Faber, huet dat jo och schonn am Detail gemaach an ech wëll hir vun dëser Plaz och e ganz grouse Merci soen, fir hire guddeschrëftelechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass hir ganz gutt gelongen déi Aarbecht, déi an deene leschte fënnef Joer zur Gläicheit vu Fraen a Männer realiséiert gouf, hei nach eng Kéier ervirzehiewen.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

Am Laf vun deene leschte Jore gouf e wichteg Gesetz gestëmmt, dat haaptsächlech zum Schutz vun der Fra, de Kanner, awer och a méi raré Fäll vum Mann bäigedroen huet, nämlech dat iwwert d'Violence domestique. Wann ee gesäit, wéi vill Fraen a Kanner schonns duerch dëst Gesetz protégéiert goufen, da gesäit een och d'Wichtigkeet, déi dëst Gesetz mat sech bréngt. An den Diskussiounen mat de Responsablén vum Planning familial huet een och daitlech gemierkt, datt fir si net nëmmen d'Opklärung an d'Betreiung vun den Affer am Vierdergrond stinn, mä si sinn och der Meenung, datt dem Täter muss gehollef ginn, deen an enger gewëssener Aart a Weis jo och selwer en Affer ass, mä dat net ëmmer wëllt onbedéngt agesinn. Och si mussen eng gutt psychologesch Behandlung kréien, déi et hinnen erlaabt aus hire Feeler ze léieren an der Gewaltspirale ze entfléien.

Ech wollt hei nach eng Kéier drun erënneren, wéi enorm wichteg d'Formatioun an deem Kontext ass, déi d'Leit vun der Police an dem Parquet mussen duerchlafen, wou se geléiert ginn, wéi ee sech bei dësen heiklen an heiansdo geféierlechen Asätz ze verhalten huet, an datt dës Formatiounen a kengem Fall dierfen negligéiert ginn.

Ee vun deene gréisste Problemer, fir déi mer nach keng richteg Léisung fonnt hunn, ass dee vun der Betreung vun de Kanner, déi ganz vill ënnert der haislecher Gewalt ze leiden hunn. Si, déi oft op Problemer an hire Familljen opmierksam maachen, a souguer oft déi sinn, déi zum Telefon gräife fir Hëllef ze rufen, sinn niewent de betraffene Fraen déi Leidtragend, an hunn oft nach Joren duerno Problemer dës schwierig Phas an hirem Liewen ze verschaffen.

Meng Fro un d'Familljeministesch betrëfft den Encadrement vun dëse konzernéierte Kanner, wou ech an deem Sënn eng Motioun iwwerreecht hunn. Op wéi eng Aart a Weis gëtt no hinne gekuckt? Kënn een hei net zum Beispill a Form vu Selbsthilfegruppe fir déi méi eeler Kanner eventuell eng Léisung gesinn, oder vläicht e psychologeschen Encadrement offréieren, deen et de Kanner erméiglecht mat hire schwieriger Situation ëmzegoen, oder aner Méiglechkeeten an d'A ze faassen, déi vläicht schonn am Ausland existéieren?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säitdem den Traité vun Amsterdam 1997 a Kraaft getrueden ass, géllt d'Gläichheet tëschent de Fraen an de Männer als eng prioritär Aufgab vun der Europäescher Union. Et géif der UNO no bis an d'Joer 2490 daueren, bis sech d'Gläichstellung tëschent de Geschlechter verwirkleche géif, wann een der normaler Evolution vun der Gläichberechtigung géif hire Laf loosse.

D'Iddi vum Gender, an d'Zil vum Gender mainstreaming si fir mech dofir wichtig, well si kënnen eis vläicht an der Zukunft erlabe mei schnell eng Gläichberechtigung vun de Geschlechter ze realisieren.

Den Term Gender beziitt sech op déi gesellschaftlech a kulturell Identitéit vu Fra a Mann. Dës Identitéit stellt déi sozial Differenz vum Geschlecht duer, déi duerch eng strikt Verdeelung vun de Rollen, Funktiounen a Verantwortung tëschent Männer a Frae geprägt sinn.

Déi eenzeg Méiglechkeet, fir laangfristeg d'Gläichheet tëscht de Männer a Fraen ze realiséieren, ass a mengen Aen déi, den Objectiv vun der Gläichheet an all Décisioun, an all Moosnam an an all Politik ze integréieren.

De Gender mainstreaming ass en technesch an politesche Prozess, deen d'Perspektiv vum Genre an allen Entscheidungs niveaue mat abënnt. Dës Approche geet dovun-
ner aus, datt keng Moossnam oder politesch Décisioun komplett neu-
tral ass, well se aneschers op Frae
wéi op Männer wierkt. An ee vun
den Ziler vum „gender mainstre-
aming“ ass et, dës ënnerschiedlech
Wirkungen ze korrigéieren an
d'Bedierfnesser wéi och d'sozial-
ekonomesch Realitéit vun all Bier-
ger ze betruechten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, innerhalb vum Projet „Gläichheet deelen“ gëtt e gesellschaftspolitescht Zil verfollegt, dat zur Flexibiliséierung vun der traditioneller Rolleverdeelung tëscht Fraen a Männer, Meedercher a Jonge féiere soll. All eenzelnen Individuum soll d'Méiglechkeet erhalten, jenseits vun der traditioneller Konstruktioun vun de Geschlechter seng Fäegkeeten a Potenzialen ze entdecken an ze entwéckelen. Am Plan d'action vun 1997 an am Plan d'action „Peking+5“ vun 2001 huet sech d'Regierung derzou verpflichtet, d'Dimensioun vun Genre ënner anerem an de Beräich vun der Erziehung ze integréieren.

Ee Mentalitéitswiessel ass just iwwert de Wee vun der Erzéiung méiglech. Ech war wierklech positiv iwwerrascht, wéi mer an der Kommissioun gewuer goufen, wat fir eng Efforté schonn ënnerholl gisinn, fir de Gender flächendeckend an alle Fächer, op allen Altersniveauen ze integréieren an dëst mat der Ënnerstëtzung vu bildleche Materialien, unhand vu Bicher, wou erreicht gëtt, déi stereotyp Handlungen, déi ee soss ëmmer am Liesmaterial erëmfonnt huet, ze verbesseren. Ech wëllt an dësem Kontext déi wierklech gutt Zesummenaarbecht vum Ministère de l'Enseignement supérieur an dee vun der Éducation nationale mat der Promotion féminine luewen, déi um Terrain geleescht gëtt.

D'Zil vun der geschlechtssensibler Pädagogik, zum Beispill, soll sinn-
schon am Précoce an an der
Spillschoul eng flexibel Vue vun
deenen typesche Geschlechter-
rolle méiglech ze maachen. Dat
heescht awer elo net, datt d'Mee-
dercher an d'Jonge forcéiert gi
Saachen ze maachen oder ze léie-
ren, déi se net interesséieren. Nee,
si kréien d'Méiglechkeete gebuede
verschiede Saachen auszepro-
bieren.

Wann een eppes ni gesinn oder kenne geléiert huet, kann ee sech och net bewosst derfir oder dergéint entscheiden. All Kand, ob Jong oder Meedchen, soll all seng

Méiglechkeeten daerfen entwéckelen, ouni duerch Rolleclicheén agéénkt ze ginn. Et schéngt mer den eenzege Wee ze sinn, fir d'Gleichberechtigung méi schnell an d'Wierklechkeet ëmzesetzen. Eng spezifesch Erzéiung soll selbstverständlech fachiwwergräifend sinn an daerf sech net nëmmen op d'Léierpersonal am Précoce, an der Spillschoul an am Primär begrenzen, och d'Proffen, d'Éducateuren a selbstverständlech d'Eltere mussen hiren Deel dozou bäidroen.

Ech si jo bestëmmt ee vun deene Jéngsten heibannen, mä awer sinn ech nach vun enger Generatioun groussgezu ginn, déi de Meedercher gesot huet, wat d'Fraen an d'Männer fir eng Roll an eiser Gesellschaft ze spillen hunn, wat se maache sollen a wat net, wat fir eng Beruffer fir deen een a Fro kommen an net fir deen aneren. Ech fannen, datt all Beruffer sollen op si fir jiddereen. Et ass net wichteg, ob Mann oder Fra, mä wichteg ass et, dass ee sech derfir interesséiert an een et gäre mécht.

Ech mengen, et wär schued, wann
e Land et net fäerdeg bréngt dat
Potenzial, wat an em stécht, 100%
auszenotzen, a wann ee seng Leit,
ob Jong oder Meedchen, duerch
eng ze vill ageschränkten, eesäiteg
oder ze vill traditionell Erzéiung a
senge Kapassitéiten an a sengem
Choix limitéiert a méiglech Dieren
oder Weeër vu vieren zoumécht.

E bësse schued fannen ech et och,
wéi d'Madame Nicklaus et schonn
erwähnt huet, datt dës Formation
continue an dësem Beräich net
obligatoresch ass fir allegueren
d'Enseignanten - nëmmen dat net.
Léierpersonal däerf a muss dës in-
teressant Approche mat op de
Wee huelen. Och wann an der Zäit,
trotz ville Beméiunge fir d'Erzëi-
gungspersonal a puncto d'Gen-
derpädagogik ze sensibiliséieren,
den Intérêt fir esou eng pädago-
gisch Approche geréng war, sou
sinn ech doch frou elo ze wëssen -
an d'Statistike vun de Weiderbil-
dungscoursë beweisen et och -,
datt den Intérêt vum d'Gender
hautdësdays bei den Enseignantë
wirklech grouss ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kënn mer virstellen, datt déi zukünfteg Gendergeneratioun, déi elo eruwisst, zu enger méi gläichberechtigter Gesellschaft bäidroen kann, an dat net Léierpersonal mat dëser Mentalitéit dee Wiessel, deen zu enger méi gerechter Opfaassung néideg ass, mat sech bréngt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Artikel 119 vum Traité de Rome vum 1946 ass de Prinzip vum gläiche Loun fir gläich Aarbecht scho festgehalen ginn. Leider ass dëse Prinzip eng Utopie, well nach ëmmer 12% vum Lounënnerscheed tëscht männlech an Fra mat dem Fait begrënnegt ginn, eng Fra ze sinn. Et ass och eng Tatsaach, datt haut d'Meedercher méi a besser Premieren hu wéi d'Jongen an ëmmer méi Fraleit Unisofschlöss besëtzen. Si hunn deemno theoretesch a praktesch dëselwecht Qualifikatioun wéi hir männlech Kollegen, mä leider Gottes gi se dach nach ëmmer um Aarbechtsmaart diskriminéiert.

Oft läit dat mol net esou um Fait, datt d'Frae Frae sinn, mä datt d'Fraen eventuell eng Kéier Mamm kënne ginn. Do läit fir mech déi gréissten Diskriminéierung. Wann d'Grënnung vun der Famill eng Barrière soll sinn an der beruflecher Carrière vun enger Fra, dann ass d'Léisung vun deem Problem fir mech eng vun deene gréissten Herausforderungen an der Politik. Et kann dach hautdës-dags net méi esou sinn, datt d'Fra hiert Recht op eng beruflech Carrière muss opginn, wa se Mamm gëtt a beim Mann dës Thematik mol net undiskutéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir
Hären, en anert Gesetz, wat um fa-
milljepolitesche Plang zu enger mei-
grousser Gläichberechtigung bāi-

dréit, ass dat vum Congé parental. Ech perséinlech muss soen, datt ech dat Gesetz als jonk Mamm oder fir e jonke Papp vum familjenorientéierte Plang hier als eent vun deene beschte fannen. De Congé parental ass eng familjepolitesch Moossnam, well en eng Conciliatioun tëschtent Berufsliwien a Kanerenerzéiung mécht. Eng Fra oder ee Mann kritt hei d'Geleeënheet fir sech ëm hiert/säi Kand ze bekëmmere an dat an enger ganz wichtiger Phas vun der Erzéiung vum Kand. Dese Congé ass deemno a mengen Aen eng guut Approche, déi der gesellschaftlecher Entwécklung Rechnung dréit a se positiv begleet, well se op ass fir Fra a Mann an et un der Famill selwer ass ze entscheeden, wien en huele wëllt a wien net.

Ech fannen et eng ganz wichteg Moosssnam, och aus dem Bléckwénkel vun der Familljen, well et ass jo gewosst, souwuel aus medezineschen souwéi aus éducativ. Gesichtspunkten, datt dat éischt Joer d'Kand onbedéngt am Schutz vu sengen Elteren opwuesse soll. Datselwecht zielt émsou méi fir Elengerzéiender, déi schaffe ginn. Dës Liewensform vu Fra a Kand oder Mann a Kand kéint an der heiteger Gesellschaft leider ëmmer méi oft vir.

D'Garantie de réemploi, déi mam Congé parental verbonnen ass, ass ëmsou méi wichteg, wann een sech d'Problemer virun Aen hält, déi am Moment um Aarbechtsmaart existéieren. Wa mer déi lescht Ziffere vun der Caisse nationale des prestations familiales ënner d'Lupp huelen, sou kann een feststellen, dass ëmmer méi Eleng-erzéiend vum Congé parental Gebrauch maachen. Waren et bei der Aféierung um 1. Januar 2000 nëmme 77 Stéck, sou waren et am Januar vun dësem Joer 151. Dat ass bal eng Verdueblung innerhalb vu véier Joer.

Wa mer elo d'Gesamtzuel kucken, sou goufe vum Januar 2000 bis Januar 2004 18.250 Congé-parentalé vum der Caisse nationale des prestations familiales indemniséiert. Et kann ee feststellen, dass am Duerchschnitt pro Mount 377 nei Congé-parentalen accordéiert ginn, dovunner 301 u Fraen a 76 u Männer. Wann ee sech elo d'Opdeelung vum Congé parental tëschent Mann a Fra ukuckt, sou kann een hei och eng gewëssen Evolutioun feststellen. Vun deenen 2.283 Congé-parentalen, déi am Januar 2002 bezuelt goufen, falen der 1964 op Fraen an 319 op Männer. Zwee Joer méi spéit goufen 2.918 Congé-parentalen indemniséiert. Dat sinn der bal 700 méi wéi 2002.

Wa mer dobäi den Undeel vun de Männer kucken, sou waren dat der 606, wat bal eng Verdueblung par rapport vu virun zwee Joer duerstelt - eng positiv Evoluitioun, déi drop hindeit, dass awer vläicht e kleng Mentalitéitswieser amgaangen ass sech ze entwëckelen, well ëmmer méi jonk Männer dëst Instrument notze fir sech och an der Erzéiung vun hire Kanner ze engagéieren.

A mengen Aen huet de Congé parental och e männerfrëndlechen Aspekt an deem Sënn, dass en um Niveau vun der Erzieung eng gewësse Gläichberechtigung mat sech bréngt, well och hei de Mann d'Méiglecheheet kritt, wann e wëllt, sech ëm seng Kanner ze bekümmere. Esou erfreesch dës Liichtbléck awer och ass, sou gëtt de Congé parental dach gréisstendeels vun de Frae geholl. D'Grënn, firwat d'Männer net méi oft op dës Mesure zréckgräifen, sinn haut nach déiselwecht wéi déi, déi an enger Etüd vum KPMG am Joer 2002 iwwert den Impakt vum Congé parental zu Lëtzebuerg festgestallt goufen.

Den Elternurlaub ass gewëssermoossen nach ëmmer e Spigelbild vun der traditioneller Rolleverdeelung tëscht Mann a Fra. D'Frae këmmere sech haaptsächlech an den éischte Joren ëm d'Erzuegung vum Kand. D'Männer par contre këmmere sech an där Zäit ëm déi finanziell Besoinen a gräifen eréischt méi spéit an d'Erzuegung vun hire Kanner an. D'Grënn, firwat d'Männer net esou oft op de Congé parental zrëckgräifen, si verschidden. Et sinn d'Männer, déi an de meeschte Familljen nach ëmmer déi sinn, déi méi verdéngt wéi hir Fraen an dofir och léiwer weider schaffen ginn. Et ass also de Lounausfall, deen den determinante Faktor ass bei deene meeschte Familljen an deen décidéiert, wien an der Famill dëse Congé hëlt a wien net.

De Fait, dass Fraen nach majoritairement de Congé parental huelen. huet als Konsequenz, dass Verschiedener vun hinnen erëm déi normal Hausaarbecht iwwerhuelen an oft laang net méi um Aarbechtsmaart erëmzefanne sinn, an dann, wa se erëm interesséiert sinn, op nei Schwiereregkeeten treffen, well se de Kontakt zur Aarbechtswelt ganz oft verluer hunn.

Et ass ganz kloer en Däiwelskrees an deem mer eis befannen, deen zwar vläicht mam gläichen Diplom ufänkt, mä dee virun allem mat der Perspektiv vun der traditioneller Rolleverdeelung et mat sech bréngt, dass et d'Fra ass, déi manner Pai offréiert kritt, doduerch dass et si prioritär ass, déi de Congé parental hëlt, an doduerch et och alt erëm d'Fra ass, déi, wann et ëm d'Aarbechtsplaz geet, vu vir-er benodeelegt gëtt. Et ass deem-er no evident, dass et hei souwuel bei de Männer wéi bei de Fraen zu engem Mentalitéitswiessel muss komme wa mer gäre méi Fraen um Aarbechtsmaart erëmfannen. Nëmme wa mir a verstärktem Mooss dem Mann seng Flichten als Papp uner-kennen an akzeptéieren, huet d'Fra eng gerecht Chance um Aarbechtsmaart.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zum Schluss vum menger Interventioun nach eng Kéier kuerz op eng aner Möglichekeet agoen, déi et och erlaabt, d'Familljeliewe mam Berufsliewen ze verbannen, an dat ass déi vun der Kannerbetreiung. Et ass kee Geheimnis, dass d'Waardeplazen an deene verschiddenen Opfangstrukturen onendlech laang sinn trotz de villen Efforten, déi vun der Regierungssäit ënnerholl goufen. An dëser Legislaturperiod ass et fir d'eischt an der Geschicht vun eisem Land, dass de Stat 50% vun den Infrastrukturekäschte vun de Structures d'accueil vun de Schoulkanner iwwerhëlt, an d'Unzuel vun de Crècheplaze geet ënnert dem Impuls vun eiser Familljeministesch säit Jore permanent an d'Luucht.

Gouf et am Joer 1994 nach 39 konventionéiert Crècheën a Foyers de jour mat 974 Still, esou hu mir um 1. Januar 2004 57 konventionéiert Strukture mat iwwer 2.000 Plazen gezielt. Dir gesitt, d'Unzuel vun de geschafene Plazen huet sech net nëmme méi wéi verduebelt, mä et ginn och permanent neier weider geschaaft.

Dës verschidde Structures de garde si fir Ménages monoparentaux a si beruffstäteg Koppelen extrem wichtig wann et dorëms geet. d'Familljeliewe mam Berufsliewen ze verbannen. Oft hunn d'Familljen och net d'Moyenen, eng Crèche-plaz fir d'Kanner ze bezuelen, an ech fannen et immens positiv, dass eise Stat an dësem Kontext Familljen ënnerstëtzt mat klengem Revenu, ënner anerem andeems e Crècheplazen a private Strukturen léint an déi hinnen da fir e méi bëllege Präis zur Verfügung stellt. Dëst ass zum Beispill eng onheemlech wichtig Mesure fir déi Familljen, deenen et finanziell net esou gutt geet an déi zu zwee schaffen müssen, oder fir Elengerzéiender, déi einfach op esou Plazen ugewiese sinn.

Och d'Afëierung vum Précoce, déi d'nächst Joer obligatoresch gëtt, ass eng flott Mesure wou d'Kanner gutt an adequat betreit ginn. Si kënnen virun allem den auslännesche Kanner entgéint fir se méi schnell un eis Sprooch ze winnen, oder lëtzebueresche Kanner, déi lëcht Schwieeregkeeten hunn, a wou heimadde d'Méiglechkeet ginn ass, méi schnell integréiert ze ginn. Mä de Précoce kënn vläicht nëmmen punktuell den Elteren entgéint wa se zu zwee schaffe ginn oder eleng erzéiend sinn. E léist net onbedéngt de Problem fir berufstätig Elteren oder Elengerzéiender, well e keen Ersatz zu enger Crècheplaz duerstellt. D'Zäiten, wou d'Kanner am Précoce kënne betreit ginn, si kaum mat normale Beruffer vereinbar, ausser et gi Synergie mat deenen zoustännege Gemenge gegrënnt, wou och fir en Encadrement iwwer d'Mëttesstosn gesuergt gëtt an d'Betreiung eventuell iwwer véier Auer eraus existéiert. Mä dat sinn awer nach Ausnahmeerscheinungen, an de Précoce ass och net an deem Sënn agefouert ginn.

Och aner Efforten, wéi zum Beispill déi, dass d'Fraen d'Kannerbetrelung an esouguer d'Frais du transport rembourséiert kréien, wa se sech enger Formation continue ënnerzéien, si positiv Mesuré fir erëm éischter um Aarbechtsmaart integréiert ze ginn. Ech ginn awer oft d'Gefill net lass, dass mir et net besonnesch gutt fäerdeg bréngen, des Gesetzer no baussen ze bréngen. Vill Frae wëssen oft net Bescheid vu wat fir enger Mesure se profitéiere kënnen, an an dësem konkrete Fall ass anscheinend keng eng Fra, déi d'Méiglechkeet vun dësem Gesetz an Usproch geholl huet.

Et geet also net duer fir guut Gesetzer fir d'Promotioun vun de Fraen ze stëmmen, och um Niveau vun der Öffentlecheetsaarbecht ass d'Regierung gefuerdert. Ech sinn der Meenung, dass op dësem Plang an deenen nächste Joren nach vill Aarbecht op eis duerkënnt, wann een d'Entwécklung vun eise jonke Leit gesäit, déi ëmmer méi drop halen, hir Chancen um Aarbechtsmaart wellen an Usproch ze huelen, ob Mann oder Fra.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Politik soll der Famill, der Fra an dem Mann, de Choix iwwerloosse wéi jiddferree säi Liewen organiséiere wëllt fir am beschte mat sengem Gewëssen d'Erausfuereung vum Beruff mat der Famill ze vereenen. Et ass un der Politik fir dese Choix ze encadréieren an déi Konditiounen ze schafen, déi et erméiglechen, dass de Wëlle vun der Famill respektéiert gëtt. Dëst muss e Schwéierpunkt vun eiser zukünfteger Familljepolitik bleiven, an ech wënsche mer wierklech, dass mer et an Zukunft fäerdeg bréngen, all zesummen déi richtig Léisungen ze fannen an de ënnerstëtzen, déi et erlaben, gläichberechtigt de Mammen an de Pappen hei am Land d'Chance ze ginn, wa se et wëllen, d'Beruffsliewe mam Familljeliewen ze verbannen.

Ech soen lech merci fir d'No-
lauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Madame Arendt. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Lydie Err ageschriwwen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydie Err (LSAP). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen net derlaanscht fir där Remarque am perséinlechen Numm vun eiser Reporterin hei op der Tribün eppes ze antworten, déi probéiert huet, a mengen Ae wierklech op der falscher Plaz an am falsche Moment, all deene Fraen, déi Kanner hunn an déi wëlle schaffe goen, hei e schlecht Gewëssen ze maachen.

Ech wollt dann einfach de Spiiss ëmdréinen a froen: Wie vun de Männer heibannen, deen och Papp ass, huet sech iwwerluecht ob e kënnt viruschaffe goen dee Moment wou seng Fra e Kand krut? An do wollt ech nach drop äntwerte mat engem Extrait vun der Agence Europe vum 8. Mäerz à l'occasion vum Fraendag, wou déi sozialisteschesch Parteien aus den nordesche Länner sech zesummegegoen hunn an der irescher Presidentschaft en Dokument iwwerreecht hu wat heescht „L'Union européenne et l'égalité entre les genres“: „en demandant que l'on crée le poste de médiateur européen pour l'égalité des genres ou un autre poste au niveau surveillant l'évolution de l'égalité“, etc. Sou wéi ech meng Partei kennen, steet si honnertprozenteg hannert esou enger Revendicatioun.

M. le Président.- Madame Err, wann ech gelift, d'Madame Nicklaus wëllt lech eng Fro stellen.

Mme Lydie Err (LSAP).- Däerf ech vläicht meng Reflexioun hei fäerdeg maachen?

M. le Président.- Très bien, Madame Err, an duerno kënnt d'Madame Nicklaus dann.

Mme Lydie Err (LSAP).- Ech wollt par rapport zum Kannerkréien dat heiten nach äntwerten, ier d'Madame Nicklaus dann eng Fro stellt.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Ech wëll guer keng Fro stellen!

Mme Lydie Err (LSAP).- Déi nämlecht PSEen hunn hei der irischer Presidentschaft folgende Saz gesot: „Les taux de naissance dans les pays nordiques sont parmi les plus élevés en Europe et la participation des femmes au marché du travail est aussi parmi les plus élevés grâce aux investissements publics dans les soins pour les enfants et les possibilités de congé maternel et paternel. L'amélioration de l'égalité des genres est un atout pour les efforts visant à créer des emplois et développer l'économie à une époque pendant laquelle l'Europe fait face à des changements démographiques marqués par une proportion croissante des retraités.“ Well dat heiten ass déi Approche oder déi Äntwert, déi ech op déi perséinlech Remarque wëll ginn, an ech soen dem Här Fayot merci, dee mer elo hei virun e puer Minutten nach deen Extrait aus dëser Agence Europe gewisen huet, besser hätt en net kënne falen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Madame Nicklaus, wann ech gelift.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ass et eng Fro, Madame Nicklaus?

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Also ech mengen ech hu guer keng Fro ze stellen, ech wollt just...

(Interruptions diverses)

Ech hunn als Rapportrice zu all Moment d'Recht d'Wuert ze kréien, Här Krecké, dat wësst Der esou gutt wéi ech.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Krecké, loosst d'Madame Nicklaus elo schwätzen! Schwätzt weider, Madame Nicklaus.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Et ass esou, ech hunn eng ganz kloer Trennung gemaach tëschent dem Rapport, wéi ech domat fäerdeg war hunn ech gesot: Ech erlabe mer e puer perséinlech Bemerkungen. Zu deene stinn ech och. Ech mengen als Mamm däerf ech hei och d'Recht hunn iwwer Kanner ze schwätzen!

Une voix.- Hutt Der da mat der CSV geschwat?

Mme Lydie Err (LSAP).- Also, ech hunn och drop gehale fir ze soen, dass ech déi Äntwert do och a mengem perséinlechen Numm ginn, well ech se net virdru mat menger Partei ofgeschwat hat. Ech sinn awer sécher, dass si wéi ëmmer hannert deem steet, wat ech hei zur Fraenthematik soen. Esou ass dat jo?

(Interruptions diverses et hilarité)

Op jidde Fall weist déi perséinlech Remarque vun eiser Rapporterin, dass et nach ëmmer néideg ass, all Joer eng Debatt zur Gläichstellung vun de Fraen a vun de Männer an der Chamber hei ofzehalen. Wann een dat gesot huet, ass et vläicht wichteg fir ze soen oder fir ze erkläre wat d'Gläichstellung ass, an ech wëllt vläicht eng kéier dat preziséieren: Dat heescht, dass Männer a Fraen zwar net d'selwecht mä gläich a gläichwäerteg sinn, an dat heescht och, dass d'Frae sollen déiselwecht Visibilitéit, Autonomie, Responsabilitéit a Participatioun hu wéi d'Männer, an zwar - an do ass de springende Punkt - net nëmmen am öffentliche, mä och am private Liewen.

Et geet also net duer fir hei ze behaapte Gläichstellung wier eng Einbahnstrooss. Gläichstellung ass, wa se richtig praktizéiert a verstanen ass, eng Voie à double sens, wou net nëmmen d'Frae sech müssen op de Genre de vie vun de Männer hibewegen, mä wou d'Männer och musse probéieren sech stéckweis jiddefalls op de Liewensstil oder op d'Beschäftegung vun de Fraen hinzebewegen, an dat schéngt dee Punkt ze sinn, wou et de Moment, besonnesch am Privatliewen, nach am meeschten happert.

D'Fraen hei zu Lëtzebuerg oder an Europa generell, do ass keen Zweifel drun, si besser dru wéi op villen anere Plaze vun der Welt. Dat huet ze di mam Liewensstandard, mat der Kultur, mat der Relioun, mä virun allem sécherlech och mat der Weiderentwécklung vun eise Demokratieverständnis. Trotzdeem gëtt et an eise Land nach all drëtt Frau, déi Gewalt perséinlech erlieft, sief et hälslech Gewalt iwwer Vioolen, iwwer Traite, iwwer psychesch Gewalt, physesche Gewalt oder wat och ëmmer, an och hei ginn et bal nach ëmmer 50% vun de Fraen, déi net beruffstäteg sinn an déi sech doduerch an eng wirtschaftlech Ofhängegkeet, besonnesch am Alter fir sech selwer an déi Leit, fir déi se responsabel sinn, erabeginn. An drëtten, an dat ass och menger Meenung no e wichtige Punkt, verdénge Fraen hei zu Lëtzebuerg net esou wéi d'Madame Arendt et elo hei esou schimmeg presentéiert huet mat 12%, mä 28% manner wéi d'Männer.

(Interruption)

Ech weess wat Der wëllt soen. Dir hutt alles dat erausgeholl wat lech net an de Krom passt, fir op e kleng Prozentsaz ze kommen. Dat hunn ech verstanen.

Mme Nancy Arendt (CSV).- Ech hunn dat gesot, wat statistesch beluecht ass an net dat wat mir perséinlech an de Krom passt.

Mme Lydie Err (LSAP).- Ech wëll hei richtig stellen, dass et sech bei der Gehälterdifferenz net ëm 12% handelt, mä total summa summarum ëm 28% an dass et och keng Manéier ass fir sech virun Tatsaachen d'Aen ze verstopen an ze hoffen, si géifen da vum selwen an d'Rei goen.

Firwat zu Lëtzebuerg an an Demokratie wéi bei eis nach ëmmer d'Tatsaachen déi sinn, déi ech elo opgezielt hunn, huet natierlech eng Ursaach. Déi Ursaach besteet an der Hierarchie vun de Geschlechter, déi zu Gonschte vum Mann och haut nach ëmmer besteet an d'Françoise Héritier, eng bekannte

franséisch Ethnologin, déi Professesch am Collège de France ass an déi viru kuerzem eng Konferenz hei gehalen huet, huet am Fong déi Hierarchie vun de Geschlechter „valence différentielle des sexes“ genannt. Si huet och preziséiert, dass déi Valence différentielle des sexes net biologesch bedéngt ass, mä exklusiv berout op eng archaesch Visioun vum Geschlechterverhältnis, awer, an do ass am Fong dat Gutt bei der Saach, och wann et archaesch ass, ass et ganz kloer och an hiren Aen, dass dat net heescht, dass et unëmwendbar wier. Mä iwwert d'Manéier wéi ee kann do erugoen, do scheede sech natierlech d'Geeschter.

Firwat ass Geschlechterongläichheet net weider ze akzeptéieren? Well haut all ongläich Behandlung, all Apartheid - an och Fraendiskriminatioun ass eng Fraenapartheid - onakzeptabel ass ganz einfach vum Prinzip hier. D'Fraen hu Mënsherechter, och dann an och do wou se mat Féiss getréppelt ginn an ech denken do besonnesch un déi Fraen an deene Länner, wou et manner gutt ass wéi hei, an déi, well se den 8. Mäerz op d'Strooss gaange sinn, haut sech deelweis am Prisong erëmfannen, ouni elo Länner opzezielen. An ech wollt hei dovu profitéieren fir meng Solidaritéit mat deene Fraen op der Welt auszedecken, deenen et somme toute gesinn, vill méi schlecht ergeet wéi hei.

Ee Wuert och nach zu der Campagne internationale vun Amnesty contre la violence faite aux femmes. A si preziséieren an hirem Communiqué wat se domadder mengen: « esclavage sexuelle, soit-disant crime d'honneur, mutilation génitale, trafic, prostitution, etc. ». an ech mengen, dass et derwäert ass dat hei ervirzeiräichen, well et alles aneschtens wéi banal ass, dass eng international ONG, wéi Amnesty, sech asetzt fir eppes wat ganz laang wéi e private Problem considéréiert ginn ass a sech normalerweis traditionell nëmmen agesat huet fir Opfer vun Diskriminatiounen wat d'Mënsherechter ubelaangt, wa se da vu State perkutéiert gi sinn. Och dat, mengen ech, ass keen Zoufall an huet warscheinlech eppes domadder ze dinn, dass Amnesty d'lescht Joer eng Fra un d'Spëtz vun hiren Organisatioun kritt huet, déi déiselwecht Tatsaachen aus engem anere Bléckwénkel gesäit an déi deementspreechend a mengen Ae jiddefalls déi richtig Décisioun geholl huet.

Gewalt a Gläichberechtegung sinn onvereinbar an dofir ass et ganz wichtig iwwer Gewalt ze schwätze wann ee vu Gläichberechtegung schwätzt, an da kommen ech och zur Debatt wéi se fir haut iwwertitelt ass.

Ech fannen, dass déi Debatt all Joer erëmkënnt, ass jo scho bal eppes wéi e Sport. Mä de Sport fänkt un, muss ech soen, och fir déi Leit, déi um Sujet interesséiert sinn an e ganz Joer laang probéieren drop ze schaffen, eng frustrant Operatioun ze ginn, well se a mengen Ae weder konkret nach zukunftsorientéiert ass, an dat zwar net nëmmen eleng dëst Joer, mä verschidentlech an deene Jore virdrun och.

Frustrant war déi Manéier wéi dëst Thema hei definéiert ginn ass, diktaatoresch amplaz kontradiktöresch. Ech hat beispillsweis gemengt, et wier net oninteressant wann ee géif iwwer ongläich Paien tëschent Fraen a Männer schwätzen, déi mat darselwechter Ausbildung déiselwecht Aarbecht maachen an déi trotzdeem, wéi schonn ugeklongen, ëmmer nach 28% manner verdéngen.

Ech hat och gemengt, et wier interessant iwwert den „gender mainstreaming“ eventuell am Detail

eppes ze kucken. Mä jiddefalls waren déi Suggestiounen net erwénscht an nodeem an engem éischte Moment gesot ginn ass, mir hätten eng Spezialdebatt iwwert d'Inégalité de traitement tëschent Männer a Fraen, ass déi dann elo kuerzfristeg d'lescht Woch och nach ofgesot ginn, esou dass et ganz kloer ass, dass déi Debatt iwwert déi wierklech Problemer, wou wierklech e Plan national d'action noutwendeg wier, net wëlen hei ugeschwat ginn, well sécherlech de Moment, esou kuerz virun de Wahlen, als net gënschteg fir eng wierklech Debatt um Fong erschéngt.

Frustratioun och iwwert déi Manéier wéi deen Dossier mat dem Titel, dee mer dann hunn, instruéiert ginn ass. Frustrant wéi mat den Expertinnen an der Kommissioun ëmgaange ginn ass, déi eis gehollef hunn eis an d'Bild ze setzen a frustrant virun allem och iwwert den Inhalt an d'Form vun dësem Rapport vun iwwer 40 Säiten, deen e Résumé ass vun de PVen, dee sech liest wéi e Fahrplan ouni Gebrauchsuweisung.

Ech jiddefalls menge vun där Problematik hei eppes ze verstoen an ech hat meng wierklech Méi fir erauszefannen, wat dee Rapport hei soll a virun allem hunn ech och elo nach net erausfonnt, och net no de Rieden, wou mer dann hi solle mat dësem Rapport. Esou reit dëse Rapport sech an an eng Rei vun anere Rapporten, déi och net iwwer e Gesetz, mä iwwer e gesellschaftspolitesch relevant Thema gehandelt hunn, wéi beispillsweis Jeunesse en détresse oder Immigration, déi zwar méi laangwiereg a méi intensiv instruéiert gi sinn, mä deenen hir Konklusione grad esou weineg prakteschen Nährwäert hate wéi déi heiten.

Et ass dofir net schlecht, dass dës Legislatur op en Enn geet, well esou wéi et de Moment ass, op jidde Fall wat d'Fraesituatioun ubelaangt, wier et wierklech pessimistesche fir ze denken, et kënnt nach schlimmer kommen. Mä, an dat ass e Spréchwuert vu menger Mamm, et ass näischt esou schlecht, dass et net fir eppes gutt ass. Och dës Debatt huet mir dozou verhollef zwou positiv Saachen hei erauszefannen. Déi éischt wëll ech virausschécken, ech kommen nach dorobber zréck, dat ass, dass an dëser Legislatur, an zwar d'lescht Joer dat Gesetz iwwert d'Privatgewalt hei gestëmmt ginn ass an dass sech do wierklech seriö drop virbereet ginn ass an dass och dorunner geschafft gëtt.

En zweete Punkt ass, dass trotz alle Frustratiounen iwwert d'Progressen ee muss soen, dass dat Bewosstsinn, dass Egalitéit net eng Fraen-, mä eng Gesellschaftsfrage ass, lues a lues mä sécher sech trotzdeem duerchsetzt. Dat schéngt och dat ugekënnegt Emdeefe vun eise Ministère ze beweisen an dat schéngt an déi Richtung ze goen, wat ech engersäits natierlech begrëssen, well ech hu vun Ufank un deen Term „Promotion féminine“ gehaast, well e mer virkëent, wéi wann d'Fraen do am Ausverkauf wieren. Anerersäits froen ech mech awer wéi eis Ministesch, déi de Moment nëmme méi e puer Méint nach am Amt ass...

(Interruptions diverses)

De Moment, soen ech, nëmme méi puer Méint am Amt ass, esou eppes ukënnege kann, ob een do raus soll liesen, dass si mengt, dass Lëtzebuerg Gott gegeben an definitiv en CSV-Stat bleiwe soll. Ech hoffen, dass dat net de Fall ass an dass si eventuell nach...

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Ech hunn virstellens gesot, ech kënnt mer virstellen, datt an enger nächster Regierung dee Ministère géing ëmgenannt ginn. Ech hu vill Respekt virun de Wahlen, Madame Err, an ech denken net drun, dass et ëmmer déiselwecht musse sinn, déi op deeneselwechte Plaze sinn.

Mme Lydie Err (LSAP).- Très bien. Ofgesinn dovunner fannen ech, dass eis Suggestioun an déi richtig Richtung geet. Dass d'Egalitéit net eng Fraen-, mä eng Gesellschaftsfrage ass, ass eng Usicht, déi och a menger eegener Partei nëmme begrenzt gedeelt gëtt, wat ech nëmme bedauere kann,...

(Interruptions)

...an dat ass deen diplomateschten Ausdrock, dee mer an dësem Kontext hei afält. Mä déi Diskussioun wëll ech hei net op dëser Tribün féieren, mä wéi e Familljesträit, do wou en opkräizt, dat heescht a menger eegener Partei. Ech si jiddefalls...

(Interruptions)

Ech ginn lech eng Kopie vum PV, Madame Wagener.

Une voix.- Mengt Dir dann an der CSV wär et besser?

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst d'Madame Err schwätzen. Madame Err, wann ech gelift, fuert Dir virun.

Mme Lydie Err (LSAP).- Ech streiden dem Jeannot Krecké seng Remarque net of, well soss wär ech och net méi dran, mä ech sinn awer trotzdem sécher, dass eist Land a meng Partei agesinn - an ech hoffen deemnächst an net eréischt Mokussdag -, dass kee Land, keng Partei, dat heescht och keng Politik a keng Wirtschaft sech op Dauer de Luxus erlabe kann op een Deel vun den Talenter, der Schaffenskraaft, der Aarbecht an der Phantasie vu senger Fraen ze verzichten.

En anere positive Punkt, dee mer opgefall ass bei der Instruktioun vun dësem Dossier, dat ass, dass mer zu Lëtzebuerg, mir perséinlech jiddefalls onbekannterweis, grouss Fortschréttter schénge gemaach ze hunn, wat den „gender training“ ubelaangt. Mir hu jo och d'lescht Woch Broschüren zoukomme gelooss, déi iwwert deen Thema handelen a vläicht ass et wichtig ze soen, wat den „gender training“ ass. Et ass d'Sensibilisatioun vun de Leit op d'Tatsaach, dass an eiser Gesellschaft et eppes wéi e Muster gëtt, nodeem d'Fraen an d'Männer sech behuelen, respektiv wéi vun hinnen erwaart gëtt, dass se sech behuele sollen. Dat Muster oder dee Verhaltensmodell gëllt et ze iwwerwannen, fir d'Gläichstellung vun alle Männer a vun alle Fraen ze erreechen.

Dat ass dann de Fall - an ech hunn dat schonn uklänge gelooss a menger Aféierung - net nëmmen, wann d'Fraen et fäerdeg bruecht hunn am Berufsliewen an och an der Politik de Männer, wéi soll ech soen, de Männer Paroli ze bidden, mä och dann, wann d'Männer et interessant genuch fannen, mat de Fraen doheem an der Kannererzierung an am Stot maachen och hire Mann ze stellen.

Dat heescht also ganz kloer, dass et bei der Gläichstellung net drëms geet, an dat wëll ech hei eng kéier preziséieren, dass d'Frae wëllen dat op d'Kopp geheien, wat de Moment do ass, an einfach de Männer hir Roll iwwerhuelen an d'Fraen d'Männer an déi Rollen erandrängen, an deene si haut sinn. Dann hätte mer nämlech net méi Egalitéit haut wéi mer der muer hätten. Mä et geet drëms, sech iergendwou an der Mëtt ze treffen, fir dass jiddefereen d'Méiglechkeet huet ausserhalb vun engem Fonctionnementsmodell dat ze maachen, wat hie fir sech richtig geëent.

Positiv ass fir mech och ze bewäerten, an net nëmmen fir mech - esou huet et jiddefalls an der Kommissioun geklongen -, dass um Niveau vum Programm „Partageons l'égalité“ bei deene kleng Kanner a bei der Ausbildung a bei der Formation continue vun den Enseignan-

ten e gudder Programm besteet. Ech wollt heivunner profitéiere fir all deene Leit an deenen Experten, déi mer an der Kommissioun héieren hunn, mä Respekt a meng Komplimenter ausgedrécken iwwert déi Fortschrétt, déi op deem Gebitt gemaach ginn, och wann déi Fortschrétt am Schiet vum Wësse vum grousser Public gemaach ginn.

Ech fannen et perséinlech just schued, dass all dat Wëssen do nëmme sech konzentréiert op kleng Kanner an op Léierpersonal, well ech denken, dass et wichteg wär, deen „gender training“ do och op deene Plazen ze maachen, wou Décisiounen geholl ginn, wéi notament beispillsweis an der Chamber, notament an der Regierung, an de Gemengen an an de Gemengekommissiounen. Ech komme méi spéit dorobber zrëck. Den Dag vum 8. Mäerz huet jo verschidde Gemengen derzou bruecht fir um Niveau vum „gender mainstreaming“ eppes ze maachen an dat huet natierlech och eppes mat „gender training“ ze dinn.

E kuerze Réckbléck iwwert d'Motiounen - dat ass schonn uegeklongen - am Schnellverfahren a relativ selektiv, well ech duerno nach wëll op e puer aner Saachen zrëckkommen. 1996 war déi éischt Debatt, an do war eng grouss Motioun, do steet bal alles dran, wat an all deenen anere Joren affinéiert ginn ass, iwwregens dofir awer net besser exekutéiert ginn ass. Mä et sief dann. Déi Motioun huet sech op zwee Punkte beschränkt. Ech wëll haaptsächlech op déi agoen, well et de Résumé ass vun all deenen aneren.

Um internationale Plang zu der CEDAW-Konventioun, dat heescht d'international Mënscherechtsdeklaratioun vun de Fraen, ass gesot ginn, mir géingen d'Regierung opfuerderen d'Reserven, déi mer beim CEDAW gemaach hunn, opzehiewen. Déi zwou Reserve sinn deene meeschte Leit bekannt. Ech wëll se just kuerz hei uschneiden. Dat ass engersäits déi, dass um Haff bei eis eng Präferenz ass fir Jongen an der Successioun, an anerersäits, dass Lëtzebuerg nach ëmmer eng Inegalitéit huet, wat d'Weidergi vum Nimm ubelaangt bei Kanner, déi Elteren hunn, déi matenee bestuet sinn.

An deenen zwee Punkten, wat d'Reserven ubelaangt, ass nach nâischt geschitt. Dach, et ass eppes Klenges geschitt um Niveau vum Nimm. Do hu mer elo e Projet de loi, dee souguer vlâicht nach duerchegeet. Wat da gutt wär, dass een dann hofft, well och dee Projet de loi gesäit mir aus, wéi wann et just eppes ass, dat soll schéin ausgesinn. E gesäit nämlech dräi Saache vir am Endeffekt, an zwar, dass iwwermuer déi Kanner, déi nom Gesetz op d'Welt kommen - well nëmme vun deene schwätzt de Projet de loi -, den Nimm vun der Mamm oder vum Papp kënnen kréien, dass déi zwee Elterndeeler awer scho müssen de Moment, wou se bestuet ginn, dat heescht wou se nach net sécher sinn, nach net wëssen, ob se Kanner wëllen, sollen de Choix maache wéi den Nimm vun deene Kanner soll ausgesinn. An deen drëtten Punkt vum Gesetz ass, dass all Kanner sollen de gläichen Nimm kréien.

Wann een da gesäit, dass do vill Problemer ausgespuert ginn, da kann ee sech froen, ob dat do wierklech e Progrès ass, wa mer deen Text do nach virum dem Enn vun der Legislatur géifen iwwert d'Bühn bréngen, well d'Inegalitéit tëschent de Männer an de Fraen, wat den Nimm ubelaangt, bleift natierlech bestoen, wann dat Gesetz net gëllt fir déi Leit, déi haut scho Kanner hunn an déi hir Kanner eventuell gären aneschtens genannt hätten, wéi dat dem Gesetz no, anscheinend net nëmme dem Gesetz no, mä enger Coutume no, ubruecht ass, mä déi am Fong keng Méiglechkeet kréien och während enger kuerzer Zäit duerno

dat ze änneren. Dat schéngt natierlech - An ech gesinn hei verschidde Kollege schmunzelen! - wierklech en Deelaspekt ze sinn, mä ech kann lech just soen, ech weess aus menger...

(Interruption)

Aus menger Erfahrung kann ech lech soen, dass den Nimm ee vun deene sensibelste Punkten ass, wat d'Gläichstellungspolitik ubelaangt, well et do ëm d'Essenz geet vun deem, wat vun der Hierarchie vun de Männer an eiser Gesellschaft nach iwwreg bleift. Et ass net fir nâischt, wou esou eng Klengegkeet wéi d'Emännerung vum Nimm vun de Fraen op de Wierlerlëschtchen hei véier oder fënnef Joer gedauert huet.

Ech hätt léiwer deen heite Projet géif och nach e bëssen daueren an der Hoffnung, dass dann eppes géng erauskommen, wat net nëmme en Egalitéitsprinzip fir muer an iwwermuer géif applizéieren, mä och deene Leit, déi haut net mat der Situatioun d'accord sinn, eng Méiglechkeet géif ginn, unhand vun engem geschlechtsneutralen Text aneschtens kënnen mat den Nimm vun hire Kanner ëmzegoen.

Ech hu keng Zäit fir an den Detail ze goen; ech wollt lech awer just soen, dass aner Länner, beispillsweis Holland, bei där nämlecher Gesetzgebung iwwert den Nimm Mesures transitoires fonnt hu fir eng Applicatioun vum Gesetz an der Zäit esou ze maachen, dass jiddferen eenegermoosse konnt dermat zefridde sinn.

Mir haten nach zwee Punkten um internationale Plang. Mir hunn deemools 1996 gefrot, d'Egalité de traitement soll an den Traité vu Maastricht kommen. Dat ass opgaangen. Wat elo iwwert den Traité vun Nice eraus mat där Egalitéit geschitt, ass eng aner Fro. Et gesäit jiddefalls de Moment net roseg aus. Et ass also net erfüllt.

Als drëtten Punkt ass gefrot ginn, Lëtzebuerg soll sech asetze fir e Protocole additionnel um Conseil de l'Europe iwwert d'Egalitéit an iwwert d'Non-discriminatioun vun de Fraen. Och dat ass net geschitt. Ech ginn awer gären zou, dass dat net weider verwonnerlech ass, awer dass et zwee Punkte weinstens gëtt, déi un der interner Législatioun leien, wou mer hätte kënnen virukommen, besonnesch dann, wa mer wëssen, dass mer d'Verfassung esou ëmgeännert hunn, dass och en Artikel kann ëmgeännert ginn, ouni dass e virdru révisabel erkläert ginn ass. Dat ass den Artikel 3, deen ech hei uschwätzen, och ouni weider wëllen an den Detail ze goen.

Um Niveau national war eis éischt Revendicatioun 1996, Kolleeginnen a Kollegen, fir den Egalitéitsprinzip an d'Verfassung eranze kréien. Ech hoffen, mir packen et nach, an ech hoffen och, mir packen et nach an enger akzeptabler Versioun, well sollt dat net de Fall sinn, dann hätte mer och do besser ze waarden an der Hoffnung, dass eventuell e puer Méint spéider eng Redaktioun méiglech wär, déi méi vaste zefriddestellend ass wéi déi, déi elo ass. Et muss een allerdéngs soen, dass Versiounen circuléieren, déi absolut akzeptabel wäeren, a mir waarde mat Spannung op den Avis vum Statsrot. Mir hoffen dann, dass mer dat weinstens vun de Revendicatiounen vun 1996 bis 2004 packen.

Wichteg Punkten aus dëser Motioun waren och Statistiken, Actionpositiven, d'Formation à l'égalité. D'Formation à l'égalité ass jo geschitt, mä bei deenen anere Punkten, wat d'Statistiken ubelaangt, Actions positives an Ähnlech, ass am Fong nëmme Funkstille ze vermellen. Dat kann een eigentlech nëmme bedauern.

Dofir ass et och evident, dass, wann een net nëmme vun dëser Legislatur kuckt, mä wann een de Bilan kuckt vun 1996 un, wou mer dann déi grouss Chance haten, net nëmme dat Instrument vun en-

gem Fraeministère ze kréien, mä och vun enger Chamberskommissioun, wat dovunner richtig bleift, da muss ech soen, dass ech och do vun deem Resultat elo am Fong nëmme ee Wuert kann zrëckbehalen an zwar de Frust. Net dass net probéiert ginn ass eppes ze maachen, mä Frust iwwert dat wat finalement erreecht ginn ass.

Ech mengen et si vun 1996 u bis elo dräi wichteg Gesetzer do gewiescht, wéi ech se op jidde Fall emfannen: Dat war d'Gesetz iwwert de Congé parental, dat war d'Gesetz iwwert d'Violence domestique, an et kann een och nach soen eventuell, an et ass wichteg vlâicht, dat iwwert den Harcèlement sexuel, obschonn och dat eigentlech hätt kënnen vill besser si wéi et ass, mä jiddefalls sinn dat dräi notabel Progrèsen.

Dat si vun 1996 bis 2004 aacht Joer fir dräi Gesetzer, an da muss ech soen, dass trotz allen Héichglanzbroschüren a Séminairen dat mer trotzdeem e bësse weinég erschéngt, och da wann ech d'accord si fir ze soen, dass Egalitéit sech net an Zuele moosse léisst, net an Zuele vu Gesetzer, an dass munches geschitt ass um Niveau vum Bewusstsein vun der Wichtigkeet iwwert dës Fro duerch all déi Aktiounen, déi par ailleurs gelaf sinn.

Mä ech huelen ee Beispill eraus, fir mäi Frust e bësse méi prezis ze erklären, an zwar dat iwwert d'Prostitutioun. Mir haten an der Commission juridique an an der Commission de l'Égalité iellelaang Debatten zum Sujet, an de Fraeministère huet Ausgangs d'lescht Joer - am Hierscht mengen ech war et - e ganz interessante Séminaire iwwert d'Traite des femmes organiséiert, dee super gelaf ass. Et ware super auslännesch Experten do, et war e flotte Buffet, et war en absolut geniale Film, deen een zwar bal net kucke konnt, bref, et war alles wonnerbar, just ass bei de Konklusiounen vun deem wonnerbare Séminaire munches ze soen.

Éischtens ass op deem Séminaire - an ech weess dat well vill Frae mech dorobber ugeschwat hunn - net dovun geschwat gi wéi d'Situatioun par rapport zur Prostitutioun an zur Traite dann zu Lëtzebuerg ass. Ech fannen, dass et net ka sinn, dass ee Séminaire féllt mat auslänneschen Experten ouni eege Meenungen anzedroen iwwert dat wat doraus ze zéien ass, virun allem och ouni politesch Konklusiounen aus esou engem Séminaire ze zéien, a wann dat net de Fall war um Séminaire selwer, dann hätt ee kënnen hoffen, dass d'Konklusiounen dann agefloss wieren an deen Aarbechtsgrupp, a mir wësse jo alleguerten, dass en Aarbechtsgrupp ëmmer dat beschent Mëttel ass fir an engem Dossier net weiderzekommen.

Dat ass natierlech och hei geschitt. En Aarbechtsgrupp, dee bis haut nach nâischt no bausse gesot huet, deen awer - esou schéngt et - intern absolut net eens gëtt, besonnesch op deem Punkt wat de Visa d'artiste ubelaangt, an dat beweist nun eemol méi, dass dat Eenzege, wat vun dësem Aarbechtsgrupp verlaangt war, sécherlech dat war fir Zäit ze gewannen, an dat ass jo opgaangen, an ech huelen un, dass déi Zäit och nach soll gewonne gi bis iwwert d'Wahlen eraus fir op deem delikate Sujet fir Gläichheitsfroen, vun der Prostitutioun a vun der Traite des femmes nâischt auszesoen.

En zweet Beispill fir lech ze erklären firwat ech trotz Fortschrétt net zefridde sinn: den Dossier Violence domestique. Dat war iwwregens vum Thema hier sécherlech déi beschten Debatt, déi mer hei eng Keier zum 8. Mäerz haten, well si hat zur Konklusioun, dass e bësse

méi spéit, e Joer drop oder annerhalleft Joer drop, e Gesetz zum Thema komm ass, wat grosso modo deene Kritären entsprach huet, déi an enger Motioun zur Debatt festgehalé gi sinn.

Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kollegen, a mengen Aen eng exemplaresch Geschicht. Dat ass Neel mat Käpp gemaach amplaz no hannerzeg ze kucke wat alles geschitt ass a wat net, an dat ass dat wat mer misste maache wa mer gären hätten, dass déi Debatt zum 8. Mäerz net eng Stilübung gëtt, mä dass sech an der Praxis, net nëmme an de Käpp mä och um Pabeier, eppes ännert. Och da wann ech d'accord si mat der Rapporterin - une fois n'est pas coutume - fir ze soen, dass Gesetzer net duerginn, et misst een d'Mentalitéit wiesselen. Jo, mä d'Gesetzer hëllef zweifelsohne e klengt Stéck dobäi, fir déi Mentalitéiten ze wiesselen an d'Gesetzer mussen och heiansdo de Mentalitéit virus sinn. Et geet also net domat duer fir ëmmer dem Wieler an der Wielerin op de Mond ze kucken, fir nëmme just dat ze maache wat d'Majoritéit gären hätt, wann ee gären hätt, dass op dem Niveau vun der Gläichheet eppes soll geschéien.

Ech kommen zrëck zu deem Séminaire vu Mondorf. Och dat war e super gutt organiséierte Séminaire. Do waren och contrairement zu deenen anere Lëtzebuerger Acteuren op der Tribün, an zwar net nëmme aus den ONGen, mä och aus dem Ministère der, déi net mat hirer Meinung hannert dem Bierg gehalten hunn. Mir hunn do an och an der Kommissioun e puer Schwaachpunkte gewise kritt, déi an dësem Gesetz sinn, an déi Schwaachpunkten hu mer net emol an dësem Rapport ermfonnt, wou mer déiselwecht Acteuren zu deemselwechte Gesetz nach eng Keier héieren hunn.

Mir hunn zum Beispill gesot kritt vu Leit, déi an der Praxis sech ëm d'Victimé bekëmmere vun der Violence domestique, dass en présence vum Mann, dee geruff ginn ass, ech weess net méi vu wem, well e seng Fra geschloen huet, d'Flicé gefrot hunn: „Madame, wëllt Der dann elo eng Plainte maachen an dass mer e mathuelen?“ Dat war ee vun de Punkte firwat mer dat Gesetz gebraucht hunn. A wann trotz Sensibilisatioun vun den Acteuren vun der Polizei a vu wem och ëmmer esou Froen nach um Terrain gestallt ginn, dann deet et mer Leed, dann hu mir zwar eist hei an der Chamber gemaach, mä da geet et net duer, da muss ee weiderfueren dat Versteesdemech, fir en neien Text an eng nei Mentalitéit kloerzemaachen.

Dann hu mer vun darselwechter Fraenorganisatioun Femmes en détresse a.s.b.l. gehéiert, wéi spärlech se gehale si wat den Traitement vun Kanner a gewalttätege Stéit ubelaangt, a gesot kritt, dass si leider kee Personal a keng Suen hätte fir Programmer fir Kanner ze maachen. Dobäi ass kloer, dass d'Kanner an all Stot mat Gewalt Opfer sinn, och da wa se et net direkt sinn. Also misst et, mengen ech, ganz kloer sinn - an dat mengen ech huet och d'Presidentin vun der Kommissioun hei gesot -, et misst ee kënnen verbesseren, well wa mer et net fäerdeg bréngen, d'Kanner virun deem ze schützen wat hir Mammen net konnten évitieren, dann huet och dat schéint Gesetz iwwert d'Violence domestique säin Zweck net erreecht.

Zweete Punkt zum selwechte Gesetz: Täterarbecht. Et ass schonn e bëssen hei uegeklongen. Täterhotline, e Conseiller, deen hallef dags vum 1. Abrëll u soll agestallt gi fir Täterarbecht ze maachen, an hallef Zäit, an dat fannen ech interessant, an och do mengen ech sinn ech onzefridden. Elo gëtt gesot, dee Mann gëtt agestallt, e gëtt hallef vun Ministère bezuelt an zwar fir Täterarbecht ze maachen, déi aner Halschent vun der Zäit mécht hien Éducation sexuelle affective

an de Schoule mat jonke Leit. E mécht also am pure Sënn vum Wuert Gewaltpreventioun bei de Kanner, dat heescht hie schafft do wou et am sënnvollsten ass ze schaffen, an deen Deel vu senger Tätigkeet soll anscheinend net bezuelt ginn. Dat fannen ech wierklech ganz schued, well dat heiten ass e komplementären Aspekt zu dem Gesetz selwer, an heiansdo muss een iwwert den Text selwer erausschësse fir dat Zil, wat ee sech gesat huet, ze erreechen.

Zum Schluss zwee Haaptuleiesen, déi ech un dës Politik, un dës oder eng aner Ministesch an deem nämlechten oder an deem ëmgedeeftene Ministère wëllt riichten. Zwou Saache mengen ech missten zu Lëtzebuerg fundamental änneren: Éischtens, wéi mam CEDAW ëmgaange ginn ass, dat heescht mat der internationaler Mënscherechtsdeklaratioun fir Fraen, wou mer mengen ech 2002 eise leschte Rapport presentéiert hunn a wou an der nächster Legislatur also erëm e Rapport fälleg ass. Déi Manéier, wéi dee Rapport opgestallt ginn ass, ass am Fong esou, dass déi Konventioun net kann zum Droe kommen. Et kann net sinn, dass deen, deem seng Aarbecht kontrolléiert gëtt, dat heescht d'Regierung, dee Rapport do an der Regierung ausschafft ouni direkt Zesummenaarbecht mat den ONGen, ouni Zesummenaarbecht mat Experten a mat Expertinnen, déi et par ailleurs gëtt, a sech dann am Fong dohannert verstoppt fir de Rapport virstellen ze goen a Presenz vu Vertrieeder oder vu Vertrieederinne vu verschiddenen ONGen.

Ech mengen, dass mer et musse fäerdeg bréngen an där nächster Legislaturperiod am Intérêt vun der Saach an net am Intérêt vum Rapport, net nëmme am Intérêt vum Rapport, fir zesumme mat alle Leit um Terrain an och deene Leit, déi an der Theorie op der Gläichstellung schaffen, ee Rapport auszuschaffen, dee gemeinsam ausgeschafft ginn ass, dee gemeinsam soll presentéiert ginn zu New York a wou d'Konklusiounen sollen hei zu Lëtzebuerg seriö analyséiert ginn, fir dass mer weiderkommen op engem Gebitt wou mer leider mat allen Instrumenter, déi mer eis ginn hunn, nach ëmmer politesch Hanterland sinn.

Ech kann lech just soen, dass ech a menger Qualitéit als Presidentin vun der Egalitéitskommissioun am Conseil de l'Europe op engem Séminaire war, Ausgangs d'lescht Joer, iwwer just déi CEDAW-Konventioun, wou probéiert ginn ass vun der UNO aus déi nei Länner drop virzebereede wéi se solle mat deem Instrument ëmgoen, an déi hunn do beispillsweis iellelaang Questionnaire gehat op déi se hu missen äntwerte fir erauszefannen ob se dat Instrument benotze wéi se sollen oder net. A wéi ech déi Froen do gelies hunn, dunn hunn ech wéi esou oft a Fraefroen am Fong de Kapp ganz niddreg gehalten a gehofft, dass kee mech géng froe wéi et bei eis géif goen.

Ech ginn lech do, fir lech mäi gudden Wëllen ze beweisen, e puer vun deene Froe weider op déi déi nei Länner, déi an Europa erakommen, hu missen äntworten: Hutt Dir en nationaalt Reglement wéi e Rapport national ausgeschafft gëtt? Hutt Dir en Observatoire iwwert déi Manéier wéi d'Recommandatiounen, net nëmme iwwert déi Manéier wéi d'Fraen am legislative Prozess ofschneiden, mä och wéi d'Evolution ass par rapport zu de Konklusiounen vum CEDAW-Rapport vun deene Jore virdrun? Hutt Dir e Mécanisme de suivi an der Regierung an an Ärer Chamber fir déi spezifesch Fraen- a Egalitéitspolitik ëmzesetzen? Hutt Dir en nationale Fraen- a Männergläichheitsentwicklungsplang an aus wat besteet en? Wéi gëtt en ugepasst an Ähnlech?

An Dir könnt lech jo wuel denken, dass ech do am Fong nëmme Bauklötz konnt staunen, obschonn ech zënter Jore mat deem Instru-

ment do schaffen. Ech denken, dass mir géife gutt drun doen dat Instrument do richtig an de Grëff ze huelen, wichteg ze huelen, gemeinsam drun ze schaffen, well et ass dat Eenzezt wat mer hunn. Et kënnt dee Code civil sinn un deem d'Gläichheet vun de Frae gemooss gëtt an deementspriedend net ze ënnerschätzen ass.

Eng zweet Prioritéit, déi ech géing fir d'Zukunft wëllen weisen, dat ass iwwert den „gender training“ eraus, an dozou hu mer jo vill Positives héieren, den „gender mainstreaming“, dee menger Meenung no an och Acteuren no, déi zu Lëtzebuerg an deem „gender mainstreaming“ agebonne sinn, net zerfriddestellend ass, well - dat ass op jidde Fall meng Aschätzung vun der Situatioun - d'Wëssen oder d'Bewosstsäin iwwert d'Geschlechterongläichheet nach net genügend gewosst ass.

Ech soen lech just ee Beispill, dass a Schweden, wat jo dat Land ass an Europa wat sécherlech am beschten do steet, all Joer, wann d'Année parlementaire erëm ugeet, d'Regierung sech dräi Deeg an e Séminaire zrëckzitt, fir iwwert d'Genderfro nozedenken. Wat d'Parlament sengersäits mécht erziit sech menger Kenntnis, dat stong net an därselwechter Zeitung. Jiddefalls mengen ech, wier et eng gutt Iddi, wa mir selwer, d'Chamber an eis Regierung, sech géifen d'Méi maachen, dann no den nächste Wahlen, well fir dës Kéier ass et jo ze spët, deem „gender training“ esou matzemaachen, dass se sech bewosst ginn ëm wat et geet, an der Hoffnung, dass domadder dann och den „gender mainstreaming“ besser ka funktionnéieren.

Ech ginn lech an där Hisiicht eng Motioun an eng Resolutioun of, déi froen op Basis vun Argumenter, déi ech hei schonn erkläert hunn, dass soll bei den Deputéierten, bei der Regierung a bei de Fonctionnaire gekuckt ginn, déi no den nächste Wale solle Politiken ëmsetzen, eng Formatioun wär, eng Sensibilisatioun organiséiert ginn, iwwert d'Perspektiv vun der Egalitéit, fir dass mer déi Approche intégrée vun der Gläichheet an der Politik besser zu Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- *considérant que l'égle dignité des femmes et des hommes est une condition indispensable pour arriver à une société plus équilibrée et plus juste pour tous;*

- *considérant que pour réaliser cette égale dignité des femmes et des hommes, il faut valoriser d'une manière égale la complémentarité des deux parties de l'humanité ainsi que leurs rôles respectifs dans la société;*

- *estimant que l'égalité suppose la prévention et la lutte contre toute forme de violence à l'égard des femmes (violence domestique, crimes d'honneur, prostitution, traite des êtres humains, harcèlement sexuel);*

- *considérant que pour atteindre ces objectifs, une stratégie s'impose, notamment celle de l'approche intégrée de l'égalité (gender mainstreaming);*

- *estimant que cette stratégie pré-suppose une volonté politique et une politique spécifique de l'égalité;*

- *considérant qu'une telle stratégie exige nécessairement des données statistiques ventilées par sexe ainsi qu'une sensibilisation spécifique du personnel politique et administratif;*

demande au Gouvernement

- *d'organiser à l'intention des acteurs impliqués dans la mise en place de la politique, et plus spécialement des membres du futur gouvernement, une formation voire une sensibilisation à la perspective de l'égalité entre les femmes et les*

hommes, afin que l'approche intégrée de l'égalité entre les femmes et les hommes devienne une réalité.

(s.) *Lydie Err, Jean Asselborn, Mady Delvaux-Stehres, Dagmar Reuter-Angelsberg, Renée Wagener.*

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que l'égle dignité des femmes et des hommes est une condition indispensable pour arriver à une société plus équilibrée et plus juste pour tous;*

- *considérant que pour réaliser cette égale dignité des femmes et des hommes, il faut valoriser d'une manière égale la complémentarité des deux parties de l'humanité ainsi que leurs rôles respectifs dans la société;*

- *estimant que l'égalité suppose la prévention et la lutte contre toute forme de violence à l'égard des femmes (violence domestique, crimes d'honneur, prostitution, traite des êtres humains, harcèlement sexuel);*

- *considérant que pour atteindre ces objectifs, une stratégie s'impose, notamment celle de l'approche intégrée de l'égalité (gender mainstreaming);*

- *estimant que cette stratégie pré-suppose une volonté politique et une politique spécifique de l'égalité;*

- *considérant qu'une telle stratégie exige nécessairement des données statistiques ventilées par sexe ainsi qu'une sensibilisation spécifique du personnel politique et administratif;*

se prononce

- *en faveur de l'organisation à l'intention des élus issus des élections à venir, d'une formation voire d'une sensibilisation à la perspective de l'égalité entre les femmes et les hommes, afin que l'approche intégrée de l'égalité entre les femmes et les hommes devienne une réalité.*

(s.) *Lydie Err, Jean Asselborn, Mady Delvaux-Stehres, Dagmar Reuter-Angelsberg, Renée Wagener.*

Ee Wuert nach zum „gender mainstreaming“. E puer Komplimenter wëll ech lassginn, an zwar net nëmmen u Leit, déi heibanne sëtzen, mä u Gemengen, déi anläslech zum 8. Mäerz d'lescht Woch an dës Woch den „gender mainstreaming“ fir hir eege Leit schonn organiséiert hunn. Verschidde Gemengen, notament déi vu Suessem a vu Beetebuerg, sinn also der Chamber an der Regierung an där Saach do virus an doriwwer eraus hu se net nëmmen hir eege Leit dohinner hin informéiert a sensibiliséiert, mä och déi Leit, déi an de Gemengekommis-sioun sinn, dat heescht déi Leit, déi konsultativ Pouvoiren hunn. Ech fannen, dass dat einfach eng Approche ass, déi ze begreifen an nachahmenswäert ass. Et sinn nach aner Gemengen, déi och zum 8. Mäerz, internationale Fraendag, Manifestatiounen gemaach hunn, mä déi vläicht erëm net dee praktischen Nährwäert hate wéi déi Trainingsen hei, déi am „gender mainstreaming“ kënnen d'Saach vun der Gläichheet tëschent de Männer an de Frae weiderbréngen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ee Kompliment wëll ech och lassginn un d'Genderhaus vu Réiden, wat gëllt fir de Präizerdall, Useldeng, Biekerech, a vläicht nach Saachen, déi och Manifestatiounen zum 8. Mäerz organiséiert hunn, wat interessant ass an nachahmenswäert an zwou Hisiichten, an un déi Gemengeresponsablen, déi heibanne sëtzen an eventuell nolauschteren. Passt gutt op!

Éischstens hunn déi Leit sech grupéiert, fir dass net jiddereen datselwecht a senger Gemeng gemaach huet. Si hu sech also éisch-tens zesummegeesat a si hunn, an

dat fannen ech wierklech eng relativ genial Iddi, et praktesch fäerdeg bruecht hire Projet finanzéieren ze loosse mat europäesche Gelder, well, haalt lech un, ech weess net ob Der et alleguerte wësst, déi Gemenge jiddefalls, déi e spezielle Service hunn, déi wëssen, datt de Stat kee Frang bäisteiert zu Strukturen, déi um Niveau vun de Gemenge sollen hëllefen d'Gläichstellung an all eise Gemengen duerch-zesetzen. Ech fannen, dass et dofir eng absolut Prioritéit wier, an de Buergermeeschter vun lechter-nach hunn ech hei besonnesch am A, dass den Osten elo dat lescht Land ass, wou nach guer näischt um Niveau vun de Gemenge pas-séiert ass.

(Hilarité)

Une voix.- Den Osten ass nach ëmmer kee Land!

Mme Lydie Err (LSAP).- Den Osten ass nach ëmmer kee Land, mä et ass nach ëmmer ee vun eise Wahlbezierker, an d'Madame Nagel lauschtert och ganz gespaant no. Ech denken, dass et derwäert wier, dass der lech de Projet zesummen eng Kéier ukuckt wéi en am Präizerdall an zu Biekerech gemaach ginn ass, an Europa dat finanzéieren ze loosse, wat an Äre Gemenge fir lech alleguerten a fir d'Biergerinnen aus Äre Gemenge sech ka positiv auswirken, ouni dass der allze vill musst uwenden.

Ech hätt virun allem awer an deemselwechte Kontext nach ee Wunsch un dës oder un déi nächst Regierung, an zwar deem, dass ech et net normal fannen, dass de Stat opkënnit fir villes, wéi beispillsweis den Accueil vun de Kanner, Infrastrukture fir Jugendhaiser, alles Saachen, déi ech gutt fannen. 50% gëtt de Stat bái fir d'Infrastrukturen a fir de Fonctionnement. 87% anscheinend, hunn ech mer gëschter soe gelooss, gëtt de Stat bái wa Plaze geschafe gi fir Aktivitéite fir Seniore während dem Dag ze maachen. Och dat fannen ech alles gutt.

Mä ass et dann normal, dass Strukture fir Kanner, fir Jugendlecher a fir Eelerer dem Stat méi wäert si wéi d'Gläichstellungsplaz, besonnesch och doduerch well bei de Gläichstellungsplazen natierlech all déi aner Kategorië mat abegraff sinn? Well op déi Gläichstellungsplazen hei kënnen och Meedercher hikommen, déi Problemer hunn, al Fraen, déi mat hire Pensiounen net kloer kommen oder Ähnlech. Ech menge just dofir, dass et gutt wier an dass mer op déi Aktivitéiten an de Gemenge sécherlech könnte besser zielen, wann och do géif de Stat säin Deel bäidroen an net nëmmen iwwert de LEADER-Program, wann ech richtig weess, déi Saache solle finanzéiert ginn.

En allerlescht Wuert dann - an dann eng Konkusioun zur Erheiterung - d'EU-Présidentschaft vu Lëtzebuerg geet d'nächst Joer un.

(Interruptions diverses)

Si wëssen et just nach net.

(Hilarité)

Also de Moment huet Irland d'Présidence an et ass fir d'éischt an der Geschicht vun Europa, dass e Rapport vun der Kommissioun iwwert d'Egalitéit an de Länner vun der EU virläit. An deem Rapport schneit och, wéi soll et aneschtens sinn, Lëtzebuerg net glorräich of. Ech denken awer, dass et interessant ass och dat Instrument ze benotzen, fir weiderzekommen, an zwar net nëmmen um Niveau vum Land, mä um Niveau vun Europa, well ëmmer da wann et zu Lëtzebuerg e Progrès ginn ass, da war och Europa en Deel hëllefräich oder en Deel Schold drun, jee no-deem wéi ee sech dann dozou situéiert.

Irland huet och d'Beispill ginn a sengem Plan national de développement, e spezielle Budget accordéiert ze hu fir d'Gläichstellung vun de Fraen an hirem Land, an zwar e spezielle Budget fir e klengt Land wéi Irland vu 50 Milliounen Euro. Och dat fannen ech net déi allerleschten Iddi.

A mir si bei deem Leschte wat ech wollt hei uschwätzen, an zwar beim „gender budgeting“, dat heescht, e Budget esou opstellen an esou analyséieren, dass der Gläichheet tëschent de Männer an de Frae Rechnung gedroe gëtt an domadder am Fong den „gender mainstreaming“ an d'Praxis a Chifferen ëmsetzt. A vu dass jo Politik ëmmer eppes mat Suen ze dinne huet, mengen ech, komme mer och zu Lëtzebuerg net derlaanscht déi Appréciatioun ouni „gender budgeting“ ze maachen an ech ginn lech elo ee Beispill - an domadder halen ech dann definitiv op - aus der Schwäiz, wou zu Basel-Stadt en „gender budgeting“ opgestallt ginn ass.

Ech liesen lech hei e puer Saachen draus vir. „Um festzustellen wo auf Kosten der Frauen gespart ist, braucht es Budgets die aufzeigen wie die Ausgaben genau verteilt sind. Basel-Stadt hat als erster Kanton im vergangenen Jahr unter dem Titel „Der kleine Unterschied“ in den Staatsfinanzen ein solches Genderbudget veröffentlicht und Erstaunliches zu Tage gefördert“, wéi beispillsweis dat heiten: „Im Durchschnitt gibt der Kanton für eine Baselstädterin 15% weniger aus als für einen Baselstädter. Die Männer im Alter von 20 bis 65 kosten 127 Millionen Franken. Die Frauen im selben Alter nur 42 Millionen.“ Dat ass en Drëttel. Ech sinn zwar net gutt am Rechnen, mä dat misst esou ongeféier d'Proportioun sinn.

Den drëtte Punkt: „Die Polizei gibt für die männliche Bevölkerung zwischen 20 und 35 ungefähr viermal mehr aus als für die gleichaltrigen Frauen und eine Baselstädterin arbeitet pro Jahr 160 Stunden bezahlt und unbezahlt mehr als Männer. Dies entspricht einer Arbeitszeit von fast vier Wochen. Würde man die Frauen für die mehrgeleistete unbezahlte Arbeit nach Marktpreisen entlohnen, würden sie rund 1.500 Millionen Franken zusätzlich verdienen. Allein dadurch würde sich das Einkommen der Frauen verdoppeln.“

A fir elo definitiv Schluss ze maachen, wollt ech lech nach just soen, dass den „gender budgeting“ och dozou ka féieren, fir opzestelle wat de Präis vun enger Hausfra wier, wann all déi Aarbechten, déi se doheem mécht, géife bezuelt ginn, inklusiv déi, wéi hei steet, affektiv a sexuell Zouwendung...

(Interruptions diverses)

...deeglech mat enger Véirelstonn, an dat ass aus därselwechter Schwäizer Wochenzeitung do, 3.000...

(Interruptions)

Dat ass Äre Problem!

(Hilarité)

An zwar wier dee Präis, an ech soen lech dee just, fir lech ze weisen, wéi onfair...

(Interruptions)

Eleng dee Präis, deem differenzéiert berechent ass, bei deem, datt et sech ëm Haushaltshëllef handelt, ëm Spullen, Kachen oder wat och ëmmer, oder wéi gesot ëm affektiv a sexuell Zouwendung, déi berechent ginn ass mat engem Tarif - et ass iwwregens den deiersten Tarif, deem op där ganzer Lëscht hei ze fanne war...

(Hilarité)

..., den niddregsten ass dee vu Kannermeedchen a Serviertochter, dee mat 7 Schwäizer Frang d'Stonn berechent ginn ass, mat sou vill Stonnen d'Woch. Dat heiten ass berechent, deem Tarif sexuelles Vergnügen, emotionale Zuwen-

dung, durchschnittlich eine Viertelstunde.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Madame Err, ech kenne Fraen, déi dreemen dovunner.

(Hilarité)

Mme Lydie Err (LSAP).- Mir laachen, déi géifen dervunner dreemen, wa se de Präis géinge kennen. Durchschnittlech eng Véirelstonn den Dag mat engem Stonnentarif vun 100 Schwäizer Frang op d'Stonn. Dat verduebelt par rapport zu der ganzer Aarbecht mat deenen normalen Tariffer fir Hausaarbecht d'Akommes vun enger Hausfra, dat, wann ee géing een Genderbudget opstellen, déi Hausfraen an der Schwäiz géife kréien, nämlech iwwer 6.000 Schwäizer Frang, dat heescht bal 4.000 Euro géingen se verdéngen. Da wär d'Welt natierlech eng ganz aner an da géinge mer wahrscheinlech och iwwer aner Saachen hei schwätzen, wéi iwwer Gewalt vun de Männer vis-à-vis vun de Fraen.

Esou wäit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären! Zu de Motiounen ass am Fong och alles gesot. Ech hunn domadder d'Zäit opgebraucht.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Hären an Dir Dammen, wann ee bedenkt, datt mer aus enger Répp geschnëzt gi sinn, da muss ech soen, no der Opzielung vun der Madame Err: Chapeau, wat mir alles kënnen a wat mir kënnen alles leeschten. Mä ech muss awer och soen, ech géing nach behaapten, datt déi Lëtzebuerger Fraen nach vill besser wäire wéi déi Schwäizer an datt et do nach méi en héijen Tarif géif ginn.

(Hilarité)

Ech wollt fir d'éischt der Madame Rapportrice merci soe fir hire schréfflechen a mëndleche Rapport, an dann zum Thema kommen.

Lues a lues komme mer un d'Enn vun eiser Legislaturperiod an dofir huet d'Kommissioun vun der Egalité des Chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine fonnt, de Moment wär komm fir e Bilan vun hirer Aarbecht ze zéien. Et giong eis an der Kommissioun dorëms, erauszefannen, ob déi Orientéierungsdebatten zum Thema Fraepolitik, déi säit 1996 hei am Parlament gefouert goufen, konkret eppes un der Situatioun vun der Fra hei am Land verbessert hunn. Ech kann hei scho virewech mat Jo op dës Fro äntwerten. An ech baséiere mech net op d'Längt vun dem Rapport oder op déi impressionnant Zuel vun 83 Motiounen, déi am Kader vun deenen Debatte gestëmmt goufen. Ech wäert villméi op déi konkret Impulser agoen, déi an deenen Debatte gi goufen an déi a Gesetzesvirschlëi resultéiert sinn. Ech wollt och nach eng Kéier d'Positioun vun der DP an dësem Dossier presentéieren a méi spezifesch op d'Propose vu menger Partei agoen.

Här President, Dir Hären an Dir Dammen, et ass keen Zoufall, dass mer dës Debatt esou kuerz no dem internationalen Dag vun der Fra organiséieren. Mir gesinn och erëm dës Joer, dass den Dag vun der Fra wesentlech dozou bäidréit, d'Öffentlechkeet zu dësem Thema ze sensibiliséieren an op d'Discriminatiounen vun dem weibliche Geschlecht anzegoen.

An alle Beräicher vun eiser Gesellschaft, sief et an der Familjen oder am Beruff, solle mir eis op dësem Dag d'Fro stellen, ob d'Frae genau-

sou wéi d'Männer behandelt ginn an eise Land an déiselwecht Rechter a Méiglechkeete gebuede kréien. Mat eisen Orientéierungsdebatten an deenen duerno folgende gesetzlechen Initiativen huele mir eisen Deel vu Responsabilitéit an droen dozou bäi, dass e gesetzleche Kader an eise Land besteet, deen d'Chancëgläichheet fir all eis Matbierger garantéiert.

Ech sinn awer och der Meinung, dass déi gesetzlech Initiativen eleng net duerg fir all geschlechtsbezunn Discriminatiounen aus der Welt ze schafen. Et ass och wichteg gewëssen Astellungen a Viruerteeler vis-à-vis vun de Fraen ofzebauen an d'Mentalitéiten esouwuel beim Mann, mä awer och bei der Fra ze änneren. Den internationalen Dag vun der Fra dréit wesentlech dozou bäi. Mat deene parlamentareschen Debatten iwwert d'Chancëgläichheet goufen haaptsächlech zwee Objektiver verfollegt.

Éischtens goug et eis an der Kommissioun doréms en detailléierten Inventaire iwwert d'Situatioun vun der Fra hei zu Lëtzebuerg ze maachen an zweetens gesitt Dir un de Motiounen, dass eis parlamentaresch Debatten en nützleche Reservoir un Iddien a Propositione goufen, aus deenen nei Gesetzter entstane sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann op dëser Plaz net am Detail op all eenzel Motioun agoen, déi am Kader vun eisen Orientéierungsdebatten zur Fraepolitik déposéiert goufen. Wann een duerch de Rapport vun eiser Kommissioun liest, mierkt ee schnell, dass all déi Motiounen wichteg a grondleënd Ännerunge proposéieren. Déi proposéiert Motiounen sinn och extrem villsäitig a beréiere bal all Beräicher vun eise Rechtsstat.

An der éischter Debatt vun 1996 gouf zum Beispill d'explizit Verankerung vun der Chancëgläichheet an eiser Verfassung proposéiert. Gläichzäitig gouf awer och d'Organiséiere vu Coursen iwwert d'Chancëgläichheet fir d'Personalcheffe vun eise Betriber proposéiert, a mat der „Initiativ erëm schaffe“ Formatiounen fir Fraen, déi erëm wëlle berufstätig ginn, proposéiert. Et kann een awer elo der Kommissioun an dem Parlament wierklech net virwerfen, et hätt hinnen un Iddien a konkrete Propositione gefeelt. Et kann ee kritesch géint vill Saachen sinn, mä et muss een awer och realistesch bleiwen, an do kann ech nëmme soen, dass grondleënd an innovativ Gesetzter am Beräich Fraepolitik an dëser Legislaturperiod gestëmmt gi sinn.

Ech wollt nach eng Kéier e bësse méi am Detail op d'Highlighten an dësem Domän agoen. Mam Gesetz vum 28. Juni 2002 ass de Forfait d'éducation an d'Liewe geruff ginn. Mat dësem Forfait gëtt d'Erzéiungsaarbecht valoriséiert vun deene Mammen, déi hir Aarbecht oppginn hunn, fir sech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmen. En Ustouss zu dëser Mesure war sécherlech déi Motioun 25, an där d'Regierung invitéiert gëtt, Moosnamen ze ergräifen, fir d'Chancëgläichheet tëschent de Mammen, déi Hausfra sinn, an deenen aneren, déi schafen, hiezestellen.

Mam Gesetz vum 12. Februar 1999 gouf de Congé parental agefouert. Obwuel d'Zuel vun de Männer, déi vun dëser Mesure profitéieren, nach net den initialen Erwaardungen entsprécht, kënnen mer elo scho gesinn, dass de Congé parental bei de Fraen op grouse Succès stéisst. Dës wichteg Mesure erméiglecht et dës Frae sech iwwer eng gewëssen Zäit ganz der Erzéiung vun hire Kanner ze widmen, ouni derbäi hir beruflech Carrière opzeginn.

Den 19. Mee 2003 gouf de Statsbeamtestatut reforméiert. Eng Serie vun Innovatiounen goufen agefouert, déi sollen hëllefen d'Chancëgläichheet an der Fonc-

tion publique ze assuréieren. D'Aféierung vun der Méiglechkeet 75, 50 oder 25% beim Stat ze schaffen, ass bestëmmt eng ganz wichteg Moosnam vun där Reform vum Statut vum Fonctionnaire. Si erméiglecht virun allem de Fraen hiert Berufsliewe mat hirem Familljeliewen ze vereinbaren. Des Weidere wëll ech och drun erënneren, dass all déi Fraen, déi vum 1. Januar 1984 wéinst der Erziehung vun hire Kanner beim Stat demissionéiert haten, elo erëm d'Méiglechkeet hunn, beim Stat reintegréiert ze ginn.

Säit sengen Aféierungen an de Joren 1998/99 huet de Précoce e rege Succès kannt. D'Zuel vun de Gemengen, déi de Précoce ubidden, huet sech säit senger Aféierung vervéierfacht. 3/4 vun eise Gemenge bidden haut de Service un an iwwer 3.000 Kanner profitéieren haut vun dëser Offer. Och dëst ass eng grouss Entlaaschtung fir Mammen, déi schafen.

En anert gutt Beispill, dat mir erlaabt e positive Bilan iwwer eis Aarbecht ze zéien, ass dat nei Gesetz iwwert d'hauslech Gewalt. Bei der Debatt iwwert d'hauslech Gewalt hat d'Chamber nämlech virgeschloen, d'Gesetz esou ofzännere, dass d'Opfer vun hauslecher Gewalt den Domicile familial net méi verlosse muss, mä au contraire den Täter. Dës Proposition ass am Gesetz vum 8. September 2003 iwwert d'hauslech Gewalt iwwerholl ginn.

Här President, Dir Hären an Dir Dammen, mat deene puer Beispiller wollt ech nach eng Kéier weisen wéi e wichteg Forum dës Orientéierungsdebatt iwwert d'Fraepolitik duerstellt. Déi zwee Objektiver vun dësem Forum, an zwar éischtens en Inventaire opstellen iwwert d'Situatioun vun der Fra an zweetens konkret Propositionen opstellen, goufen erfüllt. Et ass awer och kloer, dass eis Aarbecht an dësem Dossier nach net gedoen ass. Et gëtt nach ze vill Ongläichheeten tëschent Mann a Frau, déi müssen aus der Welt geschaaft ginn.

A mengen Aen ass déi Problematik hei zu Lëtzebuerg ähnlech wéi an aneren Nopeschlänner. Mir schützen d'Frae géigeniwwer Gewalt, ginn hinne fräien Zougank zu Bildung a Beruff a ginn hinnen dat aktivt a passivt Wahlrecht. Trotz dëse sozialen Errongenschaften, déi eis haut selbstverständlech erschénge, bleiwen nach zu Lëtzebuerg vill geschlechtsspezifesch Ongläichheete bestoen.

Déi sichtbaarest Diskriminéierung besteet wuel um Aarbechtsmaart, wou zu Lëtzebuerg d'Fraen nach ëmmer fir déiselwecht Aarbecht an der Moyenne 12% manner Lohn kréien. Dës Differenz ass zwar daitlech méi kleng wéi den EU-Duerchschnitt, trotzdem ass se inakzeptabel. Och ass d'Beschäftigungssqu coast bei de Fraen hei am Land genau wéi an eisen Nopeschlänner daitlech méi niddreg wéi déi vun de Männer, an d'Frae risquéieren éischter ze veraarmen. An eise Wahlprogramm, dee mir elo gläich wäerte virstellen, gi mir ausféierlech op d'Fraepolitik an a maache konkret Verbesserungsverschléi. Et ass eis wichteg, dat Thema ausféierlech an eise Programm ze behandelen.

Als DP bleiwe mir weiderhin der Iwwerzeegung, dass mir am beschten d'Ongläichheeten tëschent Fra a Mann kënnen vermannen andeems mir en Ëmfeld schafe wou d'Frae wierklech de Choix hu wéi si hiert Liewen tëschent Famill a Beruf opdeelen. Wann d'Frae sech entscheiden, sech ganz hirer Famill an der Erzéiung vun hire Kanner ze widmen, müssen si ausräichend geschützt sinn, fir net per rapport zu hire Liewenspartner a finanziell Ofhängegkeet ze geroden. Op där anerer Säit solle berufstätig Mammen iwwer genuch Strukturen, sief et Crèches, Garderien oder Schoulen, kënnen verfügen, fir kënnen hir Carrière opzebauen.

Här President, Dir Hären an Dir Dammen, den Hauptproblem ass an eisen Aen nämlech net de Mangel u Kompetenz vun de Fraen, nee, au contraire gesäit een, dass EU-wäit haut d'Frae 55% vun den Akademiker stellen. Dës Frae sinn awer doduerch benodelegt, dass si allze oft müssen hir Carrière ënerbriechen. Hallef Deeg schaffen oder Posté mat niddreger Responsabilitéit müssen akzeptéiert ginn. Hei sinn och de Stat an d'Gemenge gefuerdert fir ausräichend Strukturen ze schafen, sief et Garderien oder de Précoce, fir dës Mammen ze entlaaschten.

Am leschten Deel vu menger Ried wollt ech op de Rôle vun der Fra an der Politik agoen. Trotzdeem wou sech fir dës Wahle méi Fraen opgestallt hunn, si mer nach wäit ewech vun enger ausräichender Representatioun vun der Fra an der Politik. Op den éischte Bléck schéngt d'Aféierung vu paritaire Léschten, souwuel fir d'Europa-, wéi och fir d'Landes- a Kommunalwahlen, eng schnell Léisung fir Fraen den Accès zur Politik ze erliichten, fir mech ass d'Aféierung vu Quoten awer keng akzeptabel Léisung. Hei gëtt eng Diskriminéierung duerch eng aner ersat. An der liberaler Partei hunn d'Fraen an de leschte Jorzénge ëmmer eng wichteg Roll gespillt. Si hunn hir Parteikollegen a Wieler duerch hir Kompetenz iwwerzeegt a sinn net duerch eng Quoteregulung un d'Parteispetzt gerutscht.

Här President, Dir Hären an Dir Dammen, et gouf an dëser Legislaturperiod ouni Zweifel eng positiv a konstruktiv Aarbecht geleescht fir d'Ongläichheeten tëschent de Geschlechter ze verréngere.

Éischtens gouf am Parlament e puermol eng offen a objektiv Debatt iwwert dëst Thema gefouert. Zweetens goufe wichteg Gesetzter gestëmmt. E Beispill hefir ass ënert anerem d'Gesetz iwwert d'hauslech Gewalt. Drëttens gouf eng verstärkt Offentlechkeetsaarbecht geleescht fir op déi verschidden Diskriminéierungen opmierksam ze maachen, a véiertens gouf de Précoce a ville Gemengen agefouert an d'Zuel vun de Crèches erhéicht. Ech gleewen dofir, dass mir kënnen e positiv Bilan haut zéien. Trotzdeem bleift nach vill ze maachen an ech freeë mech schonns op déi nächst Orientéierungsdebatten am Beräich Fraepolitik.

Zum Schluss erlaabt mer nach all deene Leit merci ze soen, déi mir d'Chance haten an der Kommissioun unzehéieren, an oft hätt ee sech gewënscht nach méi Zäit dës Leit ze bidden, déi eng formidable Aarbecht um Terrain geleescht hunn an ech sinn iwwerzeegt nach leeschte wäerten.

Ech wollt lech merci soe fir Aert Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. D'Wuert huet den Här Colombero.

M. Jean Colombero (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, obschonns mir an der Kommissioun géint dës Rapport gestëmmt haten, well en onkomplett ass - an den Här Aly Jaerling wäert herno nach driwwer ze schwätze kommen -, wëll ech awer der Madame Rapportrice Ferny Nicklaus-Faber fir hire mëndlechen a schrëftleche Bericht trotzdem merci soen, well si huet sech awer menger Meinung no gutt investéiert.

Am fénnefte Joer vun dëser Legislaturperiod versiche mir haut erauszefannen, ob d'Situatioun vun de Fraen hei am Land sech wesentlich gebessert huet, an ech

wëllt mat der Konklusioun ufänken: Trotz punktueller Verbesserung si mir der Meinung, dass sech hei zu Lëtzebuerg näischt Wesentlech geännert huet, dass d'Fraen hei am Land nach ëmmer déi zweet Gei spillen, dass mir ganz wäit vum Begrëff Chancëgläichheet sinn an dass mir ni d'Chancëgläichheet hei am Land wäerten errechen.

D'Politik vun der Chancëgläichheet esou wéi eis Ministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs, dat momentan verkeeft, ass einfach a schlicht gesot déi falsch Politik, déi falsch Aart a Weis fir eng Gläichberechtigung vun dem Mann a vun der Fra ze errechen.

Une voix.- Da maacht Dir Propositionen!

M. Jean Colombero (ADR).- D'Madame Minister huet zwar - an dat muss ee fairerweis soen - och verschidde gutt Initiativen ergraff...

Plusieurs voix.- Aaaaa!

M. Jean Colombero (ADR).- ...nämlech Mesuren, déi de Mobbing op der Aarbechtsplaz oder den Harcèlement sexuel op der Aarbechtsplaz dénoncéieren. Och d'Gesetz iwwert déi hauslech Gewalt ass ze begrëssen. Dobäi feelt et un allen Ecken u Ressourcen.

Am Rapport vun der Madame Rapportrice liese mir, dass 64 Männer säit A-Kraaft-Triede vun dësem Gesetz am November 2003 vun doheem ausgewise gi sinn, an d'Madame Rapportrice betount, dass dëst eng grouss Zuel ass, well am Ministère haten déi concernéiert Leit nëmme mat 20 Fäll am Joer gerechent.

Här President, wéi ech virun dräi Joer hei eng Interpellatioun an der Chamber hat iwwert d'Gewalt an iwwert d'Kriminalitéit hunn ech op dës Problem higewisen an ech sinn deemools vun zwee CSV-Ministernen, dem Här Frieden an dem Här Wolter, ausgelacht ginn. Den Här Wolter huet de Phänomeen Gewalt als net weider beängstigend ugesinn. Ech sinn also net iwwerrascht, wann ech esou Aussoen am Rapport liesen.

Fait ass, dass Gewalt awer an eiser Gesellschaft Wuerzele gefaasst huet an dass hei muss gehandelt ginn, an och d'CSV muss handeln. Wat mech am Rapport iwwerrascht ass de Fait, dass guer kee Wuert drasteet iwwer spezifesch Programmer, déi an der Schoul missten ëmgesat ginn, do wou Jongen a Meedercher, dat heescht spéider Männer a Fraen, zesummeliewen. Hei huet een d'Impressioun, dass d'CSV-Ministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs, ee Projet iwwert d'hauslech Gewalt an hirem Eck élaboréiert, an déi aner Säit ass d'Madame Brasseur, déi net weess, dass et esou e Projet gëtt.

Ech sinn an der Schoul awer geléiert ginn, fréier wéi ech an d'Schoul gaange sinn, dass ech mech muss aneschtens verhalten. Ech si geléiert ginn, dass wann e Mann an eng Fra bei enger Dier stinn, de Mann muss der Fra de Virrang ginn. Ech si geléiert ginn, wann ech an engem Bus setzen, wann do eng schwanger Fra ass oder eng eeler Fra ass, da steet de Mann op an hie gëtt der Fra d'Plaz. Dat sinn ech geléiert ginn, dat ware Gentlemanmethoden, Dir Dammen an Dir Hären.

Haut gëtt an der Schoul den „gender mainstreaming“ propagandéiert. E Jong därëf a soll a muss mat enger Pëppche spillen. Hien därëf och kräischen. E Meedchen därëf, soll a muss mat engem Bagger, mat engem Camion spillen.

Une voix.- Hatt muss net! Hatt muss net!

M. Jean Colombero (ADR).- Hatt därëf och jäizen a krazen, hatt därëf och rose ginn. Entschëllegt, mä wat soll dat? Ass dat alles wat mir de Kanner proposéieren? Hei muss ee Kloertext schwätzen. Hei

muss een de Kanner awer Messagen iwwermëttelen, an ee vun dëse Messagen ass, dass de Mann d'Fra muss respektéieren, schonns eleng well si vun Natur aus bestëmmt ass fir d'Liewen ze droen. Dee Message ass kloer, Punkt, Schluss, aus!

Wéi schlecht sech dës Regierung an dëser Affär vun der hauslecher Gewalt erauszitt, beleet d'Zitat op der Säit 37 vum Rapport: „Aucun cours n'est organisé pour les médecins, les pédiatres et les magistrats.“ Wann ech als Dokter eng Fra oder e Kand mat enger gebrachener Nues gesinn, misst et theoretisch méiglech sinn, dass ech op Basis vu verschiddenen Indizien misst erauszefannen, ob hei Gewalt am Spill war oder net. Wann een awer allerdéngs déi Indizien net kennt, da gëtt den Dokter ugeschmiert. Da kann d'Fra oder de Jong do behaupten, hie war d'Trap erofgefall. Dofir wann ech gelift, Madame Minister, organiséiert déi Coursen esou schnell wéi méiglech, fir dass och déi verstoppte Gewalt entdeckt ka ginn.

Wéi ohnmächtig, dass dës Regierung ass, beweist de Fait, dass de Service d'assistance aux victimes des violences domestiques total iwwerfuert ass, dass nëmme dräi Leit do schaffen, dass kee Personal do ass fir sech extra ëm d'Kanner ze këmmen, déi an dëser Situatioun am schlémmste betraff sinn.

D'Strukturen, fir geschloe Fraen opzehuelen, sinn iwwerfuert. Meng Fro: Wat soll dat? Wann een e Gesetz iwwert d'hauslech Gewalt mécht, da soll een och dofir surgen, dass um Terrain alles prett ass fir dat Gesetz ëmzesetzen an net dass lénks a riets Personal a Struktur feelen. Här President, esou wéi dësen Dossier ugepaakt gëtt, ass dat net de richtige Wee a mir wäerten als ADR nom 13. Juni, wa mer an der Regierung setzen,...

(Hilarité et interruptions diverses)

...dës Problem aneschtens behandelte wéi d'CSV a mir wäerten hinne weisen wéi hei am Land Politik gemaach gëtt.

Eng gutt Initiativ, déi d'Madame Minister och ënnerholl huet, ass déi, dass si den éischte Weltkongress vun der Matriarchatsforschung hei zu Lëtzebuerg organiséiert huet. An ech hat eng gewëssen Zäit d'Hoffnung, Madame Minister, dass Dir et géift packen. Dir waart um richtige Wee, fir dat patriarchaal Denken, dat mir hei an eiser westlecher Gesellschaft hunn, ze duechbriechen. Dat ass eng vun deene Strategien, déi ee favoriséiere muss.

Viru véier Joer hat ech hei op der Tribün main Exposé gehalen iwwert déi indiansch Gesellschaft. Dat ass eng Gesellschaft, déi patriarchal gefouert gëtt an ech si Partisan vun enger patriarchaler Gesellschaft.

Ech wëllt hei eng Klamer opmaachen. Mir stinn d'Hoer zu Bierg, wann eise Premier Jean-Claude Juncker sech fir d'Türkei asetzt a seet d'Türkei misst an d'EU. E Land wou eng aner Kultur an eng aner Relioun d'Fraen als Reserverad ugesäit, dat brauch net hei an Europa integréiert ze ginn. Wann hir Sitten, hir patriarchaal Denken d'Frae just als Statisten degradéiert, da si si beim ADR op der falscher Adress. Mir soen nee zu alle Länner, déi d'Fraen diskriminéieren.

Wann ee bedenkt, dass a Frankräich nach 30.000 Genitalverstümmelungen praktikéiert ginn. Wéi vill sinn et der hei zu Lëtzebuerg? Dat wëllt ech gär wëssen. Da kënnen mir hei nach laang op Chancëgläichheet waarden.

Madame Minister, mech géing et och interesséieren: Wéi ass Är Position zum Voile islamique? Klammer zou.

Parallëll zu deene positiven Aspekter, déi ech elo zitéiert hunn, mussen

mer awer zrëckbehalen, dass eng ganz Lëscht vun negativen Erkenntnisser dës Chancëgläichheetspolitik begleeten an ech wäert och e puer Beispiller herno a menger Interventioun zitëieren. Ech weisen awer drop hin, wann d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs op dëser Schinn wëllt weiderfueren, e Wee, dee fir eis falsch ass, da muss si och dofir suergen, dass d'Akzeptanz vun de Männer méi grouss gëtt, well eng Saach ass jo awer kloer: Wann ee sech géint d'Chancëgläicheit wiert, dann ass et de Mann! A wann alles gemaach gëtt fir d'Fra op déiselwecht Positioun ze kréie wéi de Mann, da muss een awer eng aner Strategie entwëckelen an net versiche fir mordicus d'Fraen no vir ze peitschen, fir dass si dat nämlech leeschte solle wéi de Mann.

Här President, ech hat, wéi gesot, d'Hoffnung op Basis vun deene positive Mesuren, déi ech virdrun zitëiert hunn, dass eis Ministesch de richtigen Dréi géif fannen. Leider war dat eng Illusioun. Si huet sech net kënnen duerchsetzen. Beispill: D'Participatioun vun de Fraen un de Wahlen. 1999 hu mir iwwert d'Participatioun vun de Fraen an der Politik geschwat. Kucke mir d'Lëscht vun de Parteien, déi sech 1999 presentéiert hunn, da konstatéiere mer Folgendes, huele mer déi fënnf grouss Parteien: d'CSV, d'DP, d'LSAP, den ADR an DÉI GRÉNG. Deemools ware 77 Kandidatinne vun 300 op der Lëscht. Dat ware 25,66%. Haut 2004 hu mir 91 Kandidatinne vun 300, dat ass en Zouwuess vu 4,67%. Dat heescht manner wéi 1% an engem Joer. Wa mir déi Chancëgläichheit hei erbäisprieche wëllen, dann dauert dat nach ganz genau 20 Joer.

Nëmmen zwou Parteien, DÉI GRÉNG an déi Lénk, hunn eng plus ou moins équilibréiert Lëscht. Mir als ADR hunn eis vu 14 op 15 Frae gesteigert. Mir si géint eng Quoteregulung, well mer der Meinung sinn, dass deejéinege sech melle soll, dee sech fir d'Politik beurriff fillt. Ob dat elo 45 Männer oder 15 Frae sinn, oder 45 Fraen a 15 Männer, dat ass eis total egal. An eise Reien hu mir awer gemierkt, dass wéinst der zweefacher oder dräifacher Belaaschtung, dat heescht Stot a Politik, oder Stot, Beruff a Politik, d'Frae méi retizent ware fir sech als Kandidatin ze bewerben.

Wat d'CSV ugeet, déi huet fir eng 30%eg Quot plädéiert. Mat 20 Kandidatinne vu 60 ass déi Quot och agehal ginn, mä hei muss ee sech awer déi berechtigt Fro stellen: Firwat setzt eng Partei, déi sech fir d'Chancëgläichheit asetzt, eng Quot vun 30% an? Firwat dann net vu 50? Firwat net 30 Männer an 30 Fraen? Dir hutt dach de Ministère vun der Chancëgläichheit. Firwat sinn am Bezierk Norden, do wou d'Ministesch hierstaamt,...

(Interruptions diverses)

...nëmmen zwou Frae berücksichtegt ginn...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Den Här Colombera huet d'Wuert an déi aner sollen nolauscheren!

M. Jean Colombera (ADR).- ..., wou awer gewosst war, dass d'Madame Marie-Josée Jacobs fir dräi Frae plädéiert huet? Zwou Frae si ganz genau 22%. Dat heescht wäit ënner 30%. Wann eis Ministesch sech net duerchsetze kann, an dat nach an hire Reien, mä wie soll sech dann duerchsetzen. De Comité des sages vun der CSV huet nee gesot. Wéi vill Frae setzen an deem Comité des sages? Dat géif mech interesséieren.

(Interruptions diverses)

Aus reng elektorale Grënn huet de Comité des sages bestëmmt, dass am Norden en CSV-Mann méi Stëmme géif bréngen wéi eng CSV-

Fra. An dat ass déi traureg Realitéit. An et soll mir keen hei méi schwätze vu Chancëgläichheit, well dat gëtt et hei net.

Iwwregens, firwat ass meng Propos d'lescht Joer, déi ech gemaach hunn op dëser Tribün, fir eng Vizepresidentin hei ze hunn, net ugeholl ginn? Mir misste logescherweis och eng Alterspresidentin hunn niewent dem Chambers-president. Dat wier dat richtigst Signal, dat een dobausse géing iwwermëttelen. Dat géifen d'Leit dobausse verstoen an näischt aneschters. Mä leider ass d'CSV an hirem konservativen, patriarchalen Denke verkrampft a verklemmt, dass si esouguer hirer eegener Ministesch de Fouss stellt.

(Interruptions)

Mir sinn net besser wéi aner Länner, zum Beispill Amerika. Wéi steet et hei mat der Fraebewegung? Déi eenzeg Spëtzekandidatin war d'Geraldine Ferraro 1984, déi als Vizepresidentin niewent dem Walter Mondale kandidéiert huet bei 21 Wahlen.

Et gi momentan fënnf weiblech Gouverneurinnen an deene 50 Bundesstaten, 60 Deputéierten, dat sinn 13%, 13 Senatorinne vun 100. Ech behaupten, dass wann an Amerika amplat vum Här Bush eng Fra un der Spëtz gewiescht wär, da wär kee Krich am Afghanistan an och kee Krich am Irak entstanden.

Aner Statistiken aus Amerika: Nëmme fënnf vun deene 500 gréisste Firme gi vu Frae geleet. Véier vun deenen 21 Top-Universitëte gi vu Frae geleet. Ech hunn dës Statistik hei ugefouert fir ze soen, dass dat patriarchaalt Denken och an der Supermuecht Amerika fest verankert ass.

En anere Punkt, deen eis als ADR bei dëser Politik stéiert, ass den Opuuff vun der Madame Jacobs, dass all Fra schaffe soll goen.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Sot mer emol wou ech dee gemaach hunn! Och wann een eng Ligen zéngmol seet, bleibt et awer eng Ligen!

M. Jean Colombera (ADR).- Dat ass keng Ligen, Madame Jacobs! Mir hunn dat esou verstanen.

(Interruptions diverses)

Madame Jacobs, loosst mech schwätzen!

Mir versti sécherlech, Madame Jacobs, de Grondgedanken...

(Interruptions diverses)

Mir versti sécherlech, Madame Minister, de Grondgedanken, dass wann eng Koppel Schwieregkeeten huet a sech scheede léisst, dass dann d'Fra, wa se net schafft, a Schwieregkeete geréit. An et muss ee sécherlech alles ënnerhuelen, Madame Jacobs, fir dat ze verhënneren. Mä fir elo pauschal all Fra schaffen ze schécken, schéngt eis iwwerdrinnen. Eng Fra, déi schaffe wëllt goen, soll schaffe goen. Eng Fra, déi mengt si géif hire Kanner méi e groussen Déngscht leeschte wa se doheem bleibt, déi soll doheem bleiwen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Domat si mir jo all d'accord.

M. Jean Colombera (ADR).- Gutt, Här Weiler.

M. Robert Mehlen (ADR).- Wat huet d'Madame Minister dann domat gemengt, wéi se gesot huet, mir müssen d'Fraen un d'Aarbecht kréien?

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Et wär besser, wann Der eppes zitëiert, Dir géift et richtig zitëieren!

M. Robert Mehlen (ADR).- Ech zitëieren lech hei aus dem „Lëtzeburger Wort“ vum Januar

1999, Madame Minister. Wéi ass et da mam Här Jean Jaans? Dann hat deen lech schlecht verstanen!

Une voix.- Loosst se dach nëmme braddelen!

M. Jean Colombera (ADR).- Ech wëll just eng Statistik erwähnen. Déi däitsch CSU huet festgehalten, dass 1970 all 30. Kand verhalensgestéiert wor an dass 2003 all fënnf Kand Problemer hat. Hei am Land ass et d'selwecht. 20% vun eise Kanner huele Ritalin, well se hyperaktiv sinn.

Wann d'Frae solle schaffe goen, wien iwwerhëlt d'Erzéiung vun de Kanner? Vlächcht d'Nopesch, déi dann och bezuelt gëtt. Sécher. Vlächcht d'Groussmamm, de Grousspapp, wa se nach liewen. Vlächcht de Papp nom Prinzip vum „gender mainstreaming“, datt eng Fra déiselwecht Aarbecht ka maache wéi de Mann an de Mann déiselwecht Aarbecht maache ka wéi d'Fra.

Am Rapport vun dem Ministère de l'Education nationale gëtt bedauert, datt zum Beispill nëmme 4% vun de Meedercher Elektrotechnik, Informatik a Mechanik am technesche Regime léieren an et sollt een alles ënnerhuelen, fir datt et 50 zu 50 gëtt. Och hei soe mer kloer neen. Jiddferee soll dat léieren, wat him am beschte läit.

Wat ass d'Gefor vun dësem „gender mainstreaming“? Wann eng Fra déiselwecht Aarbecht maache soll wéi e Mann an ëmgedrëint och, da kritt een déi zwee Geschlechter net méi differenzéiert, da si se alleguerten déiselwecht Numeroen, an am krasse Fall muss eng Fra op der ARBED, am Gruet oder an der Pneuefabrik déiselwecht Leeschtung bréngen, obscho si net déiselwecht muskulär Kraaft opbréngt, an dat mat der Répercusioun, datt si éischter invalid gëtt, datt si éischter zu Medikamenter gräift, datt si éischter Depressioun kritt.

A wann ech Patron wär vun der ARBED, wann ech Patron wär vun der Pneuefabrik, wann ech Patron vun enger Entreprise wär, ech géif mech hidden eng Fra anzustellen, déi et net géif packen, och wann et am Gesetz géif stoen. Ech géif mech och hidden eng Fra, déi schwanger ass, nuets schaffen ze loossen. Dat géif ech net maachen.

Mme Marie-Josée Frank (CSV).- Dir hutt de Prinzip net verstanen.

M. Jean Colombera (ADR).- D'Chancëgläichheit, wann een ze vill fanatesch denkt, féiert dozou, datt jiddereen déiselwecht Nues huet an déiselwecht Leeschtung muss bréngen, egal ob en dozou fäeg ass oder net. An dat muss verhënnert ginn.

Et ass e fundamentale Feeler vun enger Partie vu Fraen, déi sech fir d'Fraerechter asetzen, datt se versiche fir de Mann ze iwwertrompen, datt se versiche fir de Mann nozeahmen, datt se versiche fir hien a senger Performance ze iwwerhuelen, an dat an alle Beräicher vum Liewen. Dës Attitüd féiert zu engem partielle Succès, deen awer zerbrichlech ass, well hei zum groussen Deel de Fonctionnement vun der Gesellschaft mat der Famill als Basis gestéiert gëtt. An Zukunft muss d'Chancëgläichheit tëscht Mann a Fra aneschters gefouert ginn. Déi ganz Gesellschaft muss verstoen an akzeptéieren, datt d'Fra als Wiesen deeselwechte Wäert huet, an dat ass de sprangende Punkt, deeselwechte Wäert huet wéi de Mann.

Dës fundamental Wouerecht dierf am praktesche Liewen net méi ugezweifelt ginn. Männer a Frae müssen zesumme wéi gläich Partner liewen, a si müssen déi Diffe-

renzen, déi zwëscht hinne bestinn, akzeptéieren a respektéieren. Et gi physesche, mental a sentimental Ennerscheeder. Et ginn Ennerscheeder an der Wahrnehmung, am Verhalen an an de Fäegkeeten. Gläichheit heescht op jiddede Fall net d'Noahme vun engem anere Geschlecht, mä Akzeptanz vum anere Geschlecht a senger Diversitéit. Et ass wéi zwou Hänn: Zwou Hänn, eng lénks an eng riets, déi kënnen nëmme beienee passen, wa se komplementar sinn.

Onofhängeg vum Sexe ass awer de Fait, datt zwou Persounen, déi déiselwecht Aarbecht maachen, dach awer och deeselwechte Loun kréien. D'Frae kréie jo bekanntlech hei an Europa 16% manner Gehalt wéi d'Männer bei gläicher Aarbecht. Hei zu Lëtzebuerg läit de Verdingscht vun de Frae bei 82% par rapport zu de Männer.

Chancëgläichheit heescht awer och Akzeptanz a Respekt vun de spezifische Flichten, déi engersäits der Fra an anersäits dem Mann operleien alleng vun Natur aus, dat heescht Maternitéit fir d'Fra a Paternitéit fir de Mann. Et muss een et de Frae kloer soen, datt se hiert Gléck net wäerte fannen, wa se de Mann a senger Aarbecht an a sengem Verhalen noahmen. Si mussen Frae bleiwen a sech och als Fra respektéieren a schätze loossen. Dann eréischt si se mat de Männer gläichgestallt. Et ass nëmmen esou, datt d'Fraen zu voller Entfaltung kommen an zum allgemenge Wuel vun der Gesellschaft bäidroen wäerten.

Fir dat ze erreeche muss obligatoresch e Mentalitéitswiessel bei de Frae selwer entstoen. Si mussen fir d'éischt sech selwer sinn. Si mussen sech selwer respektéieren. Eng Professorin muss eng Aarbechterin oder eng Hausfra mat aneren Ae kucken, net vun uewen erof. Datselwecht gëllt vun ënnen erop.

Virdrun huet d'Madame Lydie Err mat der Madame Rapportrice gestriden. Ass dat eng Aart a Weis fir dobaussen e Signal ze ginn? Sot mer dat emol!

(Brouhaha général)

Ass dat doten e Beispill vu Chancëgläichheit, Chancëgläichheit, déi mer wëllen no baussen iwwermëttelen?

(Interruptions)

Si sollen ophale sech selwer ze bekämpfen a sech ze diskreditéieren. Si solle mateneen schaffen a sech net bekämpfen. Hei muss de Stat eng Virreiderroll spillen, Madame Jacobs! Wa Gesetzer gemaach ginn, da mussen déi Gesetzer fir jiddferee gëllen an hei dierf keng Ausnahm toleréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt erausfonnt, wat ech domadder wollt soen.

(Brouhaha général)

Här President, d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet e Gesetz stëmme gelooss an duerchgeboxt, wou mir als ADR kal erwëscht goufen, a mir eis haut, praktesch zwee Joer no dësem Gesetz, nach net vun deem Schock erholl hunn.

(Hilarité)

Den Här Jaerling, den Här Greisen, den Här Henckes, den Här Koepp, den Här Gibéryen, den Här Mehlen an ech, mir sinn esou enttäuscht, datt hei am Land d'Frae vun enger Fraeministesch benodelegt ginn, fir keen anert Wuert ze gebrauchen. Mir hate geduecht, datt d'Madame Jacobs sech fir all Fra géif asetzen. Fir déi räich a fir déi manner räich.

(Interruption)

Besonnenesch fir déi manner räich, fir déi, déi un der Aarmutsgrenz liewen. De Combel bei der ganzer Saach ass, datt d'Madame Minister hei op der Tribün den 19. Februar 2004 gesot huet: „Et gëtt kee Gesetz, wat méi gerecht ass wéi dës Gesetz.“

(Interruptions)

Soll ech et nach eng Kéier widderhuelen?

D'Madame Marie-Josée Jacobs huet den 19. Februar 2004 gesot: „Et gëtt kee Gesetz, wat méi gerecht ass wéi dës Gesetz.“ D'Madame Minister muss eis dat erklären.

Mir bestinn drop, datt si hei op d'Tribün kënn an eis erkläert, firwat eng Fra mat zwee Kanner 6.000 Frang Mammerent kritt, an hir Nopesch, déi och zwee Kanner huet, keng 6.000 Frang Mammerent kritt.

(Interruptions)

Här President, wann d'Madame Minister hei an der Chamber seet, datt keen anert Gesetz méi gerecht ass wéi d'Gesetz iwwert d'Mamment, da kommen ech zur Konkusioun, datt mir vum ADR, den Här Aly Jaerling, den Här Fernand Greisen, den Här Jacques-Yves Henckes, den Här Jean-Pierre Koepp, den Här Gast Gibéryen, den Här Roby Mehlen an ech entweder rommeldomm sinn oder d'Madame Ministesch Marie-Josée Jacobs wunnt op engem anere Planéit a si schwätzt eng aner Sprooch.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Här President, mir hunn déi lescht Zäit ganz vill Problemer mat den CSV-Ministernen. Den Här Juncker wëllt jo d'Türkei integréieren. Den Här Frieden wëllt gären Hale baue fir d'Asylanten. Den Här Wolter seet, et géif keng Kriminalitéit ginn. Den Här Biltgen seet, d'Deputéierte géifen domm Froe stellen. Den Här Boden mécht Saachen, déi guer net an der Chamberkommissioun diskutéiert goufen. Mat der Madame Hennicot-Schoepges hu mir souwisou eis Problemer, an Dir,...

(Interruptions)

...Madame Marie-Josée Jacobs, Dir maacht eis hei e Gesetz, wou Der d'Fraen ongläich behandelt.

Här President, mir fuerderen d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs op, fir dës Gesetz vun der Mammerent...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

...réckgängig ze maachen an ze änneren, esou datt all Mamm hei am Land hire Forfait kritt, an dat aus verschiddene Grënn.

Éischstens, well d'Madame Marie-Josée Jacobs eng Fra ass, déi sech muss fir d'Fraen asetzen.

Zweetens, well d'Frae vun Natur aus scho manner Rent kréie wéi de Mann.

Drëttens, well d'Frae mat enger Mindestrent d'Sue batter néideg hunn an all Frang, dee se méi kréien, mécht hir Liewensqualitéit besser.

Véiertens, well dat e Signal vum Stat ass, datt en d'Kannererzéiung vun all Mamm unerkennt.

Mir bieten d'Mme Ministesch dës Gesetz virum 13. Juni ëmzeänneren. Mir wäerten net lassloosse bis all Fra hir Mammerent kritt.

An der nächster Legislaturperiod, egal wien hei sëtzt vum ADR, wäerte mir weider drop pochen, datt jiddfer Fra hir Mammerent kritt. A wa mir an der Regierung sëtzen, ech soen lech dat elo hei, dann ass dat dat éischt Gesetz wat mir änneren wäerten. Mir wäerten dat Gesetz do änneren, fir datt jiddferee seng Mammerent kritt.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ënnerbriecht dach de Riedner net an engem Stéck!

(Interruptions diverses)

M. Jean Colombera (ADR).- A mir ginn nach méi wäit. All Fra soll sech mat den Éducatiounsjoeren eege Pensiounsrechter opbauen, an dat wär an där Period vun der Gebuert u vum Kand bis zu enger Period vun zwielef Joer.

Här President, d'Madame Minister kann an d'Geschicht vum Lëtzebuergער Land agoen, wann et hir geléngt, de Fraen hei am Land eng nei Identitéit ze ginn, wann et hir geléngt, sech géint klengkaréiert Wahlpropagandiste vun hirer Partei duerchzesetzen. D'Sympathie vum Vollek a vum ADR wäert si awer eréischt kréien, wa si sech fir all Fra asetzt, déi räich an déi manner räich, wa si et fäerdeg bréngt fir d'Chancëgläichheet net als Kampf géint d'Männer unzegesinn, mä als Föderung vu Mann a Fra an hirer Diversitéit.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg agedroen. D'Madame Reuter huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

■ **Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et fält mir och elo hei schwéier eng Ried ze schmäissen, no all deem.

(Interruptions diverses et hilarité)

D'Luet läit héich, jo. Och mir Gréng fannen, dass dee Rapport eng gutt Bestandsopnahm ass an dass en d'Basis ass fir d'Aarbecht weiderzeféieren, mä dass mer net zefridde si mat der Konklusioun, déi aus dëser Bestandsopnahm ervirgeet. Et geet net duer, dass et do um Schluss heescht, dass d'Kommissioun hofft, dass d'Regierung weiderfiert fir d'Remarquen an d'Empfehlunge vun der Kommissioun a Considération ze zéien. Dat ass eis vill ze vill brav a verharmsend. Bei de villen Ongerechtegkeeten, déi bleiwen an ënnert deenen esou vill Fraen ze leiden hunn, geet et net duer, dass een einfach op de gudde Wëlle vun enger Regierung hofft.

Wann ech dat esou soen, wëll ech richteg verstane ginn. Et ass scho vill an d'Weeër geleet ginn, zënter dass de Fraeministère besteet an et ass och scho vill geschitt. Mir Fraen zéien do bei villen Initiativen zesummen un engem Seel, am Grousse wéi am Klengen, vun der Schafung vum Posté fir d'Fraebeoptraagt, vun deene mer nach vill méi an all Eck mussen hunn, bis zu neie Stroossen, déi endlech Fraennimm kritt hunn. Ech géif och d'Gemengen emol opfuerdenen e bëssen ze kucke wa se Stroossen aweien, do emol mat Fraennimm ze fueren. Dat wär eng ganz flott Iddi. Mir hunn zu Suessem eng ganz Cité ageweit mat Fraennimm. Et ass schéin, dass och Männer agesi wat wierklech lass ass a mat op dese Wee ginn.

Mä et ass awer och kloer, dass e puer Erfolleger net duerginn an dass op ville Plazen d'Politik vun der Chancëgläichheet gebremst gëtt. Dofir däerf eis d'Loft net ausgoen. Et muss weidergoe bis all déi Ongerechtegkeeten aus der Welt geschafft sinn. Alles wat bis elo um Gebitt vun der Chancëgläichheet erreecht gouf, goung net wum selwen. Et war d'Resultat vu ville klore Fuerderungen a vu ganz vill Aktiounen, déi vun de Fraen an hiren Organisatioune virbruecht goufen. Hätte mer ëmmer nëmme just gehofft an näischt ënerholl, da wär wéineg oder guer näischt geschitt. Esou ass et och elo. Et geet drëm kloer Aktiounen ze fuerderen an eng Prioritéitslëscht virzeleeën un där et sech ze orientéiere gëllt.

Wann een eng Bestandsopnahm mécht, an dat ass hei wéi gesot gutt gemaach, da muss een och de Courage hunn, et net nëmme bei de Feststellungen ze loossen, mä op de Gebitter konkret Revendicationen ze stelle wou et einfach net virugeet, an dat sinn eng ganz Rei Gebitter, wou sech am Alldag weist et ass eben net genuch geschitt, a wou mer op der Plaz trëppelen. Dat ass virun allem

am soziale Beräich, an der Aarbechtswelt an an der Politik.

Et geet drëm, dass mer endlech e Pensioussystem kréien, deen all Fra en eegene Rentenusproch garantéiert, ganz onofhängeg vun hirem Familljestand, ganz onofhängeg ob a wéi laang se geschafft huet. Och wa scho munches anescht ginn ass, bleift fir d'Fraen am Alter eng batter finanziell Situatioun, an dat besonnesch no enger Scheedung, wa se nëmme kuerzzäiteg berufsstäteg waren an dofir de Stot gemaach an d'Kanner groussgezunn hunn. Am Fall vun enger Scheedung misst d'Fra am Verhältnis zur Dauer zum Bestietnes déi gläich Renterechter hu wéi hire Mann.

Wierklech gerecht gëtt eis Rentsituatioun awer nëmmen a wierklech ofgeschaaft kréie mer déi Altersarmut vun de Fraen nëmmen, wa mer endlech d'Individualiséierung vun de Rentenuspréch aféieren. Dat bréngt de Fraen am Endeffekt vill méi wéi d'Mammerent, déi am Fong déi wierklech Problemer verwëscht. Et geet net duer, dass iwwerall bemängelt gëtt, dass et nach ëmmer Beräicher gëtt wou d'Frae fir déi gläich Aarbecht manner Loun wéi d'Männer kréien, ech mengen et ass schonn oft gesot ginn de Mëtteg, et sinn och verschidden Zuelen hei gefall. Meng Zuele sinn och 28% manner Loun, an dovunner si 16% novollzéibar an et bleiwen der awer nach ëmmer 12% wou een net weess wéi déi ze rechtfertige sinn.

Mir erkenne selbstverständlech déi wesentlech Verbesserungen un, déi stattfonnt hunn an déi de Fraen hëllefen, sech um Aarbechtsmaart besser ze integréieren. Och déi Verbesserunge koumen awer net vum Himmel gefall, mä sinn d'Resultat vun engem laangen Asaz vun der Fraebewegung, vu kuerza laangfristegen Initiativen a Strategien. D'Politik huet dës Revendicationen endlech opgegraff, awer et bleiwen nach vill inakzeptabel Differenzen, zum Beispill, dass d'Frae nach ëmmer op de Verantwortungsposten däitlech ënnervertruede sinn.

D'Theorie an d'Praxis stinn do nach ëmmer wäit auserneen. Wann ee vill Frae generell aus hirer Benodeelegung befreie wëllt, da brauche mer eng speziell Begleedung fir si bei der Wiel vum Beruff. Besonnesch fir net oder schlecht qualifizéiert Frae muss fraespezifesch Aus- a Weiderbildungsprogrammer weidergefouert ginn. Mir hunn awer och e Potenzial vun héich qualifizéierte Fraen, déi vergeblich waarden op den Aarbechtsmaart ze kommen.

An dofir muss eng fraegerecht Aarbechtspolitik och déi familiär Aspekter mat abezéien. Et muss méi flexibel Aarbechtszäiten duerchgesat ginn, nei Aarbechtsmodeller sinn noutwendeg, an da muss virun allem nach méi a flächendeckend Structures d'accueil geschafe gi mat flexibelen Öffnungszeiten. Mir brauchen esou Strukturen an alle Gemengen an de Regiounen, an et wär och flott wann d'Betriber op dee Wee géife goe fir emol Strukturen unzebidden.

Elo nach en anere Problem, dat ass d'Reform vum Wahlgesetz, wou et verpasst ginn ass fir endlech paritéitesch Wahlleschten um nationalen an um kommunale Plang anzeféieren.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG).**- Mir Gréng, mir sti fir eis Paritéit, déi mer op eise Lëschten hunn. Mir haten och e Gesetzesprojet ageerecht, mä deen ass verworf ginn. Ech wëll lech e bëssen ziele wéi et och hei niewendrun an eisen Nopeschlänner ass. Interessant ass d'Beispill aus dem Ausland wat d'Paritéitesch Lëschten do bewierkt hunn. An Däitschland existéieren zwar keng gesetzlech Regelungen,

mä déi meescht Parteien hunn d'Quoteregelung ugeholl, sou dass si op 32,5% am Bundestag kommen.

■ **Une voix.**- Déi hunn och en anere Wahlsystem.

■ **Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG).**- Jo, mir kënnen eise Wahlsystem jo dann och an deem Sënn änneren. Ech soe just déi Beispiller. Ech mengen, mir hunn eise Wahlsystem guer net geännert, ech wollt just déi Beispiller hei virbréngen.

A Frankräich hu se ganz ënnerschiddlech Mesuré getraff. Bei de Municipalen, also de Gemengewahlen, an an de Stied iwwer 3.500 Awunner mussen paritéitesch Lëschte presentéiert ginn. Resultat: De Prozentsaz vun de Conseillères municipales ass vun 21,7% 1995 op 33% 2001 eropgaangen. Mä, elo lauschtert, bei de Parlamentswahlen haten d'Fransousen awer leider just virgesinn, déi Parteie finanziell ze strofen, déi keng paritéitesch Lëschte virgeluecht hunn. A wat ass geschitt? Déi grouss Parteien hu léiwer dës Strofen a Kaf geholl, wéi 50% op hir Lëschten ze huelen! D'Resultat: Nëmmen 12,3% Frae sëtzen an der Assemblée nationale, ee vun deenen niddregste Chiffren a ganz Europa! An dofir huet Frankräich reagéiert a setzt fir den 13. Juli paritéitesch Lëschten op der Europawahl duerch. Frankräich huet et elo fäerdeg bruecht, wat fir vill Leit bei eis nach ëmmer eng Utopie ass.

Ganz anescht ass et och bei eisem belschen Noper gaangen. D'Belsch hunn den Droit fondamental à l'égalité des chances entre hommes et femmes an hir Constitutioun ageschriwwen an hu virun de Wahle vun 2003 hiert Gesetz nach eng kéier reforméiert. Dat neit Gesetz huet verlaangt, dass d'Kandidatëlëschte paritéitesch besat ginn an dass op deenen dräi éischte Plazen déi zwee Geschlechter mussen vertruede sinn. Als Konsequenz hunn d'Belsch fir d'éischte kéier an hirer Geschichte d'Barrière vun 30% Fraen iwwerschrott. Si sinn an hirer Chambre des Représentants vun 29 Fraen 1999 op 53 Fraen am Joer 2003, dat heescht 35,3%, eropkomm.

Am Senat si 15 Fraen direkt gewielt ginn, dat heescht 37,5%, an no dem Jeu des suppléances sinn 22 Fraen am Senat, wat ëmmer nach 31% ausmécht. Et wär also flott wa mir mat eisen 20% Fraen hei an der Chamber a mat 15,4% Fraen am Gemengerot dierfte vun eisen Nopere léieren an endlech konkret Moossnamen ergräifen, dat heescht paritéitesch Besetzungen vun de Lëschten, wat bis elo leider nëmmen DÉI GRÉNG an déi Lénk duerchgesat hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och nach e lescht Wuert zum Gender. Et ass hei schonn immens ugeklongen an et ass scho vill driwwer geschwat ginn, meng Gemeng ass och zitéiert ginn, an och Beetebuerg. Mir si frou, dass eise Fraeservice op dee Wee gaange war fir déi Workshops do ze organiséieren, mä ech muss awer och leider soen, dass de politeschen Interesse vun eise Politiker ganz geréng war. Dat muss een och kloer an däitlech soen, an dat heescht, dass do muss Formatioun gemaach gi bei deene Leit. Et ass schued, mä ech mengen et kann ee sech nëmmen nach verbesseren.

Ech wollt och nach schwätze vun där flotter Broschür, déi d'Promotion féminine erausginn huet, a leider ass dat da wahrscheinlech och méi hannert zouenen Dieren bliwwen, dass dat net bis bei d'Regierung a bei d'Politiker komm ass.

Mä ech mengen do kann ee jo nach ëmmer en neie Wee aschloen, an da wäerte mer do och e bësse méi bei eise Politiker Ännerunge fannen. Mir mussen e Maximum un Initiativen huele fir endlech zu engem Mentalitéitswiessel ze komme bei de Kanner an de Schoulen an an de Familljen.

Mä dat ass jo och schonn alles hei ugeklongen, dass an der Éducation nationale, op der Uni Lëtzebuerg an zu Fenteng gutt geforscht gëtt, a mir hoffen, dass, wa se eis hire Rapport virleeën Enn Mäerz, mer nach eng kéier eng flott Debatt hei iwwert d'Gender kréien. Ech géif mer déi wënschen. Ëmmer erëm gëtt gesot dat wär net llicht, dat bräicht Zäit an et wär alles net esou schlëmm. Mä ëmmer gi vill Problemer dramatesch verharmlost, a wann dann endlech eppes geschitt, gesäit een, dass de Problem nach vill méi grouss ass wéi een am Ufank geduecht huet.

Ech wollt do och op d'Gesetz vun der Violence domestique kommen, Gewalt am Stot, an ech wollt do just soen, dass bei deene Wechweisungen och 105 Kanner betraff waren an déi 105 Kanner sech dann och ëmmer d'Gewalt mussen virun Aen halen. Ganz sécher ass och gi wéi wichteg et ass, dass dëst Gesetz massiv begleet gëtt, wéi et schonn zum Deel geschitt. Ech mengen d'Formatioun vun der Police, vum Magistrat, vum Personal, déi mat den Täter schaffen, well et geet sécher net duer nëmme de gewalttätege Mann aus dem Haus ze geheien, och no him muss gekuckt ginn an och hie brauch Hëllef fir en anere Wee ze fannen.

Da kann ee frou sinn, dass mer eis ONGen hunn, wéi zum Beispill de Planning familial, déi sech do immens investéiert hunn. Et ass ze hoffen, dass dee Projet, deen elo leeft mat där Täterhotline, net verschwénnt, well et en europäesche Projet ass. Wa keng Sue méi do sinn, net dass en dann net méi gültig ass. Dat wär schued. Ech hoffen, dass mer do eng Léisung fannen, dass deen awer ka weidergefouert ginn. Och déi Täterhotline muss dobaussen nach méi bekannt gemaach ginn, an ech mengen do sinn déi Leit, déi um Terrain schaffen, gewëllt dat och ze maachen, a mir mussen si do ënnerstëtzen.

Gläichzäiteg gëtt engem ëmmer méi bewosst, dass och déi betrafte Frae widerhi mussen betreit ginn an en charge mussen geholl ginn, ausserhalb vun de Fraenhaier. Dëst Beispill beweist - an et ginn der nach genuch -, dass een d'Problemer vun der Chancëgläichheet net däerf erofspillen oder ënnerschätzen, mä dass ee se aktiv a praxisbezu muss ugoen. Mir Gréng wäerten net midd ginn de Fraen eis Stëmm ze ginn a mir wëssen och, dass parteieniwuergräifend ëmmer méi Leit d'Bedeitung vun der Fraepolitik net méi vernoleisseg. Dann dauert et vläicht net méi laang a mir kréien d'Chancëgläichheet endlech an d'Constitutioun ageschriwwen.

Zum Schluss wollt ech och nach eng kéier un déi Fraen erënneren, déi am mannste Stëmm dorëmmer hunn. Wéi steet et ëm déi sou genannten Artistes de cabaret? Wéi steet et ëm déi Motioun, déi am September 2000 hei ugeholl ginn ass, déi eng sozial Ofsécherung vun dese Fraen a gläichzäiteg eng Klärung vun hirem Berufsstatut, vun hiren Openthalts- an Aarbechtserlabnisser verlaangt?

Weider goufen och Schutzmoossname fir dës Frae gefuerdert an och Mesuré fir de Mënschenhandel ze bekämpfen. De Problem ass mat dausende vu Fraen aus dem ehemolegen Ostblock, déi hei bei eis an de Westen erageschleist ginn, bestëmmt net besser ginn. Dës Motioun vum September 2000 ass nach ëmmer ënnerwee, an déi jeeweileg Kommissioun wäert eis jo dann iergendwann dat Resultat

matdeelen, wat do erauskomm ass.

De Justizminister huet en Aarbechtsgrupp agesat fir d'Situatioun ze präiwen an och ze kucken ob Lëtzebuerg konform mat den internationale Regeln ass. Och do ass bis elo nach näischt erauskomm. Ech mengen d'Madame Err hat dat och virdrun ugesprach. Et bleift also nach vill ze maachen, an den 8. Mäerz behält och weider méi wéi jee seng Berechtegung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Frank agedroen. D'Madame Frank huet d'Wuert.

■ **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll der Rapportrice, der Madame Ferny Nicklaus, merci soe fir déi Aarbecht, déi si am Kader vun dëser Debatt geleescht huet, an och fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Um Niveau vun der Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra ass an deene leschte Jore vill Aarbecht geleescht ginn, an et ass elo just gesot ginn, et bleift nach vill ze maachen. Haut de Mëtteg ass vill iwwer berufsstäteg Fraen a Mammen, hir Situatioun um Aarbechtsmaart an an der Politik geschwat ginn. Ausserdeem ass gekuckt gi wéi een eng besser Vereenbarkeet tëschent Beruffs- a Familjeliewen erreeche kann. An all dësen Diskussionen ass awer ee Grupp vu Frae bal net ernimmt ginn, deen anere spezifesch Problemer ausgesat ass wéi zum Beispill der Conciliatioun tëschent Beruffs- a Familjeliewen. Ech denken hei ganz besonnesch un déi net berufsstäteg Fraen a Mammen, nämlech un d'Hausfraen am Allgemenen.

Dofir wollt ech a menger Interventioun e bëssen hir Situatioun an eiser Gesellschaft bellichten. Aus deem Bericht um europäesche Parlament iwwert d'Vereenbarkeet vu Beruffs-, Familljen- a Privatliewen ass ervirgaangen, dass an der Europäescher Unioun eng vu sechs Fraen tëschent 25 a 54 Joer net berufsstäteg ass. Dës Situatioun ass och hei zu Lëtzebuerg net vill anescht an huet verschidde Grënn. Vill Hausfraen hei am Land sinn aus Iwwerzeegung Hausfraen. Ech sinn der Meenung, dass jiddfer Fra, wann d'Situatioun et erlaabt, fräi ass a selwer entscheede soll wéi eng Liewensrichtung - ob Famili oder/a Beruff - si aschloe wëllt. Jiddferee soll d'Méiglechkeet kréien, säin eegene Choix ze treffen. Och eng Fra, déi am Haushalt schafft, huet d'Recht respektéiert ze ginn an Unerkennung ze kréien.

Ee vun den Avantagen doheem ze bleiwen ass, dass si méi Zäit a Gedold huet fir sech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmern. Och ass gewosst, dass d'Aarbecht vun den Hausfraen dem Stat eng sëllech Investitiounen a ville Beräicher erspuert. Ech denken do besonnesch un déi vill Crècheplazen, déi nach misste geschafe ginn, wann eis Mammen all géife schaffen goen, an dat wou zurzäit jo nach vill Plaze fir Kanner a Crëchen a Structures d'accueil feelen.

Leider ass et an eiser Gesellschaft nach ëmmer esou, dass d'Hausfraenaarbecht net gesetzlech unerkannt ass. Déi am Stot geleeschten Aarbechte ginn nach ëmmer als selbstverständlech ugesinn, an et kënn oft vir, dass d'Hausfrae vun hirem Ëmfeld belächelt gi wa se „nëmmen doheem schaffen“ a sech „nëmmen ëm d'Erzéiung vun hire Kanner këmmern“. Ënnert dëser gesellschaftlecher Geréngschätzung leide vill vun eisen Hausfraen. Dëst gëtt virun allem vun de Fraen als Zeeche vu sozialer Ongerechtegkeet an als eng Form vun Diskriminéierung ugesinn.

Wann awer elo eng Fra als Affekotin, Dokter, Infirmière léieren oder als Sekretärin schaffe geet, da gëtt se vun der Gesellschaft respektéiert. Firwat fënnt eng Fra haut oft kee Respekt, wa se kee Beruff huet oder fir eng Zäit ophält mat Schaffe fir sech ëm d'Erzéiung vun de Kanner ze këmmere? Nach ëmmer ass et esou, datt déi geleeschten Aarbecht onbezuelt ass an deementspreechend anscheinend och weéneeg wäert ass. Ech sinn awer der Meinung, onbezuelt aktiv ass net inaktiv.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Och wann et schwéier ass dës Aarbecht a Geld ze moossen ass festgestallt ginn, datt d'Frae weltwäit op éischter Plaz am Verdéngscht géinge leien, wann d'Familljenaarbecht géif matgerechent ginn. Dofir soll déi am Familljekrees geleeschten Aarbecht net länger duerch d'Kennzeechen „sans état“ oder „néant“ ofgewäert ginn, mä richteg erfaasst an och gesellschaftlech unerkannt ginn.

Et ass deemno e gesellschaftspolitescht Thema wou gekuckt muss ginn, wéi een an Zukunft der Hausfra hir Aarbecht valoriséiert an op wéi eng Aart a Weis een eng gréisser Unerkennung vun dëse Fraen an der Gesellschaft erreeche kann. Nieft der gesellschaftlecher Diskriminierung vun net berufstätige Fraen, sinn déi sou genannten haaptberufflech Fraen oft sozialem Risiko ausgesat. Si verfüge gréisstendeels nëmmen iwwer ofgeleete finanziell Ressourcen an enger sozialer Sécherheet, déi un d'Existenz vun engem gutt funktionnéierendem Bestietnis gebonne sinn.

D'Ongewëssheet virun der Zukunft ass grouss wann een no 10, 20 oder 30 Joer gescheet gëtt. D'Zuele vum Statec aus de Joren 2002 soen, dass méi wéi 50% vun alle Bestietnisser fréier oder spéider gescheet ginn. Déi Leidtragend si meeschtens d'Hausfraen, déi sech no enger Scheedung oft am sozialen a finanzielle Misär erëmfinden; an do fänken eigentlech d'Problemer eréischt un. Keng sozial Struktur schützen si, vill vun dëse Frae sinn net sozial ofgesécher, hunn och keen eegent Akommes, respektiv keng eege Rent.

Elo kann een natierlech soen, dass se da musse schaffe goen. Et gëtt awer haut nach vill Fraen, déi guer kee Beruff hunn an dofir ass et vill méi schwéier eng Aarbecht ze fannen. Et ass wichteg, datt mer d'Meedercher an d'Frae motivéiere fir e Beruff ze léieren, deen hinnen et erlaabt sech sozial ze versécheren an hir eege Rent opzebauen oder ze verbesseren, wa si während enger Zäit opgehalen hu mat schaffen. Mir sollen hinnen awer och d'Méiglechkeet ginn eng Formation matzemaachen, wa se erëm wëlle schaffe goen.

Wéi Der jo awer alleguerten heibanne wësst, ass et ganz schwieereg, jo bal onméiglech, wann eeler Fraen erëm wëlle schaffe goen, fir eng Plaz ze fannen. En Entrepreneur stellt léiwer jonk Leit an, wéi eeler Fraen, déi esou vill méi kaschten an dofir anscheinend net rentabel sinn.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).**- Dat ass awer net ëmmer de Fall.

■ **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Et ass awer ganz oft de Fall.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).**- Et gëtt Entrepreneuren, déi frou si fir Fraen anzustellen, déi d'Kannererzährungsphas hannert sech hunn.

(Interruptions)

■ **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Jo, gutt, ech mengen, et gëtt där enger an et gëtt där anerer. Do si mer eis eens, Här Mehlen.

Dës Ëmstänn maachen et ville Fraen onméiglech de Wee an d'Beruffsliewen zréckzefannen a fir hi-

ren eegenen Ënnerhalt opzekommen. Enk verbonne mat de beruflechen a finanzielle Problemer ass och de Problem vun der Wunneng. Wou ginn déi Fraen am Fall vun enger Scheedung wunnen? Vill kënnen sech jo keng Wunneng leeschten, well se weéneeg oder bal keen Akommes hunn. Déi Saach gëtt ëmsou méi schlëmm, wann och nach Kanner musse versuergt ginn.

Et kommen dacks nach Faktore psychologescher Natur bäi, déi déi prekär Situatioun vun de Fraen nach verschlëmmen. Isolatioun, Depressioun a Resignatioun si Gefiller, déi den Alldag vun enger Fra an esou enger Situatioun begleeten. Do fänkt fir vill Fraen den Däiwelskrees un. En Däiwelskrees, dee schwéier ze iwwerwannen ass.

Wat kann een a solch konkrete Fäll maachen? Se einfach ignoréieren? Nee, dat denken ech net, well wa jidderee soll an der Gesellschaft zielen, dann zielen och d'Hausfraen an Nout. Et muss dach méiglech sinn hei eng gerecht a würdeg Léisung ze fannen. Firwat kënnen Sozialbeitrëg vu berufstätige Liezenspartner net einfach gedeelt ginn an am Fall vun enger Scheedung der Fra oder dem Mann doheem ugerechent ginn? Eis Partei denkt doriwwer an och iwwert de Statut no fir Dagesmamme respektiv -pappen ze schafen, deen de Persounen erlaabt ze kotiséieren an eng eege Rent opzebauen. Och d'Iddi vun enger Pension divorce ass net verwerflech. Ech mengen, d'Politik ass gefuerdert fir no enger équitabler Léisung ze sichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wichteg ass, dass mer verënneren, dass an Zukunft déi Fraen, déi doheem am Stot schaffen, als réckstänneg agestuft ginn an um gesellschaftlechen Niveau hir Aarbecht net unerkannt kréien.

■ **Une voix.**- Dat ass richteg.

■ **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- D'Individualiséierung vun de Renterechter, fir sozial Problemer vun de Fraen ze vermeiden, ass eng schrittweis, verlässlech, intelligent a gerecht Evolutioun, déi un d'Vergaangenheet uknëppt an eis duerch positiv Innovation, duerch d'Géigewaart an an d'Zukunft féiert.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

(Interruptions diverses)

■ **M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. D'Madame Mutsch huet d'Wuert.

(Brouhaha général)

■ **Une voix.**- Wéi ass et mat der Riedezäit?

■ **M. le Président.**- D'LSAP huet nach Riedezäit zegutt.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Här Chamberpresident, Dir Dammen an Dir Hären, de Ministère de la Promotion féminine, d'Chamberkommissioun fir d'Chancëgläichheet, d'Debatt, déi mer all Joer kënnen zum internationale Fraendag féieren, datt ass eng grouss Chance, well dat huet net all Land.

Mir soen dann all Joers - wa mer probéieren déi dote grouss Chance ze notzen -, et ass jo vill geschitt, mir hu schonn eppes erreecht. Méi awer fir eis elo selwer ze rassuréieren. Mir hu scho wichteg Problemer ugepaakt - an dat ass och ganz positiv - an nennen da beispillsweis d'Gewalt géint d'Fraen oder d'Pilotprojeten an eise Schoulen.

Wat mer awer hei am Haus am allerofstén héieren, dat ass, dass mer esou lues a lues géingen ufänken e Mentalitéitswiessel ze kréien. Mengt Dir wierklech et wär opgrond vun engem Mentalitéitswiessel, dass mer haut d'Fraewahlrecht, d'Ausländerwahlrecht hätten

oder dass mer opgrond vun engem Mentalitéitswiessel de Respekt virun eiser Émwelt kënnen akloen oder d'Ofschafung vun der Aarbechtslosegkeet oder mënschewierdege Wunnraum schafen. Dat kënn net opgrond vun engem Mentalitéitswiessel. Déi fundamental gesellschaftlech Erausforderungen - dat ass eis Iwwerzeegung - léise sech net vun eleng, och wann e Mentalitéitswiessel do ass; wa mer da mol dovunner ausginn, dass en do wier.

Eiser Meinung no geet dat nëmme wann een - an dat ass och hei scho gesot ginn - e konkreten Aktionsprogramm mat enger oder mat e puer Zilsetzungen huet, mat engem Échéancier an d'Definitioun vun engem Ministère tutelle. Dat brauch à la rigueur net de Fraeministère ze sinn, wéi mer et héieren hu vu Verrieder vu skandinavesch Länner, déi bei eis an d'Kommissioun komm sinn, et kann à la rigueur och en anere Ministère sinn, et brauch emol à la rigueur net de Ministère pour la Promotion féminine ze sinn, mä et muss e Ministère tutelle ginn, dee vernetzt a fächeriwwergräifend d'Ëmsetzung vun deem doten Aktionsprogramm op legislativem Plang am Verbond mat alle Ministèren an Ugrëff hält, fir bis zu engem bestëmmten Échéancier eng bestëmmten Unzuel u Versuerungsinfrastrukturen op der Plaz ze hunn, fir den Ofbau vun de Loungerechtegkeete bis zu engem bestëmmten Datum erofgesat ze hunn, fir bis zu engem bestëmmten Datum d'Representatioun vun de Fraen a politeschen Décisionsgremien erbäigefouert ze hunn; weéinst menger och an Etappen.

Bei all Respekt virun der Institution Fraeministère, bei all Respekt fir eis Ministesch an hir Mataarbechterinnen, déi et eescht mengen an déi de Maximum an hirem Aktionsfeld maachen an trotzdem eleng do stinn, mir géingen hei d'Behauptung opstellen, dass et à la rigueur egal ass, ob de Mentalitéitswiessel scho wäit genuch fortgeschritt ass. Et ass eigentlech egal, well de politesche Wëllen eleng géing duergoen.

Well am Fong geet eng Regierungsequipe duer, fir un der Substanz Verännerungen ervirzebréngen, eng dose vu Leit oder à la rigueur esouguer een eleng, deen un der Spëtzt vun där Regierung steet. Soss geet et weider wéi all Joer - an d'Madame Reuter huet et hei gesot -, dann ziele mer all eis Statistiken op: 12 Deputéierte vu 60, 9% Fraen als Buergermeeschter, 28% Niveausschwankunge bei der Lounongläichheet, an esou weider an esou weider, an eis Meedercher gi weider Coiffeusen an eis Jonge spille weider Chef. D'Wahlterminer gi verpasst, gesetzlech Méiglechkeete wéi d'Wahlgesetz ginn net genotzt, an d'Fraendebatte bleiwe Bestandsopnamen a Wonschdenken. An d'Associatiounen beméie sech hir Virschléi op den Dësch ze leeën, mä si ginn net mat op de Wee geholl.

De Ministère begleet d'politesch Grondausso, dass e Mentalitéitswiessel iergendwéini trotzdem wäert zur Aisicht féieren, dass et besser gëtt, an et soll ee jo och näischt forcéieren.

Mir maachen eigentlech haut de Bilan vum Bilan, wéi mer et all Joer maachen, dee mir all Joer als Chamber op dat reduziere wat et ass, nämlech eng Bestandsopnahm an de Bilan, a mir kommen deem, wat ëmmerhi 75% vun de Lëtzebuerger fest wëllen, nämlech eng Paritéit um politeschen a gesellschaftleche Plang, mir bleiwen deem Gesamtzil ganz wäit ewech. Et bleift Zukunftsmusek an dës Legislaturperiod huet eigentlech fundamental näischt un dëser Situatioun geännert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech mer erlaben hei an dës Debatt anzegräifen, dann huet dat am Fong dräi Ursaachen.

1. Wëll ech emol kloer hei mäi Protest virbréngen, wéi déi Debatten iwwert dëst fir d'Zesummeliwe wichtegt Thema an der Kommissioun gefouert gi sinn.

2. Well dee Rapport, deen hei virbruecht ginn ass, net komplett ass, well en net all Facettë vum Problem iwwert d'Chancëgläichheet beréiert, an zudeem och keng grondleeënd Orientéierung virweist, mä nëmmen eng Bestandsopnahm fir mech ass vun deem Bestehenden, an dat vun deem wat bis elo gelaf ass. An dofir huet den ADR och zu Recht deem Rapport an der Kommissioun net zougestëmmt.

3. Dat ass dee wichtigste Punkt, wëll ech awer hei iwwer e wichtegt Gesetz schwätzen, dat am Zesummenhank mat der Chancëgläichheet op der Aarbechtsplaz eng eminent Bedeitung huet.

Här President, wann ech hei mäi Protest aleen iwwert d'Aart a Weis wéi d'Debatten an där zoustänneger Kommissioun gefouert gi sinn, esou ass dat well wichteg Themen, déi mat der Chancëgläichheet zesummenhängen, einfach net zur Diskussioun zougehoos gi sinn. Zum Beispill d'Gesetz vum 7. am Heemount 1998 wat d'Delegéierte fir d'Chancëgläichheet an de Betriber agefouert huet.

D'Madame Err huet gesot, dass vun 1996 un dräi wichteg Gesetzer hei am Zesummenhank mat der Chancëgläichheet gestëmmt gi sinn. Madame Err, et waren der véier, an dat wichtegst fir mech war eben dat vun der Chancëgläichheet, an et ass och dofir kee Wonner, dass Dir lech net drun ernënnert hutt, well an där zoustänneger Kommissioun duerno ni méi driwwer geschwat ginn ass.

Och wann elo am Rapport dëst Gesetz kuerz ernimmt gëtt, ass awer an der Kommissioun net am Fong driwwer diskutéiert ginn. Ech kommen op d'Wichtigkeet vun deem Gesetz am Zesummenhank mat der Chancëgläichheet nach eng Kéier zréck.

Des Weideren ass de Rapport, deen hei virbruecht ginn ass, net komplett, well e keng Orientéierung opweist, wéi dat soll geschéien, a wéi dat hält eigentlech misse sinn. Dofir ass dat heite fir mech am Fong keng Orientéierungsdebatt, mä ganz einfach eng Bestandsopnahm a just en Alibigeste vun der Majoritéit, fir eppes fir den Dag vun der Fra Opweises ze hunn, a ech ginn och de Verdacht net lass, dass dat mam Hannergedanke geschitt, fir op deem Wee Stëmme vun de Frae bei den ustehende Wahlen ze fänken.

Här President, haaptsächlech awer soll meng Interventzioun hei dëngen, fir d'Wichtigkeet vun den Delegéierten iwwert d'Chancëgläichheet an de Betriber ervirzehiewen. E Gesetz, wou mir als ADR - mä Frënd Gast Gibéryen war deemools eise Spriecher - schonn deemools d'Schwieregkeeten erkannt hate fir esou eng Neierung an d'Praxis ëmzesetzen. Mir hunn dëst Gesetz méi als e psychologesche wéi e praktesche Fortschritt an der Saach ugesinn. A mir hunn alt erëm eng Kéier Recht behalen, wa mer d'Entwécklung an der Praxis analyséieren, well mer festgestallt hunn, dass d'Ëmsetzen an der Praxis nach net esou evident ass, hate mer et als ADR och fir wichteg emfonnt dëst Gesetz nach emol deif gräifend zur Diskussioun ze stellen.

De 4. am Wantermount 2003 hat ech d'Éier mäi Frënd Jean Colom-

bera an der zoustänneger Kommissioun ze ersetzen, a mir hunn och do dat Thema vun den Delegéierte fir d'Chancëgläichheet an de Betriber ervirbruecht. Deemools, also viru véier Méint, ass festgehalleginn, dass mer zu dësem Thema sollten och d'Gewerkschafte ruffen, fir gewuer ze ginn, wéi sech dës Gesetznitiative an der Praxis entwéckelt a wat een eventuell nach kënn maachen, fir dass d'Chancëgläichheet an de Betriber eppes Selbstverständlech gëtt, wéi dat och soll sinn.

Duerno ass zu deem Thema näischt méi geschitt, esou dass ech dëst Thema nach eng Kéier an der zoustänneger Kommissioun ervirbruecht hunn, mä well d'Madame Presidentin vun der Kommissioun mech einfach net zu Wuert komme gelooss huet, well si keng Zäit hat an huet misse fort, huet si d'Setzung einfach opgehewen.

Duerno hu mir als ADR eng schrëftlech Demande un d'Kommissioun gericht, fir iwwert dat Thema nach emol ze schwätzen, an och d'Gewerkschaften zu Wuert kommen ze loossen. Dat war de 27. am Spierkel 2004. Dëst ass awer einfach vun der CSV-DP-Majoritéit, a besonnesch vun der Presidentin vun der Kommissioun, einfach ignoréiert ginn, esou dass mer haut hei virun engem onvollstännegen Rapport stinn, deen eent vun deene wichtigsten Elementer iwwert d'Chancëgläichheet ignoréiert, nämlech d'Ëmsetze vun de Mesuren an d'Praxis an de Betriber. An dorunner ännert och näischt, dass am Rapport d'Delegéierte vun der Chancëgläichheet kuerz ernimmt ginn.

Här President, fir d'Wichtigkeet vun den Delegéierte fir d'Chancëgläichheet nach eng Kéier ze ënnermauern, wëll ech dofir hei nach emol un dat Gesetz ernënnern. De 7. am Heemount 1998 huet d'Chamber dëst Gesetz gestëmmt, wat all Personaldelegatioun dozou verflucht och en Delegéierte fir d'Chancëgläichheet ze designéieren. Dozou ass awer ze bemierken, dass dës Dispositioun nëmme fir de Privatsektor gëllt, well am öffentleche Secteur nëmmen Delegéierte fir d'Chancëgläichheet an deenen Administratiounen agesat ginn, wou keng Personaldelegatioun besteet. Do stellt sech fir mech nodréiglech dann awer d'Fro, wéisou dass dat net och am Privatsektor esou gehandhaabt ginn ass. Dann hätt een nämlech och an de Betriber bis zu 15 Leit, wou ganz oft zwëschemënschlech Problemer bestinn, och eng Verriedung fir d'Salariéen agefouert.

No den Informatiounen vun der Gewerbeinspektioun gëtt et no de leschte Sozialwahlen ëm déi 2.000 Delegéiert fir Chancëgläichheet an deene jeeweilege Betriber. Opgrond vun engem groussherzoglechen Reglement ginn d'Betriber opgefuerdert, der ITM, der Gewerbeinspektioun, innerhalb 15 Deeg no der Nominatioun, d'Nimm vun den Delegéierte fir Chancëgläichheet matzedeelen, wat déi meescht och maachen, awer leider nach net all.

D'Gewerbeinspektioun huet ëm déi 2.000 Personaldelegatiounen gemellt kritt, a geet vun där Zuel aus, well d'Gesetz vum 7. am Heemount 1998 iwwert d'Chancëgläichheitsdelegéierten dat esou virschreift, dass et deemno och 2.000 Delegéierte fir d'Chancëgläichheet misst ginn.

Et wier deemno eminent wichteg, dass all Betrib der ITM seng Delegéierte fir d'Chancëgläichheet matdeelt, an och emol ze analyséieren, wat fir eng Betriber, dass dat nach net gemaach hunn, esou wéi et och eminent wichteg wier bei der Reform vun der ITM e Service Égalité des chances ze kreéieren, verbonne mat engem Service psychologique.

Et ass einfach net zoumuttbar, dass bei der ITM just eng Persoun sech ëm d'Betreiung vun de Personaldelegatiounen a mat all deem

wat domat zesummenhänkt këmmert. Dofir wëll ech an deem Sënn eng Motioun hei deponéieren, fir bei der Reform vun der ITM e Service Egalité des chances mat deem dozou gehéierende qualifizierte Personal anzeféieren.

Motion 4

D'Volleksvertriederkummer,

- *sech baséierend op den Artikel 11bis 2 f) vum Gesetz vum 7. am Heemount 1998 iwwert d'Aféiere vun Delegéierte fir Chancëgläichheet, dee festleet, datt d'Delegéiert fir Chancëgläichheet d'Gewerbeinspektioun mat engem Sträitfall, dee se net am Betrib geléist kréien, kënnen saisiéieren;*

- *stellt fest, datt et an der Gewerbeinspektioun kee Service gëtt, dee sech spezifesch ëm Problemer am Zesummenhank mat der Chancëgläichheet këmmert;*

fuerdert d'Regierung op

- *bei der bevirstoender Reform vun der Gewerbeinspektioun e Service fir Chancëgläichheet anzeféieren, mat deem heifir noutwendegem aarbechtsrechtlech, ökonomesch, juristes, sozial a psychologesch qualifizierte Personal.*

(s.) *Aly Jaerling, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.*

Här President, d'Delegéierte fir Chancëgläichheet, meeschtens sinn et delegéiert Fraen, hunn zur Missioun d'Gläichheet vun de Gehälter a Léin tëschent Mann a Fra ze garantéieren, mä net nëmmen dat, an hiert Urecht op Formatioun a Promotioun ze förderen, an och hir Aarbechtsbedéngungen ze verbesseren.

Dës Delegéierten hu folgend Missiounen, eleng oder an der Zesummenaarbecht mat der Personaldelegatioun Avisen ofzeginn a Propositionen auszuschaffen a folgendem Zesummenhank.

Dem Employeur Propositionen ze maachen, fir d'Personal a Richtung Chancëgläichheet a Respect mutuel ze sensibiliséieren. Dem Employeur all Reklamatiounen, siefen se individueller oder kollektiver Natur, zoukommen ze loosse am Zesummenhank mat der Chancëgläichheet. Preventiv ze wirken oder schlichtend anzegräifen, siefen se kollektiver oder individueller Natur, tëschent dem Employeur an dem Salaré am Zesummenhank mat der Chancëgläichheet. Sech un d'Gewerbeinspektioun ze wenden, wann en Dossier net kann am Gudden traitéiert ginn. Eng ITM, déi awer, wéi scho bemierkt, net dat néidegt Personal huet, fir dës Missioun kënnen optimal ze erfëllen.

D'Delegéiert musse Personalkonsultatiounen an engem separate Lokal a voller Vertraulichkeet während der Aarbechtszäit oder duerno kënnen ubidden. Se mussen hire prélablen Avis ginn, fir iwwer all Création de poste wat d'Deelzäit-aarbecht ubelaangt.

Den Employeur muss den Delegéierten déi néideg Fräizäit garantéieren, fir kënnen ouni Lounausfall u Formatiounscoursen deelzehuelen. Dës Coursë betreffe laut dem Gesetz eng ekonomesch, juristes, sozial a psychologesch Ausbildung am Zesummenhank mat der Funktioun. Si sinn deem zur Folleg vun eminenter Wichtigkeet. Leider gëtt et awer fir dës Coursen nëmmen zwee hallef Deeg pro Joer bezuelte Fräizäit. Dat geet absolut net duer, fir eng optimal Formatioun vun den Delegéierte fir hir Aufgab ze garantéieren.

Während de Joren 2001-2003 hunn nëmmen 203 Delegéierte fir Chancëgläichheet u Formatiounscoursen deelgeholl, dat heescht 1.800 sinn iwwerhaupt nach net forméiert an op hir Missioun virbereet.

Et ass dofir wichtig, dass analyséiert gëtt, wéisou dass déi keng Formatioun matmaachen, wou fir mech kloer ass, dass déi Forma-

tioun eigentlech misst obligatoresch si wéinst där delikater Missioun, déi déi Leit hunn.

Här President, déi Aufgaben, déi ech elo hei opgezielt hunn am Zesummenhank mat der Aarbecht vun den Delegéierte fir Chancëgläichheet, beweisen d'Wichtigkeet vun hirem Mandat. Si sinn et, déi dat, wat de Législateur am Interesse vun der Chancëgläichheet agefouert huet, an d'Praxis mussen ëmsetzen, an dofir brauche si eng adequat Formatioun. Dës Formatioun muss zumindest där vun de Personaldelegéierten ugepasst sinn, dat heescht fënnf Deeg pro Joer, egal wéi vill Leit am Betrib schaffen.

D'Formatioun misst menger Usicht no och obligatoresch sinn, an dofir wëll ech an deem Zesummenhank eng Motioun deponéieren, fir d'Formatiounszeit vun dem Délégué à l'égalité des chances der Formatiounszeit vun de Personaldelegéierten unzepassen, well den Delegéierte fir Chancëgläichheet dierf kee Poste de complaisance gi fir gutt Gewerkschaftsmilitanten. Dat ass e Poste, deen eng grouss Verantwortung beinhalt a grouss Uspréich un déi Persoun stellt, déi dee Poste anhëlt, an dofir muss deem, deen esou eng Missioun unhëlt, och vun Ufank un unhand vun enger geziilter Formatioun kloergemaach ginn, wat fir eng Verantwortung en ze droe kritt.

Motion 5

D'Volleksvertriederkummer,

- *der wichtiger Missioun bewosst, déi d'Delegéiert fir Chancëgläichheet an de Betriber erfëllen, fir Chancëgläichheet och an der Praxis ze garantéieren;*

- *stellt fest, datt d'Gewerbeinspektioun d'Zuel vun den Delegéierte fir Chancëgläichheet an de Betriber op 2.000 schätzt, datt awer vum Joer 1998 un nëmmen 203 vun dësen Delegéierten och déi Formatioun matgemaach hunn, déi am Gesetz vum 7. am Heemount 1998 am Artikel 11bis 5 virgesinn ass;*

- *ass der Meenung, datt déi zwee hallwer Deeg pro Joer, déi fir déi virzitéiert Formatiounszeit virgesi sinn, net duerginn, fir eng optimal Formatioun op juristeschem, ökonomeschem, soziale a psychologeschem Plang kënnen ze kréien;*

- *ass iwwerzeegt, datt eng Formatiounszeit vu mindestens fënnf Deeg pro Joer wéi bei de Personaldelegéierten ubruecht wier, fir dës Formatiounsbedarf kënnen ze decken;*

fuerdert d'Regierung op

- *de Punkt 5 vum Artikel 11bis vum Gesetz vum 7. am Heemount 1998 iwwert d'Delegéiert fir Chancëgläichheet esou ze reforméieren, datt de betreffenden Delegéierten eng bezuelte Formatiounszeit vu fënnf Deeg zousteet, esou wéi dat bei de Personaldelegéierte gehandhaabt gëtt.*

(s.) *Aly Jaerling, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.*

Här President, fir mech ass d'Mandat vum Delegéierte fir Chancëgläichheet awer net nëmmen eng Missioun fir Gläichheet tëschent Mann a Fra an de Betriber. Mir hunn an de Betriber och behënnt Leit, déi eng spezifesch Integratioun néideg hunn an ëm déi praktesch kee sech këmmert. Et misst also net nëmme gekuckt ginn, ob e Betrib d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer respektéiert, mä och ob dee gesetzlech verlaangten Undeel u Behënnterten an deem Betrib ass. Dofir misst bei all Création de poste vum Delegéierte fir Chancëgläichheet gekuckt ginn, ob deen net och kéint vun engem Behënnterten, sief et Mann oder Fra, besat ginn.

Dann ass et och esou, dass an eise Betriber eng Vielfalt vun Natiounen zesummeschaffe mussen, wat och zu xenophobeschen oder rassisteschen Konflikter ka féieren. An hei kënn et d'Missioun vum Dele-

géierte fir Chancëgläichheet sinn, fir och eventuell an deem Beräich ze schlichten oder Propositionen ze maachen, wéi een eventuell Problemer an där Hëlsicht kéint léisen, ouni dass deem engen oder deem aneren eng Entloossung oder eng Plainte an d'Haus steet.

Här President, den ADR ass sech der Wichtigkeet vun dëser Debatt voll bewosst. Dofir versiche mir dës Problematik esou objektiv wéi méiglech unzegoen, ouni dem Drock vun där enger oder anerer Lobby nozeginn. Wa mir wierklech wëllen am Interesse vun der Fra wirken, da mussen mer mat klenger Schrëtt virgoen, fir e wierkleche Mentalitéitswessel anzeleeden. All extrem Mesuren, ganz egal wéi gutt, dass se gemengt sinn, kënnen sech och kontraproduktiv fir d'Fraen auswirken, besonnesch um Aarbechtsmaart.

De Wëlle fir effektiv Gläichheet ze schaffen, net nëmmen tëschent de Geschlechter mä fir all d'Bierger an eiser Gesellschaft, muss am Kapp ugoen a kann net nëmmen duerch gesetzlech oder reglementéiert Contrainté forcéiert ginn. Fir awer dat an d'Praxis ëmzesetzen, wat am Kapp soll ugoen, mussen déi Instrumenter, déi mir eis ginn hunn, och funktionsfäeg sinn, an déi Persounen, déi sech ëm d'Chancëgläichheet këmmen, mussen déi Formatioun kréien, déi am Gesetz vum 7. am Heemount 1998 integréiert ass. Et dierf net sinn, dass d'Delegéiert, déi déi tëschemenschlech Bezéiungen a Problemer léise sollen, ouni Formatioun op d'Leit lassgelooss ginn.

Här President, dat gesot, wëll ech de Wonsch hei ausdrécken, dass déi zoustänneg Kommissioun d'Gesetz vum 7. am Broochmont 1998 iwwert d'Delegéiert fir Chancëgläichheet enger déif gräifender Analys ënnerzitt, fir praxisorientéiert ze reforméieren, besonnesch awer fir dofir ze suergen, dass den Delegéierte fir Chancëgläichheet déi Formatioun zoukënn unhand vun där se capabel sinn hirer Missioun effektiv gerecht ze ginn, well nëmmen duerch eng adequat Formatioun si se hirer Saach och wierklech gewuess.

Ofschléissend wëll ech dann nach eng Bemierkung dozou maachen, dass wann hei verschiddeentlech gesot ginn ass, dass d'Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra sollt an d'Verfassung kommen, ech einfach der Meenung sinn, wann den Artikel 10bis vun eiser Verfassung seet, d'Bierger si virum Gesetz all gläich, dass dat en absoluten Artikel ass, dee Gläichheet fir jiddfree schaaft, net nëmme fir Mann a Fra, mä och fir Behënnterten a fir Leit vun allen Natiounen, a mir net onbedingt nach mussen en extraen Artikel bei deen absoluten Artikel 10bis an d'Verfassung setzen, fir dass Gläichheet tëschent Mann a Fra garantéiert ass.

Virum Gesetz ass all Bierger gläich, a wann hei virum dësem Gesetzgeber net all Bierger gläich ass, da kann eis Verfassung net dofir a mir änneren och näischt, wa mir eis Verfassung do änneren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Berichtersterterin, d'Madame Nicklaus-Faber, huet d'Wuert gefrot.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir als Rapportrice an als Presidentin vun der Commission Égalité des chances e puer Kloestellungen ze maachen.

Dat Gesetz iwwert den Délégué à l'égalité, dat dem Här Jaerling jo esou vill Suerge mécht, do war ech selwer Rapportrice, an dat geet bekanntlech op 1998 zrëck. Dat ass scho relativ laang. Mir haten ef-

fektiv an der Kommissioun - wou ech awer muss ervirsträchen, den Här Jaerling net Member ass an nëmme sporadesch optaucht - dat undiskutéiert wéi x aner Punkten och nach, déi doudsécher enger Diskussioun wäert sinn, mä mir kënnen net all Problemer an där Kommissioun behandelen. Mir hunn och eng gewëssen Zäitlimite, well soss kréich een ni e Rapport fäerdeg.

Dat anert, wat ech wollt soen, den Här Jaerling ass an déi lescht Kommissioun komm mam Här Colombero. Bekanntlech huet den ADR nëmmen ee Member an där Kommissioun zegutt. Et steet awer an eise Reglement, dass all Deputéierte kann an all Kommissioun goen. Dat wësse mer, mä et steet awer och dran, Här Jaerling, ech liesen Iech vir: „...sans toutefois pouvoir prendre part au vote et sans pouvoir participer au débat“. Dat heescht, vu dass Dir net den Här Colombero ersat hutt, mä mat him komm sidd, hat Dir guer kee Recht ze schwätzen. Dir hutt Iech derniewent beholl. Wéi an all Kommissioun erdeelt d'Presidentin respektiv de President d'Wuert. Dir hutt Iech net doru gehalen. Dir sidd einfach lassgefuer. Dir hat d'Wuert iwwerhaupt net. Dat si Comportement, déi net tolérabel sinn.

(Interruption)

Här Jaerling, ech sinn nach net fäerdeg.

Dir hutt Iech verbaler Gewalt géint iwwer mir schëlleg gemaach.

(Hilarité)

Do ware Leit derbäi.

Dir haalt Iech dru mat deem Blödsinn, fir d'Fraen ze attackéieren um Fraendag. An anere Länner schenken d'Männer de Fraen eng Rous fir de Fraendag. Dir gitt elei d'Fraen attackéieren. Ech fannen dat zimlech minabel.

M. le Président. - Den Här Jaerling freet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, ech wëll elo fein bleiwe mat der Madame Nicklaus-Faber, awer net well haut de Fraendag ass, mä well ech ëmmer fein mat de Frae sinn a well ech d'Gläichberechtigung wierklech liewen an ee behandelte wéi deen aneren, an do gëtt et tëschent Iech a mir e kapitalen Ennerscheid.

De 4. am Wantermount d'lescht Joer, viru véier Méint also, d'Madame Err war Presidentin, hunn ech de Problem vun den Delegéierte fir Chancëgläichheet an de Betriber ervirbruecht, an do ware mir an der Kommissioun d'accord - dat steet och am Rapport -, dass mer géifen iwwert dat Thema diskutéieren an och d'Gewerkschafte rufen.

Dat kënn Der am Rapport noliessen. D'Madame Err an aner Memberen aus der Kommissioun kënnen als Zeien hei optrieden. Déi Geschicht, déi Dir, Mme Nicklaus, elo hei gezielt hutt, den Här Schummer ass bal vum Stull gefall. Dee war an där Kommissioun och dobäi.

Dann hunn ech an enger anerer Kommissiounssitzung den Här Colombero ersat an hat dunn d'Recht un den Debatten deelzehuelen an och d'Wuert ze froen. Do hutt Dir mir d'Wuert net ginn. Do hutt Dir Iech einfach gehuewen a sidd Ärer Wee gaangen. Ech weess net wuer, vläicht op eng Karnevalssitzung, well et war Fuesent, mä op jidde Fall hutt Dir mir d'Wuert net ginn.

A wann Dir hei vu Respekt schwätzt,...

(Interruption)

...an Dir hutt och elo kee Respekt viru mir, soss géift Dir mech net andauernd ënnerbriechen, also schwätzt wann ech glift net vu Chancëgläichheet.

Ech wëll Iech et elo nach eng Kéier soen: Ech hunn an där Kommissioun dat Thema nach eng Kéier

opgeworf an do hutt Dir mech ewechgebootscht wéi wann ech den Niki vun Tarchamps wier.

(Interruptions)

Här President, an do hu mer als ADR eng schrëftlech Demande un d'Kommissioun eragereecht. De 27. am Spierkel 2004 hutt Dir eng schrëftlech Demande kritt - dat ass de Februar, wann Dir et net sollt wëssen -, fir dat Thema op den Ordre du jour ze setzen, well mir der Meenung waren, dass déi Debatt hei net vollstänneg ass, wann net och iwwert déi Leit geschwat gëtt, déi dat, wat mir hei diskutéieren, an d'Praxis mussen ëmsetzen.

(Interruption)

Also, Madame Nicklaus, wann ech gelift!

An där leschter Sitzung war ech effektiv mam Här Colombero do, a wéi ech d'Wuert gefrot hunn, hutt Der mir et och ginn.

(Interruption)

Ech wëll Iech just soen, Madame Nicklaus, wann Dir gär Chancëgläichheet hätt, wann Dir gäre respektéiert sidd, wann ech gelift, da respektéiert och d'Männer. 99% vun de Männer sinn eierlech a brav mat hire Fraen. Iwwert déi, wou mir hei schwätzen, dat ass e klenger Prozentsaz, an ech kann net domat d'accord sinn, dass all d'Männer hei am Land diskriminéiert si wéinst 1%, dee sech dernieft behëlt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Madame Ministesch Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt der Madame Nicklaus-Faber merci soe fir hire Rapport an och fir hir Aarbecht, déi si am Laf vun de Joren an där Kommissioun gemaach huet, grad esou wéi allen Dammen an Hären, déi an där Kommissioun matgeschafft hunn an ech soen hinnen och merci fir hir Ennerstëtzung.

Här President, ech soll an 20 Minuten zu all deem Stellung huelen, wouriwwer elo dräi Stonnen diskutéiert gouf. Dir verstitt, datt dat eng onméiglech Aufgab ass. Dat bréngt ee beim beschte Willen net fäerdeg.

Erlaabt mer drop opmierksam ze maachen, well hei gesot gouf, mir hätten am Laf vun de Joren nëmmen dräi oder véier Gesetzer gemaach, wou eppes geännert hätt, et sinn awer 19 Gesetzer, déi d'Fraen ugin, déi grondleeënd changéiert hunn. Mir hunn déi esou spontan zesummegehuewen, wat net wëllt heeschen, datt et se alleguerte sinn. Ech wëll Iech déi einfach esou iwwerreechen, Här President, fir datt d'Leit all se kënnen agesinn, se eventuell an de Procès-verbal kommen, gradesou wéi och eng Lëscht vun de Publikatiounen an Etüden, déi de Ministère entweder alleng, mat aneren ONGen oder och Servicer zesumme gemaach huet.

Niewent deem jeeeweilege Regierungsprogramm sinn eis Aarbechte gericht no den Direktiven a Politiken, déi aus der Europäescher Union kommen, respektiv aus der UNO an do besonnesch no der CEDAW-Konventioun, déi de Mëtteg hei ervirgestrach gouf an déi géint all Diskriminatioun vun de Frae virgeet.

D'Fraen hunn Europa vill ze verdanken, och hei zu Lëtzebuerg. Ech denken un den Amsterdamer Vertrag, deen d'Mitgliedsstaten obligéiert all Forme vun Diskriminatioun ofzeschaffen, an op där anerer Säit d'Gläichstellung um Aarbechtsmaart ëmzesetzen, dat heescht gläiche Loun a gläich Behandlung, an och déi positiv Aktiounen propagéiert. Generell seet den Amsterdamer Vertrag, datt all Land verpflichtet ass d'Gläichstellung vu Mann a Fra ze realiséieren.

Niewent den EU-Vertrag an Direktiven ënnerstëtzt och de Fonds social européen déi verschidde Programmer vun deenen eist Land profitéiert, fir déi Chancëgläichheet ëmzesetzen. Ech denken an déi verschidde Manifestatiounen, déi mir haten iwwert de Congé parental, d'Égalité de salaire, d'Égalité dans la prise de décision, an esou virun. Mir hunn awer och profitéiert vun engem gudden Austausch mat de Ministère vu verschiddenen europäesche Länner wéi Schweden, Dänemark, Éisträich, Däitschland, Italien a Portugal, Modeller, déi ënnerstëtzt goufe vun der Europäescher Kommissioun.

D'Aarbecht vun der Chamberkommissioun a vum Plenum gouf ëmgësat, esou wéi et och am Rapport drasteet, duerch Gesetzer, Aktiounen, Etüden a Publikatiounen. De Fraeministère ass ugewise op d'Mataarbecht an d'Zesummenaarbecht vun deenen anere Ministèren, deenen ech vun dëser Plaz aus wëll merci soe fir hir generell positiv Kooperatioun.

Mäi Merci geet awer och un d'Verwaltung an un d'Servicer, besonnesch un all d'ONGe fir hiren onermiddlechen Asaz op ville Gebidder fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer ze realiséieren. Och déi moralesch Ënnerstëtzung ass wichteg, fir meng Mataarbechterinnen a meng Mataarbechter an och fir mech selwer, well wann ee weess, wat Gläichstellung bedeit, ënner anerem och Changementer an de Mentalitéite viraussetzt, da wësse mer, datt et net nëmme laangwiereg ass, mä och net vu jiddferengem liicht ze akzeptéieren ass. Dofir brauch een dann och eng gutt Ënnerstëtzung.

Ech wëll mech haut de Mëtteg haaptsächlech op dräi Gebidder beschränken, eng kéier d'Fraen an der Décisioun, där politescher, wirtschaftlecher an an der Aarbechtswelt, a wëll och e Wuert iwwert d'Gewalt soen.

Wou sinn d'Fraen an den Entscheedungsgremien? Politesch gesinn, si mer manner gutt virukomm, wéi mir eis dat sécher gewünscht hätten. Dacks ass de Mëtteg higewise ginn op d'Kandidatelschte vun de Parteien fir d'Chamber- an d'Europawahl vum 13. Juni, wou generell d'Zuel vun de Kandidatinnen ongeféier bliwwen ass wéi viru fënnef Joer. Verschidde Parteien hunn Efforté gemaach mat méi Kandidatinnen, anerer hunn der manner drop. Wann direkt schonn net méi Kandidatinnen op de Lëscht sinn, dann ass de Risiko grouss, datt der och net méi no dëse Wahlen an där neier Chamber als Deputéiert wäerte sinn.

Ech weess, datt d'Quotendiskussioun fir vill Fraen a Männer schwéier ze akzeptéieren ass. D'Quote brauch een net als Freed un de Quoten, do wär ech och dergëint, mä d'Quote sinn en Instrument mat deem ee méi séier erreecht op méi eng héich Representatioun vu Fraen an der Politik ze kommen. Ech sinn iwwerzeugt, datt meng Partei méi Schwiereregkeete gehat hätt 1/3 u Fraen opstellen, wa mer dës Bestëmmung net an de Statute gehat hätten. Ech hätt och léiwer gehat, an dat soen ech ganz éierlech, wa mir och am Norden déi Quot erfëllt hätten, sinn awer zefridden, datt mer et op nationalem Plang erreecht hunn.

Et gesäit een an deene Länner, wou eng Quoteregung besteet, datt d'Fraen net nëmmen a méi enger grousser Zuel Kandidatinne sinn, an d'Madame Reuter-Angelsberg huet dat och gesot, mä datt se och an enger méi grousser Zuel gewielt ginn. Ech denken, datt déi Regierung an déi Chamber, déi aus de Wahlen vum 13. Juni ervirginn, sech misste mat där Fro vun de Quoten ouni Emotiounen ausernee setzen an déi richteg Konkusiounen zéien.

D'Beméiunge vum Fraeministère, vun der Kommissioun hei an der Chamber, vun dem Conseil natio-

nal des Femmes a vu villen Organisatiounen duerch Informatioun, Formatioun a Propaganda hu jiddfalls fir mech net déi erhoffte Resultater bruecht, an dofir stellt sech ëmsou méi d'Fro vun der obligatoresch am Gesetz verankerter Verbesserung vu mindestens engem Drëttel bis zur Paritéit, an dat schéngt mir méi wichteg wéi jee.

Bei de Gemengewahlen si viru fënnef Joer 5% méi Frae gewielt ginn. Mir si vun 10 op 15% eropgaangen. Wa mir an dësem Rhythmus virufueren, da brauche mir ongeféier 50 Joer fir op 50% ze kommen. 50% Frae sinn an eiser Gesellschaft, an esouguer e bëssen driwwer, an et gëtt kee Grond fir nach méi Zäit ze verléieren, fir Fraen a Männer zu gläichen Deeler un den Entscheedungen ze bedeelegen. Frae bréngen duerch hiert aneschtens sinn eng wichteg Komponent mat, déi och an der Politik gebraucht gëtt. An ech hoffen, datt déi Etüd, déi de Conseil national amgaangen ass ze maachen, méi Opschloss driwwer gëtt.

Leider, an ech sinn och ganz verdrësslech doriwwer, datt mir et nach ëmmer net fäerdeg bruecht hunn, d'Égalitéit tëschent Männer a Fraen an eis Verfassung anzuschreiwen. Ech hoffen, datt d'Chamber bis zum Enn vun der Legislaturperiod dës wichtige Prinzip ka stëmmen. Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land vun deene 15 EU-Länner, wou dee Prinzip net ageschriwwen ass.

Bis elo hu mir och déi zwou Reserven aus der CEDAW-Konventioun net ëmgësat: Eng kéier d'lerfschaftsrecht am Haus Nassau an zweetens den Numm vum Kand, wou ee Projet déposiert an den Avis vum Conseil d'État do ass, mä wou ech awer net weess wéi d'Suite sinn. Ebenfalls ass de Projet iwwert den Divorce déposiert an iwwert de Partenariat, wou et jo schéngt, datt d'Chancë besser sinn, fir datt en nach ka gestëmmt ginn.

Niewent der Lëtzebuerger Constitution wär et awer wichteg, d'Égalitéit tëschent Männer a Fraen explizit an déi europäesch Constitution anzuschreiwen, an ech hoffen, datt vun där Zäit, déi bleift, profitéiert gëtt, fir och dës wichtige Prinzip do anzuschreiwen.

Niewent der Politik feelen och Fraen an der Entscheedung an an der Économie. De Choix vum Beruff ass deen éischte wichtige Schrëtt, an do gesi mir ëmmer nach typesch Fraen- an typesch Männerberuffer: Fraen an der Vente, am Coiffeurssalon, an der Restauratioun, an d'Männer an der Technik, an der Informatik, dat heescht an deene Beruffer wou haaptsächlech Sue verdéngt ginn.

D'Frae sinn an der Regel gutt, esouguer besser ausgebild an hu méi Examen an och besser Schoulofschlëss, an dach treffe se ëmmer erëm déi typesch Choixen. Mir hu probéiert mat der Éducation nationale a mat de Fraenorganisatiounen, d'Meedercher fir méi technesch Beruffer ze motivéieren duerch Schnupperdeeg an de Betriber, d'Foire aux étudiants, de Girlsday, oder d'Projet wéi „Meedercher an der Technik“ an esou virun.

Wann d'Kanner als Klengkanner net geléiert ginn doheem, an der Crèche, am Précoce an an der Spillschoul, wat Gläichheet ass, fält et schwéier, dat als Jugendlechen oder als Erwuessenen nach ze léieren. Vill Efforté si gemaach ginn an der Éducation, mä viles bleift nach ze maachen. Ech bedauern, datt eise Projet „Gläichheet deelen“ ni zur genereller Application an alle Spillschoule komm ass. Mir mussen eis dann och net wonnere, datt an der Aarbechtswelt déi stereotyp Biller och nach viru bestoe bliwwen. Déi lescht Zuele vum Statec soen, datt 51,8% vun de Fraen um Aarbechtsmaart sinn, géint 75,7% fir d'Männer. An der Lissaboner Strategie steet dran, dass mer d'Zil missten hunn, fir

2010 eng Fraebeschaftegung vu 60% ze erreechen. Wann d'Économie erëm unzitt, ass dat Zil och ze realiséieren, well déi jonk Fraen haut all op den Aarbechtsmaart wëlle kommen an och an deem Beruff wëlle schaffen, dee si geléiert hunn.

Fir de Rescht wëll ech nach eng kéier hei fir d'177. kéier soen, och wann dat eng kéier an engem Artikel stoung, dass fir mech all Mënsch soll dat a sengem Liewe maachen, wat e fir richteg fënnt, ob e wëllt schaffe goen oder ob e wëllt doheem a senger Famillje schaffen, ob dat e Mann ass oder eng Fra.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Très bien!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Domadder denken ech, dass mer endlech eng kéier domadder kënnen ophalen, och wann dat ëmmer erëm gutt kléngt wann een et seet, besonnesch bei där Clientèle wou ee mengt, dass een e puer Stëmmen kënn kréien.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Très bien!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Frot emol léiwer bei lech an Ären eegene Reien no!

E wichteg Punkt bleift awer ze maachen, an dat ass déi Ongläichheet an de Gehälter oder an de Paie vun de Fraen. De Fraeministère huet mat der Chambre de Commerce, mat der Privatbeamtenchamber a mat den europäesche Partner e Projet gemaach, deen „égalité de salaire“ heescht, „défi du développement démocratique et économique“. Dobäi ass festgestallt ginn, dass effektiv d'Fraen zu Lëtzebuerg 28% an der Moyenne manner verdénge wéi d'Männer. No Ofrechne vun de strukturellen Differenzen, wéi Familljepaus, Deelzäitaarbecht, manner Formation continue, bliwwen nach ëmmer 12% Ënnerschied, déi nëmmen ze erkläre sinn doeruech, dass d'Fraen ëmmer nach an haaptsächlech a Fraeberuffer dra sinn, déi manner gutt bezuelt sinn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mir hunn awer net nëmmen eng Etüd an eng Broschür gemaach, mä mir hu mat de Sozialpartner Séminaire gemaach, fir eng Evaluatioun an eng Klassifikatioun vun den Aarbechten ze maachen. Hei hunn eis Schwäizer Experten, déi Katz a Baitsch heeschen, hir wëssenschaftlech iwwerpréifte Method virgestallt, wéi ee gläichwäerteg Aarbecht klassifizéiert a wéi een eng Gehalterskala opstellt. Ech si frou, dass mer Partner fonnt hunn, déi sech mat eis op dee Wee maachen, fir dës Ongerechtegkeet aus dem Wee ze schafen.

Mat de Betriber maache mer positiv Aktiounen fir d'Fraen an de Betriber ze fördern. Mir kënnen dës Aktiounen finanziell begleede säit dem PAN-Gesetz vum 1999. Wéi beim Lounënnerschied muss ee fir d'éischt wëssen, wéi d'Fraen an d'Männer am Betrib situéiert sinn, an da kann een eng positiv Aktioun maachen, an dofir bräicht een och eng Struktur. Éischtens bräicht een d'Engagement vum Patron, vun dem Verwaltungsrat oder dem Direkter vum Betrib, fir Gläichheet fir Männer a Fraen ze realiséieren. Zweetens hu mer e Questionnairestandard ausgeschafft, deen d'Bedürfnisser vum Personal soll erfassen, an drëttens, aus dëse Resultater gëtt e Plan d'action opgebaut, deen am legale Kader Aktiounen a ville Beräicher ka maachen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Lauschtert wann ech gelift no!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Véiertens gëtt gekuckt, wéi d'Ëmsetzung ass an deenen Aktiounen, a fënneftens d'Evaluatioun vum Plang an och d'Resultater, déi am Betrib erreecht goufen.

Wat kann eng Entreprise maachen? Éischtens, bei der Astellung geziilt op den Équilibre Mann a Fra kucken. Zweetens, bei gläicher Qualifikatioun Fraen a Männer an net traditionelle Beruffer astellen. An drëttens, d'Qualifikatioun an de professionelle Profil zielen an net d'Geschlecht. Bei der Definitioun vum Gehalt kuckt de Betrib op d'Qualifikatioun, an d'Funktoun gëtt qualifizéiert a bewäert, alles, d'Resultat, oder dat wat ech elo grad vun den Häre Katz a Baitsch gesot hunn.

Positiv Aktiounen sinn net nëmmen eng geziilt Aktioun oder och méi Aktiounen, mä et geet drëm eng Kultur am Betrib anzeféieren an ze erhalen, wou jiddfer sech gutt spiert, sech valoriséiert a gebraucht gesäit. An engem positiven Umfeld schafft et sech besser a schafft een och léiwer. D'Leit, déi manner krank sinn, bleiwe méi laang am Betrib, an domat gëtt och dat finanziell Resultat vum Betrib besser. Et ass also e Gewënn fir deen, deen am Betrib schafft, an et ass e Gewënn fir de Betrib.

Wat kënnen och nach positiv Aktiounen sinn? Zum Beispill d'berufflech Virubildung, wou geziilt Formatiounen op allen Niveauen ugebuede gi fir d'Kompetenze vun de Leit ze notzen an ze stäerken. Iwwert d'PAN-Gesetz ass et méiglech, dass och Leit, déi am Congé oder an der Familljepaus sinn, kënnen an d'Formation continue vum Betrib kommen. Domat bleiwe se um meiste Stand vun der Entwécklung a bliwwen och mam Betrib verbonden, wat e Retour an de Betrib méi einfach mécht. Nei Modeller vun Aarbechtsorganisatioun, flexibel Aarbechtssäite fir Männer a Fraen, verschidde Modeller vun Deelzäitaarbecht fir Männer a Fraen, besonnesch och wann d'Kanner kleng sinn, „job sharing“, Familljepaus oder Joresaarbechtssäite kann ee sech alles dorënner virstellen.

Et kënnen och sozial Moosname gefördert ginn, wéi zum Beispill de Congé parental fir Pappen, deen zu Lëtzebuerg 13% ausmécht an an Däitschland 2% ass. Et kann een awer och mat de Patronen zesumme Verständnes an individuell Léisunge fannen, wann zum Beispill d'Kanner krank sinn an dat iwwert de Congé pour raisons familiales erausgeet. Et kann ee Servicer opbauen, déi de Privatbedürfnisser besser nokommen, an domat ass den Arbeitnehmer oder d'Arbeitnehmerin entlaascht, si ass méi disponibel an och méi konzentréiert bei hirer Aarbecht, Betribscrèche wou zum Beispill ee Réseau fir e puer Entreprises entsteet, wat de Moment bei verschidene Banken de Fall ass. Aner Servicer ginn ugebueden, wéi Traiteur, Bäcker, Apdik, Wäscherei an esou virun.

Et ass och wichteg, dass jiddfer Salaré informéiert gëtt a weess wat mat der Action positive soll erreecht ginn. Déi eenzel Persoun soll sech concernéiert spieren a wëssen, dass si och als eenzel Persoun beträff ass. Fir positiv Aktiounen an de Betriber ze erlichteren, goufe verschidden Aarbechtsmethoden ausgeschafft. Éischtens de Questionnaire-standard, zweetens den Egalitéitsplang an drëttens eng Broschür mat Erfahrungsbereichter als Beispill vu gudder Praxis. Véiertens besteet e Réseau vun deene Betriber, déi bis elo positiv Aktiounen gemaach hunn, an och deenen hir Erfahrungen, déi se austauschen. Fënneftens kënnen d'Betriber sech um Internetsite vum Fraeministère virstellen.

Am Plan pour l'emploi ass virgesinn, dass bei Kollektivvertragsverhandlungen iwwer Chancëgläichheet muss verhandelt ginn. Alldéngs sinn d'Resultater net obligatoresch. Ech denken iwwer dës Erfahrungen an Aarbechtsmethoden gëtt et méi liicht fir u Resultater ze kommen. Et ass schwierig iwwer eppes ze verhandelen, wann ee selwer net richteg weess, wat soll erreecht ginn. Et ass vill Klengaarbecht an Iwwerzeugung néideg, mä ech sinn zouversichtlech fir d'Zukunft, well et eng ganz gutt Zesummenaarbecht gëtt tëschent de Betriber an dem Fraeministère, woufir ech och alle ganz dankbar sinn.

Aner Aktiounen, déi mer gemaach hunn, dat ass de Prix féminin de l'Entreprise, dee säit 1993 besteet, fir Betriber, déi sech besonnesch fir d'Förderung an d'Ënnerstëtzung vun hirem weibliche Personal agesat hunn. Säit 2001 ginn déi Betriber mat deene beschte positiven Aktiounen ausgezechent. Ech war d'lescht Joer ganz stolz wéi de President vun der FEDIL, den Här Krombach, dës Präis mat der Oscarverleihung verglach huet a fonnt huet, mir hätten e formidable Succès, deen d'FEDIL net ëmmer mat hiren Aktiounen bei de Betriber hätt. Et ass jo och schéi wann een emol heiansdo gelueft gëtt.

Eng aner positiv Aktioun starte mer mam zweete Forum „Femmes et Entreprises“. 2002 hate mer mat den Entreprises e Forum organiséiert a Fraen invitéiert, déi erëm zrëck op den Aarbechtsmaart wollten kommen. Dëst Joer geet de Forum ëm Fraen, déi hiren eegene Betrib wëlle grënnen. Si kënnen op deem Forum Kontakt mat de Chef-d'entreprises, mat aneren Acteuren, déi de Frae kënnen Informatiounen ginn, déi ee brauch fir eng Entreprise ze grënnen. Doriwwer eraus soll en Netzwierk entstoe vu Fraen, déi Entreprisë féieren. Dëse Forum ass den 31. März dëst Joer an e gëtt organiséiert mat der Union des Entreprises luxembourgeoises an dem Ministère vun der Économie.

Aner wichteg Partner awer an deem Ganzen hei sinn niewent de Betriber an de Gewerkschaften ouni Zweifel d'Chancëgläichheitsdelegierten. Ech hunn nach keng definitiv Zuel elo no den Delegatiounswahlen vum November, mä et schénge ronn 2.000 Délégués à l'égalité ze sinn. Virun de Wahlen waren 51% vun den Délégués à l'égalité Fraen, bei enger Presenz vu Fraen awer nëmme vun 33% an de Betriber. D'Formatiounen ginn haaptsächlech iwwert d'École supérieure du Travail gemaach, an zwar zwou bis dräi Formatiounen pro Joer. Den LCGB an den OGB-L hu Formatiounen ugebuede fir hir interesséiert Memberen. Am Kader vum Projet „Partageons l'égalité“ hu mir als Fraeministère participéiert. Mir hunn en „gender training“ fir Formateuren a Formatricen organiséiert. 15 Persounen hunn dës Formatioun gemaach, si schaffen a Formationsinstitute an och fir d'Privatbetriber, sou gutt fir déi Responsabel vum Personal wéi och fir d'Patronen.

Mëttlerweil besteet elo do och en Netzwierk vun Acteuren iwwert den „gender mainstreaming“ an der Aarbechtswelt, an deene verschidene Ministèren, an och mat der Uni Lëtzebuerg, wat selbstverständlech och doriwwer muss virugoen. D'Chancëgläichheitsdelegierte spillen eng wichteg Roll, a besonnesch bei den Action-positiven, an et stellt ee fest, dass do wou esou Aktiounen gemaach goufen an Délégués à l'égalité vun Ufank an dobäi waren, dës Aktiounen mat Succès ofgeschloss goufen. Generell denken ech, dass all Delegierten - net nëmmen d'Chancëgläichheitsdelegierten - misst iwwer Gläichheet tëschent Männer a Frae Formatiounen kréien. Ee Wonsch vun de Chancëgläichheitsdelegierten ass och, méi Formatiounen ze kréien an och méi Zäit ze kréien, fir am Betrib fir

d'Salariéen zur Verfügung ze stoen.

Ofschléissend wollt ech e puer Beispiller vu Betriber zitéieren, déi d'lescht Joer de Prix féminin de l'Entreprise kritt hunn. Eng kéier war et PriceWaterhouseCoopers, déi Karriereplanung gemaach hunn, wou Ennerbrieuchungen dra virgesi sinn, Deelzäitaarbecht ka gemaach ginn, oder wou een och ka während enger Zäit aus dem Betrieb erausgoen. Luxplan stellt geziilt Fraen an technesche Berufler an a gëtt hinnen och Entscheedungsposten. Ee Betrib, deen dëst Joer de Präis kritt huet, engagéiert sech, d'Zuel vun de Fraen op deenen héchsten Décisiounsposten ze erhéijen, an zwar vum Vizepräsident bis zum Senior Vizepräsident. Mir gesinn, dass sech also villes beweegt huet, och wann et net esou séier geet wéi Verschiddener vun eis sech dat géife wënschen.

Vill Kolleejinne sinn de Mëtteg ewell hei op d'Harmoniséierung vun der Familljen a vum Beruff agaangen, an d'Madame Arendt ass drop agaangen, dass dës Regierung erstmoleg d'Gemenge mat 50% ënnerstëtzt bei den Infrastrukturen, fir den Accueil vun de Schoulkanner, a mat 50% fir déi Onkäschten, déi d'Elteren net kënnen bezuelen. Mir hunn zousätzlech als Familljeministère Plazen a Privatcrèche gelount an Elteren zum Präis vun de konventionéierte Crèchen zur Verfügung gestallt. Dat ass besonnesch am Interesse vu Leit mat klengge Paien. Fir d'Zukunft brauche mer awer och iwwergräifend Modeller, zum Beispill wann d'Kanner krank sinn oder eng Dagesmamm net disponibel ass. Mir brauchen och méi alternativ Modeller, wéi zum Beispill Dagesmammen, déi och zu aneren Zäiten disponibel si wéi d'Öffnungszäiten an de Crèchen.

Haut de Mëtteg ass ganz kuerz eng kéier hei op de Problem higewise ginn, dee sech stellt wa Leit krank a flegebedürfteg Mënschen hunn. Dat ass eppes wat zu Lëtzebuerger ni gesot an ni gefrot gëtt, well éischstens duerch d'Aféierung vun der Fleegeversicherung an duerch de konsequenten Ausbau vu Centre-intégrées a Fleegeheimen fir eeler Leit, Servicer fir behënntert Leit, eigentlech keen Hindernis fir Leit do ass, déi wëlle schaffen goen an deem dote Bereich. Ech soen dat well mir dat als eppes Selbstverständlechse emfannen. Mä frot emol wéi et am Ausland ausgesäit: Niewent dem Mangel u Plazen, déi iwwerhaupt do sinn, hu ganz dacks d'Leit iwwerhaupt d'finanziell Mëttelen net fir déi Servicer oder Heimer ze bezuelen. Ech sinn awer gärden domadder d'accord fir ze soen, dass mer och an deenen nächste Joren eis Effortë viru musse féieren, fir Beruff a Famillje besser matenee kënne ënnert een Hutt ze kréien.

Als leschte Punkt wëll ech agoen op alles dat wat mat Gewalt ze dinn huet, a besonnesch do och op d'Gesetz iwwert déi häuslech Gewalt. Aus den Zuele geet ervir, déi de Mëtteg jo awer méi dacks hei genannt goufen, dass zënter dem 1. November 64 Männer vun doheem ausgewise gi sinn, bis elo war keng Fra dobäi. Iwwer 100 Kanner si bei dëse Fäll an de Famillje betruff, a mat dem Service d'assistance fir d'Affer vu Gewalt, vu Femmes en détresse, siche mer Weeër fir deene spezifesch Bedierfnisser vun dëse Kanner kënne Rechnung ze droen. De Service fir d'Affer schafft enk mat der Police zesummen an dee Service kritt d'Informatioun vun der Wechweisung, an da ruffe si beim Affer un a betrieen et.

Gëschter hat de Koordinatiounsgrupp tëschent der Police, dem Parquet, dem Service, dem Justiz- an dem Fraeminister seng éischt Sëtzung, an ech si ganz frou iwwert déi positiv Approche, virun allem iwwert déi gutt Zesummenaarbecht. Op meng Fro ob op Grund vun den ErfahrungsChangementer am Gesetz néideg wären, hunn all

Acteure gesot, si hätte kee Problem an deem Sënn festgestallt, sou dass een also ka soen, dass d'Chamber hei e gutt Gesetz gestëmmt huet. D'Formatioun geet och viru fir déi Leit, déi um Terrain sinn, ob dat fir d'Police ass, ob dat fir d'Magistraten ass oder och fir déi Leit, déi am soziale Secteur sinn. Verschiddener vun lech waren um Colloque de leschten November wou Riichter, Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum Parquet, Affekoten, Police a Leit aus dem Sozialsecteur dobäi waren.

Här Colombera, et wär jo gutt wann Der géift nolauschtere wann ech op Är Froen äntwerten!

Mat dem Gesondheetsministère an den Doktere schaffe mir eng Informatiounsbroschür aus, wou e spezifesch Certificat médical iwwert déi häuslech Gewalt soll dobäikommen. An et ass net well mer dat net wollte maachen, mä well mer op ganz dacks Noffroen an Offren, déi mer och do gemaach hunn, keen Uklang fonnt hunn, well keng Formatioun gemaach goufen. Et war net, dass mer net woussten, dass et e Problem wär, an et war net, dass mer net wéisste wat mer misste maachen, mä et ass heiandoo, et kann een den Ochs bei d'Waasser féieren, mä et deet een en net onbedéngt saufen.

Ech si frou, mam Planning familial e Partner fonnt ze hunn, deen den 1. Abrëll an der Glesenerstrooss säi Service fir gewalttäteg Männer opmécht. Et ass en hallwe Posten, deen iwwert de Fraeministère bezuelt gëtt, en hallwe Posten iwwert de Familljeministère wat d'Formatioun iwwert d'Éducation sexuelle ubelaangt an de Schoulen, an ech denken eigentlech, dass et jo egal ass, wien e bezuelt, d'Haaptsaach ass, dass d'Aarbecht gemaach gëtt.

Et ass och de Planning, dee säit dem 1. Dezember 2003 den europäesche Projet vun der Täterhotline geréiert. Dëse Projet gëtt iwwert den Daphne-Programm an iwwert de Fraeministère kofinanzéiert. 46 Männer hu sech bis elo an deenen dräi Regiounen gemellt, wat awer beweist, dass dat elo op jidde Fall nach net esou e groussen Erfolleg ass. Mir probéieren domat och enger Suerg vu verschiddenen Deputéierten entgéintzekommen, fir d'Täter och aus där Spiral vun der Gewalt erauszekréien. Gemeinsam wäerte mir mam Planning familial gesinn a matdeelen, wéi d'Erfahrungen vun dëse Servicer sinn.

Allen déi sech bis elo agesat hu fir dëst Gesetz a seng Ennerstëtzung soen ech e grouse Merci, well dat war och alles net ganz evident. Leider hunn ech net vill Zäit fir op déi verschidden Aspekter méi am Detail anzegoen. Niewent der häuslecher Gewalt gëtt et awer och nach den Harcèlement sexuel op der Aarbechtsplaz, e Gesetz wat och an dëser Legislaturperiod gestëmmt gouf. Eng hallef dose Prozesser si gefouert ginn, e puer schréfflech a mëndlech Kloe si bei der ITM eragaangen. Déi grouss Angscht, d'Ekonomie zu Lëtzebuerger geif zesummebrieche, wa mer esou e Gesetz géife maachen, ass also domadder emol jiddefalls net berechtegt gewiescht. Allerdéngs froen ech mech, ob net méi Fäll bestinn, mä d'ekonomesch Situatioun d'Leit ofhält fir Plainten ze maachen.

D'Madame Arendt an d'Madame Reuter-Angelsberg sinn op d'Visae fir d'Artistinnen an de Cabareten agaangen. Den UNO-Komitee géint d'Fraendiskriminatiounen an de Commissaire vun de Mënscherechter hunn eis gefrot, d'Visaen ofzeschaffen. Den Här Gil-Robles ass sech awer och bewosst, dass domat de Problem net geléist ass, mä als Land gesi mer net aus wéi wa mer och nach dës Tätegkeete géifen ënnerstëtzen.

■ Une voix.- Très bien!

■ Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine*.- D'Regierung ass op verschiddenen Niveauen amgaangen eng Léisung ze sichen, an de Justizminister wäert dem Regierungsrot eng koordinéiert Propos maache fir dëse Problem uerdentlech ze léisen.

Eng aner ekleg Form vu Gewalt ass de Mënschenhandel, an och iwwert deen ass de Mëtteg hei Rieds gaangen. Et ass en internationale Problem, dee mir probéieren och mat internationalen Organisatiounen hëllefen ze bekämpfen, wéi zum Beispill mat der Organisation internationale pour la migration, mat Solvodi wéi der Lëtzebuerger ONG Maison de la porte ouverte, an hei geet et virun allem drëm, d'Infiltratioun vun organiséierte kriminelle Banden an Institutiounen, déi mat Affer schaffen, erauszefannen, respektiv ëm d'Formatioun vu Riichter a Riichterinnen an och vun der Polizei.

Mënschenhandel geet enk zesumme mat der Prostitutioun. Ech hu bis elo nach keng gutt Léisung fonnt, mol net mat der Professionaliséierung vun de Prostituéierten oder vun den Zuhälter. Dofir fannen ech, dass Schweden dee beschte Wee geet, an zwar d'Prostitutioun verbitt an dee bestrooft, deen de Sex kafe geet, an net d'Prostituéiert. Ech weess och, dass domat net all Problemer vun haut op muer geléist sinn, mä vun alle schlechte Léisungen ass se fir mech déi beschten. Vläch hu mer och eng kéier de Courage als Land fir mat op dee Wee ze goen, ech géif mer et op jidde Fall wënschen, am Interesse vun den Affer aus dem Mënschenhandel an och am Interesse vun de Mënscherechter.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villes bleift ze soen a villes bleift och ze maachen. Ech gesinn awer, dass ech iwwert d'Zäit sinn an dofir géing ech lech merci soe fir Är Aarbecht an och fir Äert Interesse.

■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir wären domadder um Enn vun der Diskusioun ukomm a mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung vun deene Motiounen a Resolutiounen, déi abruecht gi sinn. Dir hutt d'Motiounen virun lech leien, si sinn also schréfflech ausgedeelt ginn. Déi se abruecht hunn, déi hu se och explizéiert, an ech menge mir kënnten da vläch zur Ofstëmmung iwwergoen.

Motion 1

Dat ass fir d'éischt d'Motioun 1, déi d'Madame Nancy Arendt abruecht huet. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Also wie mat der Motioun 1 d'accord ass ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthaltungen?

Ech stelle fest, d'Motioun 1 ass eestëmmeg ugeholl.

Motion 2

Da komme mer zur Motioun 2, och vun der Madame Nancy Arendt. Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2. Par main levée?

(Assentiment)

Vote

Wien derfir ass ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthaltungen?

Ech stelle fest, dass d'Motioun 2 och eestëmmeg ugeholl ass.

Motion 3

Da komme mer un d'Motioun 3, déi vun der LSAP abruecht ginn ass duerch d'Madame Lydie Err. Kënne mer och do par main levée ofstëmmen?

(Négation)

Et ass e Vote électronique verlaangt.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass verworf mat 33 Neen-, 23 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydia Mutsch), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Théo Stendebach), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber) et Lucien Weiler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps (par Mme Agny Durdu), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas) et John Schummer.

S'est abstenu: M. Fernand Greisen.

Motion 4

Da komme mer zur Motioun 4 vum Här Aly Jaerling, déi och ausgedeelt ginn ass. De Vote électronique ass verlaangt fir d'Motioun vum Här Jaerling.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass mat 34 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmme verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul-Henri Meyers (par M. Théo Stendebach), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nancy Arendt), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par Mme Agny Durdu), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel) et John Schummer.

Motion 5

Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 5.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 32 Nee-Stëmmen a 24 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Théo Stendebach), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber) et Lucien Weiler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par Mme Agny Durdu), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel) et John Schummer.

Résolution 1

Dann hu mer nach eng Resolutioun virleie vun der LSAP, abruecht vun der Madame Lydie Err. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

Et ass e Vote électronique verlaangt.

Mir stëmmen of iwwert d'Resolutioun 1.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun ass mat 34 Nee-Stëmme géint 24 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Théo

Stendebach), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Clau-

de Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Claude Meisch),

Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par Mme Agny Durdu), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par

Mme Maggy Nagel) et John Schummer.

S'est abstenu: M. Fernand Greisen.

Kolleegeen a Kolleegeinnen, domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge

si virgesi fir de 16., 17. an 18. Mäerz. Den Ordre du jour gëtt lech schréfflech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.09 heures)

MARDI, 16 MARS 2004

39^E SÉANCE

Présidence: M. Jean Spautz, Président
M. Nico Loes, Vice-Président

Ordre du jour

- Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes des actes terroristes perpétrés à Madrid en date du 11 mars 2004
- Communications
- Déclaration de recevabilité
- Ordre du jour
- Heure de questions au Gouvernement
 - Question N° 370 du 16 mars 2004 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant la transposition des dispositions contenues dans le dernier accord salarial pour les établissements publics, adressée à Monsieur le Secrétaire d'État à la Fonction publique et à la Réforme administrative
 - Question N° 371 du 16 mars 2004 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant les subsides étatiques pour soutenir l'investissement des particuliers dans des mesures d'économie d'énergie, adressée à Monsieur le Secrétaire d'État à l'Environnement
- Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur la situation des travailleurs âgés sur le marché de l'emploi *(Discussion générale)*
- 4956 - Projet de loi relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard - portant transposition de la Directive 2000/35/CE du Parlement européen et du Conseil du 29 juin 2000 concernant la lutte contre le retard de paiement dans les transactions commerciales, et - abrogeant la loi modifiée du 23 juin 1909 ayant pour objet de faire courir de plein droit l'intérêt en faveur des créances de l'artisan et du détaillant et la loi du 22 février 1984 relative au taux de l'intérêt légal
(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Luc Frieden, Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes des actes terroristes perpétrés à Madrid en date du 11 mars 2004

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, de leschten Donneschdeg, den 11. Mäerz, huet eis déi schrecklech Noriicht vun där tragescher terroristescher Attack zu Madrid erreecht. D'Fassungsglosegkeet an d'Entsetze ware grouss virun deenen Akte vu blannem Haass a vu grenzenlosem Terrorismus. Och dësen Terroranschlag wäert éiweg an eise Gedächtnisser als een Uschlag op eis Zivilisatioun, op eis Wäerter, op eis Fräiheet an op d'Demokratie bleiwen.

Et ass deen dramateschsten an daitlechsten terroristeschen Ugrëff, deen d'Europäesch Unioun jee kannt huet. Dëst Massaker am

Häerz vu Madrid beweist eemol méi, dass d'Géigner vu Fridden a Fräiheet zu allem entschloss sinn an dass d'Gefor iwwerall op der Welt an och bei eis an Europa lauert. Nëmmen duerch eng solidarresch Weltgemeinschaft an de Respekt viru moralesche Prinzipien ass et méiglech esou schlëmm Forme vun Haass a Gewalt ze bekämpfen.

Ech wëll op dëser Plaz de Courage an d'Solidaritéit vun deene Leit ervirsträichen, déi den 11. Mäerz zu Madrid net gezéckt hu sech an den Déngscht vun den Affär an hire Familljen ze setzen an Trouscht ze spenden. Et ass d'Flicht vun de Politiker dofir ze suergen, dass den Terrorismus kee sécheren Hafen an der EU fënnt. Lëtzebuerg ënerstëtzt all Effort vum der internationaler Communautéit, fir dass déi Schëlleg vun deene schrecklechen Attentäter zur Rechenschaft gezu ginn.

Et ass dem Lëtzebuerger Parlament een déift Uleies deem spuenesche Vollek haut sai Matgefill, seng Solidaritéit, seng Emotioun, a seng déif Verbonnenheet auszedrëcken. Eis Gedanke ginn natierlech un éischter Stell un déi onschëlleg Mënschen, déi hiert Liewen hu misse loossen, an un déi Leit, déi nach musse fir hiert Liewe

kämpfen, an och un hir Familljen, déi sech mat deem schreckleche Leed mussen ausernee setzen. Loosse mer hoffen, dass esou eng onmënschlech Tragédie sech ni méi widderhuele wäert.

Ech géif lech bieden opzestoen, fir eng Minutt am Stëllen un d'Affär an hir Familljen ze denken.

(Minute de silence)

Ech soen lech merci.

2. Communications

Folgend Kommunikatiounen hunn ech un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Par lettre du 8 mars 2004, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des positions et résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 9 au 12 février 2004:

position sur la conclusion d'un accord relatif à la participation de la République tchèque, la République d'Estonie, la République de Chypre, la République de Lettonie, la République de Lituanie, la République de Hongrie, la République de Malte, la République de Pologne, la République de Slovaquie et la République slovaque à l'Espace économique européen et de quatre accords connexes;

position portant conclusion du protocole à la convention de Barcelone pour la protection de la mer Méditerranée contre la pollution, relatif à la coopération en matière de prévention de la pollution par les navires et, en cas de situation critique, de lutte contre la pollution de la Méditerranée;

résolution sur les droits, les priorités et les recommandations de l'Union européenne dans la perspective de la 60e session de la commission des droits de l'homme des Nations unies, qui se tiendra à Genève du 15 mars au 23 avril 2004;

résolution sur la communication de la Commission au Conseil et au Parlement européen - La réforme des entreprises d'État dans les pays en développement, axée sur les services publics: nécessité d'évaluer toutes les solutions possibles (COM(2003) 326 - 2003/2158 (INI)) et la communication de la Commission au Conseil et au Parlement européen - Coopération de la Communauté européenne avec les pays tiers: comment la Commission envisage de soutenir, à l'avenir, le développement des entreprises;

résolution sur l'aménagement du temps de travail (révision de la directive 93/104/CE);

position sur la proposition de décision du Conseil autorisant les États membres à signer ou à ratifier, dans l'intérêt de la Communauté européenne, le protocole de 2003 à la convention internationale de 1992 portant création d'un fonds international d'indemnisation pour les dommages dus à la pollution par les hydrocarbures, ou à y adhérer, et autorisant l'Autriche et le Luxembourg à adhérer, dans l'intérêt de la Communauté européenne, aux instruments de référence;

résolution sur la crise du secteur sidérurgique (AST/Thyssen Krupp).

3. Déclaration de recevabilité

Esou wéi den Artikel 57 vum Chamberreglement et virgesäit, huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunion vum 11. Mäerz virgeschloen, d'Proposition de loi 5309 vum Här Paul Helminger iwwert d'Wunnengsbaubäihëllef fir recevabel ze erklären.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Wat eis parlamentaresch Aarbechte vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes virgeschloen: D'Chamber siégéiert haut de Mëtteg, muer um hallwer dräi an iwwermuer och um hallwer dräi.

Haut de Mëtteg hu mer eng Froestonn un d'Regierung, dann eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der LSAP-Fraktioun iwwert d'Situatioun vun deenen eelere Leit um Aarbechtsmaart, an duerno de Projet de loi 4956 iwwert d'Intérêts de retard nom Modell 1.

Muer um hallwer dräi hu mer véier Projets de loi iwwert de Bau vun Alters- a Fleegeheemer jeeweils nom Modell 1: de Projet 5981 zu Ettelbréck, den 5218 zu Gréiwemaacher, den 5219 zu Lëtzebuerg, an den 5222 nach eng Kéier zu Lëtzebuerg.

Iwwermuer en Donneschdeg um hallwer dräi hu mer de Projet de loi 5128 iwwert d'Droits d'auteur, dann de Projet de loi 5193 iwwert de Konsumenteschutz, duerno de Projet de loi 5192 iwwer eng Zuchverbindung tëscht Esch, Belval a Bieles, a fir d'lescht de Projet de loi 5233 iwwert de Bau vun engem Eisebunnsviadukt zu Lëtzebuerg. Jeeweils nom Modell 1.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen zur Froestonn un d'Regierung. Déi éischt Fro gëtt vum Här Mars Di Bartolomeo un de Statssekretär fir den öffentlechen Déngscht gestallt a betrëfft den Accord salarial a puncto Établissements publics. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

5. Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 370 du 16 mars 2004 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant la transposition des dispositions contenues dans le dernier accord salarial pour les établissements publics, adressée à Monsieur le Secrétaire d'État à la Fonction publique et à la Réforme administrative

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bis haut ass e wesentleche Volet vum Accord salarial mat der Fonction publique vum 21. Mäerz 2002 net ëmgesat. D'Regierung hat mat der CGFP ofgemaach, dass an alle bestoenden an nach ze schafenden Établissements publics d'Personal net méi, wéi dat haut de Fall ass, de Statut privé, dee vum Privatbeamten, géif kréien, mä d'Personal géif fonctionariséiert ginn, also de Fonctionnairesstatut kréien.

D'CGFP huet sech an der Zwëschenzäit e puermol batter beschwéiert, dass deen zentrale Punkt vum Accord salarial net géif applizéiert ginn an huet oppe vun engem Vertragsbroch geschwat.

Den 21. Oktober hat ech d'Fro un de Statssekretär an der Fonction publique gestallt, wéi et mat der Emsetzung vun deem doten Accord géif stoen. De Statssekretär huet eis deemools hei an der Chamber gesot, d'Regierung géif de 14. November Propositione vun him kréien a si géif dann doriwwer decidéieren. Zënterhier sinn e puer Méint an d'Land gaangen a mir mengen, dass dat, wat de Statssekretär eis deemools versprach hat, dass nodeem e seng Kolleegeen informéiert hätt, en och d'Chamber géif informéieren, dass dat elo un der Zäit wär, an dofir wollt ech vum Statssekretär wësen, wéi d'Regierung dann elo deen Accord salarial géif ëmsetzen. Hält se sech dodrun, dass an Zukunft wéi versprach bei allen Établissements publics, ob se bestinn oder ob se geschaaft ginn, de Statut public fir d'Personal géif agefouert ginn, oder kënn et zu enger eesäiteger Emännerung vun deem doten Accord?

Mir wäer ganz frou, wa mer Kloerheet hätten, well am Moment si mir amgaang monter nei Établissements publics ze schafen, an dofir wär et wichteg, dass ee wéisst wou ee mam Personal drun ass.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statssekretär Jos Schaack.

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'État à la Fonction publique et à la Réforme administrative.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung ass sait geraumer Zäit amgaang eng Instruction gouvernementale ze elaboréieren, déi eng Ligne de conduite an allgemeng Regele bei der Kreatioun vun Établissements publics soll fixéieren.

Dëse Punkt stong eng éischte Kéier um Ordre du jour vum Conseil de Gouvernement vum 14. November 2003, ass awer eréischt de 5. Dezember diskutéiert ginn.